- HERBER, Hans-Jörg (1983): Innere Differenzierung im Unterricht. Stuttgart: W. Kohlhammer.
- HEYER, Peter/VOIGT, Erwin (1974): Differenzierung in der Grundschule. Reformen ohne zusätzliche Investitionen bleiben Scheinreformen. Sechs Thesen. IN: Redaktion betrifft: erziehung (Hrsg.): Thema Grundschule. Weinheim/Basel, Beltz Verlag, S. 41-52.
- HUG, Theo/POSCHESCHNIK, Gerald (2010): Datenerhebung und Datenaufbereitung. IN: Hug, Theo/Poscheschnik, Gerald: Empirisch Forschen. Die Planung und Umsetzung von Projekten im Studium. Wien: Huther & Roth, S. 99-110.
- KAUFMANN, Susan (2007): Heterogenität und Binnendifferenzierung im DaZ-Unterricht. IN: Kaufmann, Susan/Zehnder, Erich/Vanderheiden, Elisabeth/Frank, Winfried: Fortbildung für Kursleitende Deutsch als Zweitsprache. Band 1. Migration. Interkulturalität. DAZ. Ismanig: Hueber, S. 186-214.
- KRUMM, Hans-Jürgen/u.a. (Hrsg.) (2010): Deutsch als Fremd- und Zweitsprache. Ein internationales Handbuch. Halbband 1. Berlin: de Gruyter Mouton.
- LANIG, Jonas (2012): Differenzierung im Klassenzimmer. Methoden gegen die Uniformität des Lernens. Berlin/Stuttgart: Raabe Fachverlag für Wissenschaftsinformation.
- MAYRING, Philipp (2004): Qualitative Inhaltsanalyse. IN: Flick, Uwe/Von Kardorff, Ernst/Steinke, Ines (Hrsg.): Qualitative Forschung. Ein Handbuch. Reinbek: Rowohlt, S. 468-475.

- MEMPEL, Caterina/MEHLHORN, Grit (2014): Datenaufbereitung: Transkription und Annotation. IN: Settinieri, Julia/Demirkay, Sevilen/u.a. (Hrsg.): Empirische Forschungsmethoden für Deutsch als Fremd- und Zweitsprache. Eine Einführung. Paderborn: Ferdinand Schöningh, S. 147-166.
- MIETHE, Ingrid (2010): Forschungsethik. IN: Friebertshäuser, Barbara/Langer, Antje/Prenzel, Annedore (Hrsg.): Handbuch qualitative Forschungsmethoden in der Erziehungswissenschaft. Weinheim: Juventa, S. 927-937.
- PAPE, Martin (2016): Didaktisches Handeln in jahrgangsheterogenen Grundschulklassen. Eine qualitative Studie zur Inneren Differenzierung und zur Anleitung des Lernens. Bad Heilbrunn: Verlag Julius Klinkhardt.
- RIEMER, Claudia (2014): Forschungsmethodologie Deutsch als Fremd- und Zweitsprache. IN: Settinieri, Julia/Demirkay, Sevilen/u.a. (Hrsg.): Empirische Forschungsmethoden für Deutsch als Fremd- und Zweitsprache. Eine Einführung. Paderborn: Ferdinand Schöningh, S. 15-31.
- SETTINIERI, Julia (2015): Forschst du noch, oder triangulierst Du schon? IN: Elsner, Daniela/Viebrock, Britte (Hrsg.): Triangulation in der Fremdsprachenforschung. Frankfurt am Main: Peter Lang, S. 17-35.
- SCHMELTER, Lars (2014): Gütekriterien. IN: Settinieri, Julia/Demirkay, Sevilen/u.a. (Hrsg.): Empirische Forschungsmethoden für Deutsch als Fremd- und Zweitsprache. Eine Einführung. Paderborn: Ferdinand Schöningh, S. 33-45.
- SCHOLZ, Ingvelde (Hrsg.) (2008): Der Spagat zwischen Fördern und Fordern. Unterrichten in heterogenen Klassen. Göttingen: Vandenhoeck & Ruprecht.
- STEINKE, Ines (1999): Kriterien qualitativer Forschung. Ansätze zur Bewertung qualitativ-empirischer Sozialforschung. München: Juventa.
- STEINKE, Ines (2004): Gütekriterien qualitativer Forschung. IN: Flick, Uwe /Von Kardorff, Ernst/Steinke, Ines (Hrsg.): Qualitative Forschung. Ein Handbuch. Reinbek: Rowohlt, S. 319-331.

SCHWERDTFEGER, Inge C. (2001): Gruppenarbeit und innere Differenzierung. Fernstudieneinheit 29. München: Goethe-Institut.

TEXTOR, Annette (2007): Analyse des Unterrichts mit „schwierigen“ Kindern. Hintergründe, Untersuchungsergebnisse, Empfehlungen. Bad Heilbrunn: Julius Klinkhardt.

TRAUTMANN, Matthias/WISCHER, Beate (2011): Heterogenität in der Schule. Eine kritische Einführung. Wiesbaden: Springer Fachmedien.

WAGNER, Werner (1973): Die innere Differenzierung des Unterrichts als Problem der pädagogischen Psychologie. Eine empirische Untersuchung an Schülern der vierten Schulstufe. Wien: pädagogischer Verlag Eugen Ketterl.

WINKELER, Rolf (1979): Innere Differenzierung. Begriff, Formen und Probleme. Ravensburg: Otto Maier.

Internetquellen:

HOFFMANN, Ludger (O.J.) :

<http://home.edo.tu-dortmund.de/~hoffmann/ABC/DAZ.html> (abgerufen am 09.06.2016)

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg: Grundschule Zyklen 1 bis 4. Kompetenzraster und Entwicklungsstufen (O.J.):

<http://www.men.public.lu/catalogue-publications/fondamental/apprentissages/documents-obligatoires/niveaux-competences/de.pdf> (abgerufen am 08.05.2016)

men.lu (2006):

<http://www.men.public.lu/catalogue-publications/themes-pedagogiques/enseignement-langues/schriftspracherwerb/de.pdf> (abgerufen am 11.04.2016)

STATEC (2013a): Luxembourgish Education System:

<http://www.statistiques.public.lu/en/publications/theme/social-conditions/enseignement-en-chiffres/enseignement-en-chiffre-EN.pdf> (abgerufen am 12.05.2016)

STATEC (2013b): Hauptsprache:

<http://www.statistiques.public.lu/catalogue-publications/RP2011-premiers-resultats/2013/17-13-DE.pdf> (abgerufen am 12.05.2016)

STATEC (2013c): Umgangssprache(n):

<http://www.statistiques.public.lu/catalogue-publications/RP2011-premiers-resultats/2013/13-13-DE.pdf> (abgerufen am 12.05.2016)

STATEC (O.J.): Emploi:

http://www.statistiques.public.lu/stat/TableView/tableView.aspx?ReportId=7252&IF_Language=fra&MainTheme=2&FldrName=3&RFPath=92 (abgerufen am 12.05.2016)

Bilder:

Schoul Useldeng (O.J.): MILA Anlauttabelle:

http://w3.restena.lu/primaire/useldange/mila/anlaut/anlaut_d.jpg (abgerufen am 11.04.2016)



universität
wien

Anhang

Zur Masterarbeit

Wer alle gleichbehandelt, behandelt niemanden richtig.
Binnendifferenzierter DaF-Unterricht im ersten Schuljahr in Luxemburg

verfasst von

Anne Hirsch, BA

angestrebter akademischer Grad

Master of Arts (MA)

Wien, 2016

Studienkennzahl lt. Studienblatt:

A 0803007

Studienrichtung lt. Studienblatt:

Masterstudium Deutsch als Fremd- und Zweitsprache

Betreut von:

Univ.-Prof. Dr. Karen Schramm

Inhaltsverzeichnis

<i>I.</i>	<i>Datenerhebung</i>	<i>1</i>
A.	Unterrichtsbeobachtungsbogen	1
B.	Interviewleitfaden	4
<i>II.</i>	<i>Transkripte</i>	<i>5</i>
A.	Interview 1	5
B.	Interview 2	30
C.	Interview 3	48
D.	Interview 4	80
E.	Interview 5	97
<i>III.</i>	<i>Ausgefüllte Beobachtungsbögen</i>	<i>116</i>
A.	Beobachtung 1	116
B.	Beobachtung 2	121
C.	Beobachtung 3	124
D.	Beobachtung 4	129
E.	Beobachtung 5	133
<i>IV.</i>	<i>Aufgabenbeispiele</i>	<i>136</i>
A.	Wochenplan 1 – normale Version	136
B.	Wochenplan 1 – lite Version	138
C.	Wochenplan 2 – normale Version	140
D.	Wochenplan 2 – lite Version	143
E.	Wochenplan 3 – normale Version	146
F.	Wochenplan 3 – lite Version	151
G.	Wochenplan 4 – normale Version	155
H.	Wochenplan 4 – lite Version	158
<i>V.</i>	<i>Abstract</i>	<i>162</i>

I. Datenerhebung

A. Unterrichtsbeobachtungsbogen

Beobachtungsbogen: Binnendifferenzierung

Bei _____

Sitzplan

Am _____

Uhrzeit _____

TN-Zahl _____

unterschiedliche Erstsprachen:

Fehlende TN _____

Klassenstufe _____

LehrerInnenverhalten:

Gruppendynamische Prozesse werden: ☐ übersehen ☐ wahrgenommen ☐ angesprochen ☐ verschwiegen ☐ andere:

Lernende werden einbezogen: ☐ alle ☐ einige ☐ nur die Lauten ☐ auch die Stillen ☐ immer die Gleichen ☐ andere:

Lehrersprache: ☐ moderierend ☐ ermunternd/freundlich ☐ abschweifend ☐ steuernd ☐ monoton ☐ dramatisierend

Verständlich					Unverständlich
Altersgemäß					Nicht altersgemäß
Anspruchsvoll					Anspruchslos
Klar					Unklar, wirr
Dominant					zudeckend

LehrerInnenverhalten nonverbal:

Hektisch					Ruhig	Entmutigend					Bestärkend
Schleppend					Zügig	Stark führend					Schülerbeiträge aufnehmend
Sprunghaft					Planvoll	Müde					Enthusiastisch
Unbeweglich					Variabel	Gestisch arm					Gestisch reich
Lähmend					Stimulierend	Medial nicht unterstützend					Medial unterstützend
Unaufmerksam					lebendig						

Korrekturverhalten: ☐ fremdinitiierte Fremdkorrektur ☐ selbstinitiierte Fremdkorrektur ☐ fremdinitiierten Selbstkorrektur
☐ selbstinitiierte Selbstkorrektur

Unterrichtsphase	Differenzierungsaspekte					
	Stoffumfang	Zeitaufwand	Schwierigkeitsgrad/ Unterstützung	Thema	Anzahl der Durchgänge	Geschlossen vs. Offene Aufgaben
Einführung/ Motivation						
Problemlösung						
Festigung						
Anwendung						
Unterrichtsphase	Differenzierungsaspekte					
	Methoden	Medien	Sozialformen: frei/ vorgegeben wählbar	Berücksichtigung Individuelle Lernstile	In den Lernhilfen	In der Zuwendung
Einführung/ Motivation						
Problemlösung						
Festigung						
Anwendung						

Weitere Anmerkungen:

B. Interviewleitfaden

1. Warum wollten Sie überhaupt LehrerIn werden? Erzählen Sie doch mal!
2. Seit wann sind Sie LehrerIn?
3. Wo haben Sie studiert? Wie war ihr Studium aufgebaut?
4. Wann haben Sie das erste Mal von Binnendifferenzierung gehört? Was war ihr erster Eindruck?
5. Wie wurde das Thema während Ihres Studiums behandelt (nur theoretisch, mit Praxisbezug, kurz/lang)? War dies ausreichend? Wie wurde es in Fortbildungen behandelt?
6. Wie heterogen ist Ihre Klasse? (Niveaus, Sprachen, Alter, ...)
7. Wie schaut Ihr Unterricht jetzt aus? Wie früher?
8. Konkret: Wie wird die Binnendifferenzierung in Ihrem Unterricht umgesetzt? Mit welchem Ziel? Wie wichtig ist es Ihnen persönlich?
 - a. Welche Arten der Differenzierung wenden Sie an? In welcher Unterrichtsphase passiert dies?
9. Worin liegen die Probleme und die Grenzen der Binnendifferenzierung?
 - a. Wie wird es von den SchülerInnen aufgenommen? Bemerken Sie einen Unterschied?
10. Haben Sie Verbesserungsvorschläge?
11. Gibt es einen Punkt, den Sie unbedingt einmal ausprobieren wollen würden, im Hinblick auf einen binnendifferenzierten Unterricht?
12. Wie schaut der KollegInnenaustausch aus?
13. Hätten Sie Tipps für andere Lehrkräfte?
14. Haben Sie Wünsche an das Studium oder Weiterbildungen hinsichtlich der Binnendifferenzierung?

Eindrücke:

Hat das Gespräch in der Form stattgefunden, wie es von mir geplant war? Habe ich mich sicher/unsicher gefühlt? Hat sich die Erzählperson sicher/unsicher gefühlt?

II. Transkripte

A. Interview 1

Datum der Aufnahme: 13.4.2016

Ort der Aufnahme: Medernach

Dauer der Aufnahme: 50 Minuten

I = Interviewerin

A = Person A, ursprünglich geplanter Interviewpartner

J = Person J, Lehrkraft

N = Person N, Lehrkraft

I Maja wëlle mer einfach mol ufänken. Wisou bass de iwwerhaapt Schoulmeeschter ginn? #00:00:15-3#

A @---@ #00:00:10-9#

I Dann ziel einfach mol! Wat ass? #00:00:10-2#

A ehm @---@ well ech gär, weess de ass déi typesch Äntwert, well ech gär matt Kanner schaffen. Ech weess et net. Well et ofwiesslungsräich ass. #00:00:31-9#

I Keng classesch Bürosaarbecht? #00:00:27-7#

A Jo #00:00:29-2#

I @--@ #00:00:31-5#

A Well ech sou gesinn mäin Chef sinn amfong. #00:00:37-8#

I Bass de et dann och? #00:00:15-4#

A Jo usech schonn. Op engem gewëssenen Dingen schonn. Ech mengen hei a mengem Sall, eh, hei am Gebai hunn ech amfong keen..Mir sinn eng Equipe zesummen, jo, wou een sou no dem aneren, mee usech sinn mer awer eisen Chef. Weess de ech kann awer decidéieren ech well lo dat dot man, ech well lo dat doten man. #00:01:00-2#

I Ok jo. Bass dann frei. Dat ass cool. Säit wéini bass du lo well? #00:00:53-7#

A Ohh sechs Joer. #00:01:09-2#

I Sechs Joer. Wou hues du studéiert? #00:01:10-0#

A eh zu Walfer, Uni.lu #00:01:11-2#

I Uni.lu. [kurze Aufschreibepause] Do muss een den komeschen Agangstest man. Oder? #00:01:21-7#

A Jo. #00:01:19-8#

I Ass den nach ëmmer sou komesch? #00:01:24-4#

A Ech mengen den ass nach mëttlerweil vill méi komesch. #00:01:24-8#

I wierklech @--@? #00:01:15-0#

A Ech hat Däitsch, Franséisch, an Lëtzebuergesch, hat ech. An mëttlerweil ass och, sinn och Science dobäi an Englesch -- #00:01:29-6#

I ok #00:01:30-2#

A -- fir ze siften, wann ech mech net ieren. #00:01:33-8#

I Wow. Ech krut eng Kéier gesot se missten een Rezept opschreiwen. #00:01:35-1#

A Jo dat kann sinn jo. #00:01:36-5#

I @--@ #00:01:37-4#

A jo mee dat sinn sou Examen, wou vill Saachen gefrot ginn, an et ass net alles relevant fir sie, weess de, et ass och fir dech bëssen ze testen, wei weit s de st, also jo, stressresistent do bass. #00:01:52-0#

I ok. wei war dän Studium sou opgebaut? Also, wanns de et nach weess? @--@ #00:01:57-2#

A Dat do héiert jo nie iergendeen?

I Nee nee ass nëmmen fir mech! #00:02:02-0#

A Also zimlech scheiß wierklech #00:02:03-6#

I ok #00:02:04-2#

A well ech och nach, ech war déi zweet Promotioun vum neien System einfach, also wei Uni.lu war nom Iserp eben 4 Joer gesat ginn ass an.. #00:02:10-2#

I jo #00:02:10-8#

A viles war a l'impro, wous de och mierks, wou sie einfach nach net, weess de wou einfach net laangfristeg genuch geplangt war, wei maache mer wat maache mer, et war ganz vill Theorie, et war zum Beispill, mir hunn zum Beispill an deenen 4 Joer quasi net eng kéier een Schoulprogramm opgemaach, Mila-Programm oder sou eh #00:02:33-9#

I ok #00:02:33-9#

A et war ganz --- #00:02:37-3#

I Ass dat dann haut anescht? weess de dat vleischt? #00:02:40-0#

A Ech mengen net wierklech, also et ass, et sinn verschidden Saachen, wou se eben verbessert hunn, wou se am gaange sinn ze änneren oder sou, mee sou en gros ass et nach ëmmer mengen ech bëssen méi..bon mir haten och ëmmer Stagen gell, mir haten och Stagen vun, all Tri, also du has all Semester Stage, ech mengen am Ufank di éischt 2 Semesteren waren et 3 Wochen, 2 Wochen an herno waren et ëmmer, ech mengen am läschte Joer waren et 6,8 Wochen all Semester. Also du waars schonn relativ, du waars schonn an de Stage gaang, mee ehm et ass awer, ech weess vun enger Aarbechtskollegin, wou d´Meedchen och lo dëst Joer schonn am drëtten oder véierten Joer zu Walfer. Ech héieren nach ëmmer déi nämlecht Denger wei bei bei eis. Et ass.. #00:03:21-6#

I Wat géings de dann soen, wanns de sou am Prozentsaz Theorie zu Praktesch..weivill wäert dat dann ongeféier sinn? #00:03:26-8#

A Theorie zu Praktesch? [lautes Ausatmen] #00:03:28-5#

I jo #00:03:28-9#

A Ffff, wei nen-, also Theorie lo einfach Uni soen ech an Praktesch Stage? Oder #00:03:33-7#

I Jo oder einfach Saachen, wierklech su an der Praxis austesten, jo dat ass. jo dann den Stage. #00:03:38-1#

A jo -- #00:03:40-5#

I Wat mengs de weivill? #00:03:41-6#

A 20, 80 géing ech lo mol soen #00:03:43-4#

I dat heescht Theorie 80? #00:03:45-1#

A jo #00:03:39-0#

I ok #00:03:46-2#

A jo #00:03:46-7#

I Ah ass. schonn vill, woubäi Praxis ass. dach dat wichtegst oder? #00:03:52-7#

A Jo also et ass och, ech soen dat ouni och do [nicht verstanden], an den Stagen hunn ech eppes geleiert zu Walfer net su ganz wierklech vill #00:04:01-4#

I jo #00:04:01-8#

A Stagen an eben déi éischt Joer wous de schafft, weess de do #00:04:07-3#

I jo. learning by doing #00:04:08-1#

A jo. du leiers all, also ech leieren och lo nach bei, dat ass. ëmmer #00:04:12-8#

I ok. Wéini hues de dann déi éischte Kéier vun Binnendifferenzeierung héieren?
#00:04:17-2#

Beide @--@ #00:04:18-9#

A Ech soen lo mol einfach dat éischt Joer Walfer, oder Bréissel, ech hat jo amfong
schonn, schonn ee Joer Bréissel ah jo och schonn diff-Binnendifferenzeierung éischt
oder zweet Joer Walfer, sou #00:04:29-3#

I [positive Zustimmung] Kanns de dech nach un iergendeppes erënneren? Huet et
iergendeppes hannerlooss bei dir? #00:04:35-5#

A pff.. jo jo.. #00:04:36-1#

I oder ass dat sou komm a gaang? #00:04:39-5#

A Éischer sou komm an.. #00:04:39-5#

I @--@ #00:04:39-5#

A jo also ech kéint der sou grob, also wanns de mech lo frees wat ass
Binnendifferenzierung, kann ech der grob dat iergendwéi, weess de beschreiwen,
erklären, mee méi awer och net gell #00:04:50-8#

I Et huet näischt hannerlooss bei dir? #00:04:52-1#

A Nee #00:04:52-9#

I An herno an der Praxis hues de et do nach iergendwann nach eng Kéier?
#00:04:55-5#

A Majo éischer an der Praxis bei hinnen net. #00:04:58-0#

I Dat heescht su Theorie war komplett

A jo

I laanschtgezunn an an der Praxis

A jo, jo

I dunn opgefall? #00:05:02-4#

A jo #00:05:03-4#

I ok. weess de dann nach vielleicht weis de dat am Studium, wei dat behandelt gouf?

Also lo? #00:05:11-5#

A [verneinendes Kopfnicken]
#00:05:11-7#

I Keng Erënnerungen méi? Dat heescht wahrscheinlech haaptsächlech Theorie?
#00:05:15-7#

A jojo, jojo, absolut. #00:05:20-4#

I Mengs de, also... #00:05:20-6#

A Jo unhand vun iergendwellechen Texter, a su Beispiller. ech weess et net méi
#00:05:27-4#

I @--@ eehm #00:05:29-3#

J ze laang hier, do hätt ech zwar näischt gewosst dat doten. #00:05:39-4#

I ech géing dann mol frei interpretéieren, dass dat net duer gaang ass wats de
geleiert hues? #00:05:43-1#

A nee, nee, respektiv et war och vill zu Walfer, d'Art a Weis, wei sie eis dat
présentéiert hunn, huet der schonn keng Loscht drop gemaach, an den Moment
#00:05:56-8#

J Bass du op der Uni hei? #00:05:47-0#

I Nee ech sinn zu Wien op der Uni. #00:06:01-5#

A Et mëscht eng Aarbecht iwwert Binnendifferenzierung #00:06:04-4#

J Ech sinn ëmmer nëmmen iwwerrascht wei d'Leit ëmmer op déi Themen kommen,
vun wou all déi Themen kommen fir är Masteraufgaben #00:06:13-6#

I Ma ech stoung vrun enger Klass, an do waren sou grouss Ënnerscheeden, an ech
sollt do lo ënnerriichten an dunn wosst ech mol, ok wei man ech dat, sou sinn ech un
Thema komm. Well mir hunn et op der Uni selwer och nie wierklech behandelt, dofir
ech hunn lo keng Ahnung. Ech setzen mech lo säit engem gudden hallwen Joer
domadder auserneen, an dofir #00:06:31-7#

J Ech wéisst net op wat firengen Unien dat behandelt gëtt, well hei zu Lëtzebuerg
och net #00:06:36-6#

I Bon ech weess, ech hunn vun engem wat eben grad studéiert och, an hatt huet
gesot, se ginn awer zimlech, theoretesch kréien se vill Input an sie sinn all genervt
vun dem Thema, mee den Input gëtt ran an rëm raus #00:06:49-0#

A Et ass dat ne. Et sinn och verschidden Saachen do kriss de eben sou vill...
#00:06:53-1#

J Vielleicht déi prakteschst Art a Weis fir sech drun ze gewinnen, dat ass su bëssen dat wat ech an der Ausbildung hat, dat ass jo schonn puer Joer hier. An dann war ech ëmmer su op klengen Dierfer, ech hunn an der Belge studéiert. Maja dann has de eng Klass, dann has de dat véiert bis sechst Schouljoer op engem Duerf. weess de su 10 Kanner, véiert bis sechst, sou leiart een et eben dann. An mir haten dréi Joer laang nëmmen sou Stagen. Du has ëmmer zwou Klassen, also ech mengen ech hat keen Stage, wou ech just eng Klass hat, dat heescht du has der ëmmer vill du hues ëmmer... #00:07:21-9#

A Mee du leiers an dems du och mëss einfach méi, also #00:07:26-0#

I Mee et wier awer méi einfach gewiergt wann een awer schonn ee gewesst Basiswëssen hätt, wann een Beispiller hätt, wann een konkret Saachen hätt #00:07:33-8#

A Joo hat een dann och den Moment mol vleischt sou mee jo [zu anderer anwesender Lehrkraft:] he Z zu Walfer Binnendifferenzierung, wat ass bei dir dovunner nach hänken bliwwen?[nicht transkribiert, nicht wichtig und schwer verständlich] #00:07:53-9#

J Kéint der mol net soen, ob wat een do misst, watfireng Fachbegrëffer do wichteg sinn, et ass immens schwéier, et weess een jo net watfireng Niveauen dass de hues, an #00:08:02-5#

I Jo mee dass jo awer op all Niveau, ech mengen du hues nie eng komplett homogen Klass #00:08:07-1#

J Dat ass richtig jo #00:08:07-7#

A Jo et gëtt ëmmer manner #00:08:09-3#

I Jo eben dofir. An.. #00:08:10-7#

J Ech weess net wei sie et kennen a punkto Wëssen vermëttelen. Sie kennen et, denken ech um Niveau vum Klassenorganisation, sou Klasse Gerance, wei geréiers de deng Klass. Well dono wei ech zu Dräibuer geschafft, do hunn ech dat och missen man, do hat ech ëmmer ënnerschiddlech Niveauen, he. Dat heescht do hues de gekuckt, dass de iergendwéi dréi bis véier Titularen an der Klass hues de missen hunn, ech war awer nëmmen den eenzegen do. Dat heescht ech hunn mer der dréi fiktiver missen sichen. Den zweeten war den Computer, dat heescht ech hat ëmmer een Grupp um Computer setzen. Den drëtten war ëmmer een vun deenen stärkeren Schüler déi ech hat an der Klass, den huet dann e Grupp geleet, an den véiert war liesen, alles wat su bëssen domadder zesummen hänkt. Dat heescht ech als Haaptleeder, ech hunn ëmmer permanent véier Niveauen gehat, dat heescht du hues der missen fiktiv, hues de dir der missen sichen an ehm, dat keinst de vielleicht leieren. weess de wei mëss de dat, wanns de eleng bass als Titulaire, wei kanns de d'Klass dann awer funktionéieren doen, dass Kanner net permanent bei dech gelaf kommen? An dass et funktionéiert, an dass du just brauchst su rondrëm ze goen. #00:09:17-5#

A Dat ass jo wei mir dat man hei. #00:09:24-9#

J Hues du deng Jackett vergiess? [vierte Person betritt den Raum, Thema wurde kurz nicht behandelt] #00:09:46-4#

I Wei heterogen ass deng Klass iwwerhaupt? Also vun Alter, Sproochen, Niveau #00:09:53-7#

A Ffff..Alter eigentlich alleguer 6-7, also am normalen, außer eent, wat lo den Cycle verlängert, wat lo nach 7 ass, wat awer geschwënn 8 Joer misst kréien. [zu anwesender Lehrkraft]: ass et sou, am drëtten kréien. se der 8, [Antwort: - Jo]. Bon fir de Rescht, se sinn zwar vum Alter wann ech lo sou wann ech genau Datumer kucken, déi eng sinn, et sinn der awer déi sinn bal 12 Méint auserneen, gell. 11 Méint, dat ass einfach, wann een verspillt an sou, mee vum Alter hier sinn se all 6-7 Joer. Ehm vum, wat has de nach gefrot, Sproochen? Ehm letzeboieg zimlech wéineg doheem, ehm portugisesch déi meeschten, an dann, ech hunn dëst Joer am fong keen. Brasilianesch ass jo och portugisesch am fong. Hunn ech net nach een, ah dann hunn ech nach een den Englesch schwätzt doheem. Dat sinn amfong lo déi, ech hunn der dëst Joer net sou vill verschidden Sproochen, jo. #00:11:04-0#

I An dann nach vun den Niveauen ongeféier? Also su grob? #00:11:05-6#

A Dat ass ëmmer schwéier soen. Niveau, jo ganz ënnerschiddlech. Nee ech kann der lo net soen, sou vill Niveauen, oder et ass bëssi, jo wanns de lo anhand vum Wocheplang kucks, soen ech lo mol dréi Niveauen. #00:11:23-0#

I Du has jo am Budenberg, do häss de jo eng riesen Scheier tëscht den Niveauen, has de virdrun erzielt. #00:11:31-0#

A jo et ass vill, jo, déi eng sinn nach matt lautgetreien Wieder amgaangen, déi dinn sech do schwéier, aner liesen der. Du hues jo och gesinn wei se Geschicht virgelies hunn, déi eng liesen dat wierklech schonn wei, ech weess net wat, déi liesen schonn richtig gutt an fléissend, déi anerer sinn nach, déi lauteieren nach an jo. Niveau ass schonn grouss grouss, an Scheier gëtt ëmmer méi grouss #00:12:01-3#

I Du has gesot, du hues virum Wocheplang has de och normal, also wei fréier ënnerriicht? Kanns de mer kuerz beschreiwen wei dat sou ausgesinn huet? #00:12:11-6#

A Wat heescht normal? Do hate mer een Buch, also mir haten een Rechebuch, mir haten, hate mier am Däitschen och een Buch? Ehm jo ech soen lo mol einfach mir haten Bicher, Däitsch Rechnen an Franséisch, eh hate mer Bicher, an du hues dann eben ech soen lo net Säit fir Säit gell, du hues dat schonn präparéiert an gekuckt, lo man ech dat lo man ech dat, mee du has awer eppes wous du dech konns méi drun unhalen am fong. An dat dann, d´Stonnen waren och méi klassesch festgeluecht, dass mer gesot hunn lo man mer rechnen lo man mer franséisch lo man mer däitsch. #00:12:46-6#

I Wat dat dann och dann méi frontal, oder? #00:12:49-5#

A jo #00:12:50-7#

I Alles méi su am Plenum, an der grousser Grupp? #00:12:53-4#

A Net just mee awer méi wei lo. #00:12:58-6#

I An kanns de och nach eng kéier kuerz beschreiwen, wei et haut ass? Also lo mam Wocheplang, weis de dat mëss? Wats de mir schonn alles déi ganzen Zäit, jo ech weess.. #00:13:09-7#

A D´Idee, Grondiddi war am fong jo, dat mer su Kanner matt, ech soen lo mol Léierschwieregkeeten, éischter ze detektéieren, respektiv fir vielleicht, besser kennen drop anzegoen, wells de eben méi, awer méi differenzéiert konns schaffen, op méi Niveauen. eh jo, all Woch een neien Wocheplang, an der Regel en anert Thema. Ëmmer alles su un Themen. Et ass ëmmer ee grousst, een Wochentext an d´Aufgaben déi orientéieren sech am fong alleguer un dem Text sou weit et geet. Ehm wat kann ech dann nach soen. #00:13:50-8#

I Weivill Aufgaben sinn et dann ëmmer ongeféier? #00:13:52-6#

A Jo vun deenen déi se schreiwen, dat hänkt ëmmer dovunner of. Ech soen lo mol grob tëscht 10 an 15, an dann nach déi Atelierien, sinn der ëmmer nach tëscht 5 an 10, dat hänkt ëmmer bëssen dovunner of. #00:14:04-8#

I An déi sinn dann an deenen zwee Reim verdeelt? #00:14:07-5#

A jo. an d´Iddi ass eben, sie voila mir feieren een Text Méindes an, an dann kennen sie sech sou gesinn d´Aufgaben selwer eraussichen déi sie, matt deenen sie wëllen ufänken. An dann ginn et eben déi Regeln, eng Aufgab déi ugefaang ass, muss fäerdeg gemaach ginn, sie däerfen matt engem Partner zesummen, awer jo, wei ech de Moien gesot hunn, hëllefen ass net soen. Sie däerfen net zu méi wei zu zwee. An dann eben och all déi Saachen matt der Kaart, matt der Käertchen

I déi rout

A dass se déi müssen weisen. D´Funktionnement, dass dat ganz e bëssen, ehm jo, et ass eben strukturéierten Chaos. Et ass ëmmer, et wierkt dann ëmmer sou chaotesch, mee am fong muss et awer geplangt an strukturéiert hunn, well soss -- #00:15:03-7#

I An wei gesäit dann do duerch deng Virbereedung aus, oder deng, wat mëss de ausserhalb vun der Klass? #00:15:13-0#

A Ma mir setzen eis dohinner, an sichen virdeischt mol een Thema. Lo soe mer mol mir maachen nächst Woch d´Thema Otchis, dann kuckt mol virdeischt jiddwereen wat hunn ech dozou vun den Joeren virdrun an respektiv wat hunn ech doheem. Dann schreiwe mer eng Geschicht oder mir fannen eng Geschicht an voila, mir schreiwen, mir fannen se. An dann mir hunn jo ëmmer su zimlech die nämlecht Aufgabemodeller su an den Wochepläng, sou richtig-falsch, kennen Sie, kennt quasi

all Woch rëm. An dann nach Groß- und Kleinschreibung, et sinn eben ëmmer su Modeller déi sech widderhuelen, dass sie och, sie gesinn och direkt, sie wëssen och schonn wat ze man ass. Et ass lo net all Woch tonnen nei Aufgabenmodeller, wou sie dann net wëssen wei wat wou. Jo an dann maachen mir déi Aufgaben zu den Thema eben, mir präparéieren dat dann, mir man dat vun tippen, Computer, Layout, drucken. Ehm an dann setzen ech mech dohinner an dann kucken ech an dann soen ech hei dat do, ehm feieren mer lo nei an, hei ass lo eppes neies anzeféieren, an dann präparéieren ech mer déi Stonnen, bëssen schrëftlech schreiwen ech mer op wei kann ech..mir man dat och deelweis nach zesummen, dat hänkt dovunner of, ehm jo. Dat ass mol sou den Dengen. An dann bëssen opschreiwen, wéini man ech wat, wéini feieren ech wat an. Et ass eben alles eng Saach vun Organisatioun. Also jo #00:16:35-4#

I Wat mongs de dann weivill Stonnen ongeféier, wäerts de do pro Woch? #00:16:40-7#

A Fir ze präparéieren lo oder wat mongs de? #00:16:41-4#

I Och matt verbesseren an alles? Wat schätz de? #00:16:43-7#

A Ohhh..schwéier soen, ech soen lo mol an der Moyenne nach eng Kéier su 2-3 Stonnen den Dag. An dann den Weekend. Lo sinn ech sou weit, ech probéieren ëmmer sou weit et geet mäin Weekend frei ze hunn, dat heescht Freides dat meescht gemaach ze hunn. Et geet net ëmmer mee ech soen lo mol einfach pi mal Daumen. Ech soen allez hepp su zwescht 10 an 20 Stonnen an der Woch awer demonowei nach. Et hänkt ëmmer bëssen dovunner of, zum Enn vum Trimester ass et natierlech méi, do hu mer Eltregespraicher déi dobäi kommen, deis de muss präparéieren. Lo Wocheplang verbesseren, Verbesseren all Dag eng Stonn, an dann nach eng Kéier, Präparéieren, den Owend setzen ech mech dann nach eng Kéier dohinner. Ech hunn den Eveil nach net wierklech präparéiert fir des Woch, dat kucken ech herno eng Kéier. #00:17:34-3#

I An wat mongs de dann am Verglach zu fréier, weivill Stonnen has de dann do? #00:17:38-3#

A et ass schwéier soen, well ech net, ech hat keng Klass, ech war net Titulaire. Ech well lo net soen, dass lo hei méi man oder manner man. Ech géing soen, dass et ongeféier nämlecht. Et ass eng aner Art a Weis eben ze schaffen. tass, wanns de méi klassesch schafft, hues de vielleicht éischter den Risiko, sou een wei ech, den mol gär sou eppes, ech soen lo mol op mar verschiebt an bëssen méi schwëmmt am Dengen, hues de gär Tendenz fir dann ze soen, fir dann all Dag dech dohinner ze setzen wat man ech mar, wat man ech mar, wat man ech mar. An sou wei mir lo schaffen hunn ech am fong méi een Weitblick. Also mir müssen vill méi laang am Virus iwwerleeën, mir müssen, mir wëssen lo schonn Themen fir déi nächst 6 Wochen, wat mer maachen, an doduerch sinn ech awer méi, mengen ech, méi strukturéiert an méi ehm #00:18:29-7#

I Dat heescht et hëlleft dir

A méi organiséiert

I grad sou wei dann den Kanner? #00:18:31-5#

A Jo jo op allefall, also dat war och matt een Grond firwat ech dat doten wollt man, well et awer, ech profitéieren och natierlech vum Persoun Y, dat huet e puer Joer méi Erfahrung wei ech, d´Persoun X schafft schonn 20 Joer. Ehm, dovunner profitéiers de well am Ufank. Voila zemools wanns de déi éischt Kéier, wanns de eng Klass, du bass awer, egal du wars an den Stagen, mee du bass op dech gestalt an du muss dat do iergendwéi..et ass ëmmer sou bëssen fannen ech wei #00:18:59-6#

I et ass een klengt Sécherheetsnetz ne? #00:19:00-4#

A Jo an ech fannen, et ass su eng Klass ëmmer sou wei eng Fussballs oder Basketsequipe, weess de du muss. Oder wei sou een Kapitän, keng Ahnung, weess de du muss ëmmer kucken, dass Boot net um oofsaufen ass, dat ass amfong een besseren Verglach. Et ass ëmmer wichteg, d´Boot wackelt all Dag an du bass amfong den um steieren sou an ehm sie kennen zwar, sie droen hiert dozou bei, mee wanns du net strukturéiert bass, an net organiséiert, dat mierken sie an iwwerdréit sech dann op d´Kanner an dann gëtt su den ganzen Klassenklima

I onroueg

A jo #00:19:34-9#

I Sou lo bëssen méi konkret. Wei gëtt Binnendifferenzeierung bei dir ëmgesat. Ass lo ganz grouss gesot mee jo. #00:19:44-8#

A Haaptsächlech, soen ech lo mol sou iwwert d´Material. Su Saachen wei Zahlenmauer, zum Beispill, wou ech hinnen se dohinnerleeën, an ech do ginn ech jo lo net konkret eng, ech soen jo lo net bau lo eng Mauer wou ënnen lauter 1ten sinn, oder sou. Mee ech soen dann, huel mol, bau mol einfach eng Zahlenmauer. Dann hues de een manner staarken, den mëscht ënnen, den fänkt Basis un matt lauter 1ten. Dann hues de een Kand M dat mëscht direkt ënnen, dann huet hatt direkt ënnen déi grouss Zifferen, et ass haaptsächlech am Material. An dann eben an den Aufgaben, looss mech mol iwwerleeën, wei mer do.. Jo an dems ech mol heiansdo zu engem soen, ehm ech weess net wei bei enger Aufgab et sinn 6 Froen ze beäntweren, iwwert den Schrëftlech, an dann soen ech mol bei dem engen du muss déi 6 man an bei dem aneren soen ech no dräi Stéck et ass gutt et ass genuch. Ehm jo, mee mir man also ganz vill am Material, déi Atelieren, usech wou se dann och, voila déi Geschicht matt den Mini-Lücken, do kritt dann een ech soen lo mol een bëssen méi einfachen op sengem Niveau, den aneren kritt een méi schwéieren. Budenberg hänken déi eng bei Erstlesen 2, déi aner sinn bei Zweitlesen fäerdeg. Dat ass eben sou #00:21:08-9#

I Dann och awer vun dir wanns de engem hëllef, bei der Hilfestellung. Wanns de engem een Wuert erklärs? #00:21:13-3#

A Jo zum Beispill och, eh ech soen lo een Kand K wann dat lo sou eng Aufgab huet [blättert im Wochenplan]. Wann mir zum Beispill ech huelen dat doten lo einfach ouni dass Wieder do stinn, dass sie dann sou wei een Schreibwortschatz, wou sie se

mussen schreiwen. Dann sinn sou een Kand M dem schreiwen ech keng dobäi. Dat schreift mir Lama, dat schreift mir Insel. An wann, soen ech mol Lama matt zwee M do steet, dann gëtt dat eben verbessert, mee déi méi schwach hunn dann ënnen eng Këscht wou d'Wierder drastinn. Dat heescht sie müssen se dann liesen an se dann op déi richteg Plaz schreiwen. An usech ass et awer déi nämlecht Aufgab, mir hunn déi nämlecht Wieder, déi eng müssen se eben probéieren mol vun sech aus virdeischt ze schreiwen an déi aner hunn ënnen eben déi Hilfestellung

I an dat ass och eng Art Differenzeierung?

A jojojo. #00:22:13-2#

I Mat wat firengem Ziel differenzéiers de an denger Klass? #00:22:19-5#

A Jiddereen op säin méiglechen ehm beschtméiglechen Niveau ze kréien oder eh jo. Jiddereen iergendwéi am Ufank mol un d'Liesen ze kréien, dat ass jo mol d'Hauptziel, d'Liesen an Schreiwen an eh jo. Dono eben se awer bëssen, ech huelen net gär dat Wuert pushen an den Mond, mee jo dach awer jiddereen, op schein Dengen

I se individuell och kennen ze-

A matt der Zäit gesäis de jo och, wanns de deng Schüler bis kennen leiers, gesäis de jo ween huet Potenzial an notzt et net aus, oder wien ass jo #00:23:06-7#

I Faul an schlau géint net grad sou schlau an dofir awer mega motivéiert #00:23:11-7#

A Voila jo #00:23:14-4#

I An wei wichteg ass et dir perséinlech iwwerhaupt dat Ganzt? #00:23:18-6#

A Also Differenzeierung?

I jo

A Jo dach ech fannen et schonn wichteg, also et war eben och een Grund fir, fir dass ech dat doten gemaach hunn, well ech einfach fannen, wann den ganzen Dag, wei soll ech soen, wann ech mer géing virstellen, wann wei bei mengen, sou ënnerschiddlech Niveauen wei meng Kanner do schaffen, fir ze soen, mir huelen lo alleguerten Buch raus an mir maachen lo déi doten Aufgab. Ech mengen dat geet och an kenger Klass méi, an dat geet och net méi wanns de frontal schafft, soen ech lo mol, an dem Sënn, dat

I man der awer nach vill

A Et sinn der déi et man mee och do mengen ech gëtt dann awer differenzéiert, dann gëtt awer gesot hei maach du mol do net oder sou. Oder du hues eben Kanner do setzen déi kacken dann of, also, die. Dat ass dann awer schonn, also fannen ech schonn wichteg, dass sie net ehm, well awer jiddwereen een Dengen huet, Potenzial

an ehm. Bon net nëmmen d' Liesen ass, wei ech soen lo mol een Kand K ass lo mat dat Haapt, dat Wichtigst, dass hat mol liesen leiert, weess de an do ass lo mol dat mam Schreiwen dat bleift lo mol bëssen un zweeter Stell éischer, gell. Ehm, ech fannen dat schonn wichtig awer jo #00:24:31-3#

I ok dat klenkt extrem theoretesch mee an weierger Unterrichtsphase geschitt dat haaptsächlech déi Differenzeierung? #00:24:38-5#

A Beim Wocheplang #00:24:39-6#

I Just am Wocheplang? #00:24:41-0#

A jo..jo..haaptsächlech, jo och mol, am Moieskrees, wei mer den Rechenkineck gemaach hunn, hunn ech sie och an Gruppen agedeelt hunn, net fir näischt. Bon et ass zwar rëm Kand M wat gewonnen huet, et ass och ëmmer Kand M wat do wahrscheinlech gewënnt. Ehm, mee ech hunn se awer am Ufank an Gruppen ënnerdeelt fir eben ze vermeiden, weess de dass voila, dass den een ze vill frustréiert ass, well en einfach nie, well en net séier genuch ass, obwuel en vielleicht d' Rechnung weess, oder sou hunn ech probéiert se e bëssen, hunn ech dat do iergendwann gemaach. Usech ass et an all Phasen mee haaptsächlech ass et am Wocheplang. Kann awer och mol, weess de am Moieskrees, wann ech Beispiller op d' Tafel schreiwen, einfach lo ganz normal Rechnungen zwou dräi Stéck, moies, dann kritt een Kand M vill méi schwéier Rechnungen wei Kand K, an sou. #00:25:36-6#

I Wouranner leien denger Meenung no d' Grenzen vun der Differenzeierung? #00:25:43-5#

A Ffff. Ech weess et net. Ehm du keins amfong ëmmer rëm weider eh wei soll ech soen, sou weit differenzéieren, dass herno quasi jiddereen säin Programm huet [weitere Lehrkraft betritt den Raum, an diese gerichtet:] nee Person V gëss de mer do net Recht? [das gerade Gesagte wird wiederholt] An ech sot du kanns, wanns de ufänks, am fong wieren mer iergendwann sou weit, dass jiddereen säin eegenen eh eng 1 zu 1 Betreuung hätt an op säin Dengen zougeschnidden, ob seng Bedürfnisser. An dat fannen ech weess de

V du kanns net ëmmer all Kand gerecht ginn. dat ass einfach net ze maachen. Ech mengen ech hat dat lo och nach de Moien, ech hunn een am Rechnen, den ass duebel oder souguer dräimol su séier wei all déi aner

A An dat ass och een Grond, voila, ech schwätzen lo och ëmmer vun deenen méi Schwaach, mee dat heiten ass och wichtig fir lo die méi Staark, weess de déi kennen, ehm ech soen lo wann ech lo ganz, am Ufank vum éischen, wann mir lo ugefaang hätten normal classesch mam MILA, Buchstaw fir Buchstaw dann wieren mer lo em Ouschteren mengen ech beim L oder sou, oder nee quatsch beim ech weess et net, opallefall gëtt do Buchstaw fir Buchstaw gekuckt. An do wär dann een Kand M oder een Kand I déi géingen dir sou oofkacken, weess de et sinn der jo awer, déi hunn den System verstan, déi checken dat, an déi sinn lo lancéiert, weess de déi. Et gëtt och no uewen keng Grenzen. No ënnen ass et méi schwierig wei lo no uewen, well. Ehm jo déi géingen sech éischters mol langweilen anjo voila #00:27:28-7#

I Wat ass dann d´Grenz fir dech? #00:27:31-4#

A Grenz fir mech ass, ech fänken net un 4 verschidden Wochepläng ze man, total verschiddener oder voila. #00:27:39-7#

I Haaptsächlech wéinst der Zäit, dem Opwand? #00:27:42-2#

A Jo, jo well du keins, wei gesot. Ech hunn deelweis déi läscht zwee Joer haten mier deelweis 4 verschidden Niveauen un Wochepläng. Dann ass et rëm bei dem engen, dann rëm net gutt fir iergendwellech Persounen, déi an der Hierarchie iwwert mer sinn, déi dann gesot. hunn, nee dat doten muss nach méi, an weess de et ass zu eiser Zäit ass ëmmer gesot ginn Friss oder stirb, dat fannen ech och net richtig, mee ab engem gewëssenen Punkt ass et awer sou, du kanns net jiddereen mattzeihen. An ech sinn awer der Meenung, dass hautes Daags vill méi, trotzallem, voila deemools, wei ech an der Schoul war, an der Primärschoul virun 20, 25 Joer, do haten mir dann, ech soen lo mol mir waren zu 12 an der Klass, do war een den extrem schwaach war, an ech well lo net soen den hat Pech, mee et war awer net dass do lo, den hat schonn, den krut dann schonn eng Stonn eng Assistance an der Klass, mee dat war awer net wei haut wou, direkt gejaut gëtt, jiddereen muss säin Dengen hunn. An do sinn dann iergendwou Grenzen wou ech iergendwann soen, éischtens mol wann ech bis 12 Auer Owes do setzen, ech hunn och nach een Liewen #00:28:53-4#

I Dann bass de och den nächsten Dag keen Mënsch méi, dann bass de net ze gebrauchen fir d´Kanner. #00:28:55-9#

A Nee nee, dat ass vrun allem och meng Grenz mol, dat zäitlecht och an eh. #00:29:01-5#

I Fills du dech dann extrem ënner Drock gesat vun dem Uewen: dir musst méi differenzéieren, dir musst méi fir d´Kanner schaffen, existéiert den Drock iwwerhaupt? #00:29:09-2#

A Jo, jo dat doudsécher. Mol net nëmmen vun uewen. Mee iwwerhaupt vun baussen, vun den Elteren. Ech soen lo mol ganz blöd su Gesellschaft usech, weess de et gëtt awer ëmmer verlaangt, firwat kann een dat net oder firwat bréngt dir mengem Kand dat net bei. An jo du hues jo awer heiansdo och domm Kanner, weess de die voila #00:29:36-4#

I Mee grad d´Elteren wann déi meckeren an näischt doheem füttéieren. #00:29:39-1#

A Voila an et ass schonn den Drock ass schonn do, haaptsächlech vun Uewen. Mee awer och selwer, well ech mer awer ehm ech well awer, wei soll ech soen, matt engem gudden Gewëssen kennen owes an Bett goen an mer soen kennen du hues och lo fir déi, déi net sou gutt sinn, awer dat gemaach, fir déi sou weit wei meigleg ze bréngen an jo #00:30:00-3#

I dat ass eng léif Astellung, also eng gutt Astellung @--@ #00:30:04-3#

A Ech weess net wei een Kand K oder sou, ech fannen et schued well et awer et ass keent, du mierks, also fir mech ass et keen dommt, *also fir mech ass et keen dommt, et ass vum IQ hier getest ginn, soen ech lo mol entre Guillemet domm, mee et ass awer keent, et ass op zack et mol gutt an sou an et kann awer Saachen an ech fannen et ëmmer Schued wanns de dann -- eh wei soll ech soen* #00:30:23-1#

I Et ofstempels #00:30:23-6#

A voila déi setzen dann hannen am Eck an dann ah maach du mol an Beschäftigungsdengen an dat ass et eben, ech fannen et soll keng Beschäftigungstherapie sinn et soll schonn als Differenz-, et soll schonn sënnvoll sinn an --eh jo #00:30:35-3#

I fördern #00:30:36-1#

A jo #00:30:37-4#

I ok. Ehm wei ass dann sou dän Gefill, wei gött dat vun den Schüler opgeholl? Also weis du sos am Stage has du jo och am normalen, also classeschen Ënnerriichten gouf et do een Ënnerscheed? Mengs de sie mierken den Ënnerscheed? Och wann sie en selwer vielleicht net kennen? #00:30:52-5#

A Wei mengs de, dass sie aner Niveauen ënnerteneen hunn? #00:30:55-2#

I Jo #00:30:56-3#

A Also lo sou wei mäin Kand K mierkt, well mir och lo hei dat doten drop gemaach hunn d´Fieder. Hatt checkt dat schonn dann och an hatt gesäit och, dass hat aner Aufgaben huet wei déi aner. Wei weit hatt dat lo fir schlëmm fënnt oder fir net-schlëmm, dat kann ech dir lo net soen. Mee sie mierken schonn -- ehm --- jo tierlech sie gesinn, wei soll ech soen, sie mierken jo och -- ehh dass sie ëmmer den läschten sinn am Kapprechnungen, dass sie eh -- dass sie do nie gewannen et ass awer bei deenen méi, ech denken wat se méi al ginn wat sie et méi mierken. dat ass su meng perséinlech- -- #00:31:39-2#

I Wei ass et dann. Also et ass lo just Cycle 2.1. an zweet Schouljoer 2.2. #00:31:45-6#

A Den do System mengs de?

I jo

A Jo jo. Mier man och 2.1. an 2.2. ëmmer Thema nämlecht fir dann awer deelweis och mol kennen ënnerteneen --

I ze vergläichen

A eh virun allem och mol hunn sie der deelweis do uewen setzen déi un eisem Wocheplang, also -- d´Idee ass amfong fir dass déi wierklech richteg schwaach aus dem zweeten wann et wann se mu- also wann sie et brauchen eisen schwéieren

Wocheplang kennen maachen an ëmgedrëint deelweis och, dass mol eng Kéier, mir hunn et bislo nach net gemaach, mee dass lo mol eventuell eng Kéier een Kand M een Wocheplang vun hinnen kritt, weess de #00:32:22-9#

I An wei ass et dann matt de Kanner, wann sie eben lo an drëtt Schouljoer kommen? do gëtt jo net méi matt engem Wocheplang geschafft? weess de, hues de vielleicht do een Feedback kritt? Wei- #00:32:34-6#

A Mir haten eng bëssen driwwer, also mir hat- mir hunn eng Kéier mam C3 bëssen geschwat gehat mam liesen wat sie mengen, ob sie lo besser, well mir eben extrem vill op d' Liesen pochen an-. Fff et ass schwéier soen, weess de, ech mengen die déi am normalen System gutt géingen liesen, déi liesen och bei eis gutt an déi aner -- déi Schwaach ech weess net op déi lo vill, ach, jo et ass schwéier soen, weess de et ass

I mee mengs de-

A dass de su een zu eent kanns vergläichen. #00:33:03-7#

I Jo mee einfach nëmmen su, mengs de dann déi Schwaachen, ginn lo nach méi also well se jo net méi su individuell gefördert ginn, dass sie méi rëm méi ofbauen. #00:33:12-0#

A Ah nö sie kréien jo awer och nach, ne [dritter Person unterbricht das Interview] N wann sie

N ziel mier

A an den C3 kommen #00:33:18-5#

N Jo. Do sinn sie gutt encadréiert #00:33:19-1#

A jo sie schaffen net méi Wocheplang gell, mee- #00:33:22-2#

N awer sie haten lo sou een System, eh dass sie dachs d'Klass opgedeelt hunn. D'Kanner aus deenen, aus der Klass opgedeelt hunn. an , entweder waren sie dem Niveau no opgedeelt oder sie waren och mol an gemëschten Gruppen ne? Mee och fir do dann ze kucken #00:33:37-9#

I Dat heescht sie ginn net einfach komplett zreckgeworf #00:33:37-7#

A N nee nee nee #00:33:40-9#

N guer net, nee #00:33:42-7#

I ok dann ass et gutt #00:33:44-6#

A Et ass och dat wat ech, ech fannen et einfach, et ass och een anert. ech soen och ëmmer ech weess net op ech dat doten besser, weess de op et besser ass wei den normalen Déngens einfach anescht schaffen an natierlech sinn et verschidden soen, wou ech **perséinlech** soen ech fannen et besser, wou ech awer keen Problem

domadder hunn, wann een aneren seet, ehh ech fannen dat net gutt, mmhh jo, ech mengen mir muss och iwverzeegt sinn, soss géinge mer et jo och net maachen
#00:34:06-2#

N Well den S an ech mier fueren och lo weider, ne. #00:34:09-1#

A jojojo, also ech hunn och wëlles wann ech am 2.2. bleiwen, dass ech domadder weiderfueren #00:34:13-3#

I Wei ass et dann, wann een eng Kéier bis domadder ufänkt, kann een net méi ophalen domadder oder? #00:34:18-0#

A nee nee #00:34:18-2#

N Du änners mol Saachen

A jo

N du muss jo och mol aus Fehler leieren eh wei wei den S an ech mir hunn lo laang **aneschters** Schoul gehalen an mir hunn. lo ugefangen sou ze schaffen an ech muss awer soen, dass ech et awer ganz flott fannen fir sou ze schaffen wells de einfach **vill** méi Meiglegkeeten hues, ne? an ech fannen, dat Kanner vill méi selbstänneg sinn #00:34:36-9#

A Jo, dat ass nach een -- Dengen. Dat ass, dat ass wou ech och definitiv dohannert stinn sie sin méi selbstän- sie sinn zwar am Ufank extrem an du bass och vill dohannert #00:34:46-1#

N Du bass dann **doud** déi éischt zwielef Wochen, do liefs de net do vegetéiers de just #00:34:51-1#

I Dat heescht do mussen d´Kanner virdeischt leieren mol iwverhaapt selbstänneg ze sinn #00:34:54-7#

N jo an du muss hinnen mol virdeischt sechs Wochen ginn fir iwverhaapt mol richtig unzekommen an der Primaireschoul, ne. An dann jo bis sie mol wëssen, ahjo Computer, do geet den Computer un an dech net dauernd rëm froen, weieng Tast muss ech drécken, ne. Mee- #00:35:10-1#

A du hues jo, du hues jo de Moien gesinn, weess de verschiddener, sie maachen den Budenberg schonn, ech hunn der déi maachen sech mëttlerweil also den Flex und Flo selwer un. Do sinn der lo bei mir vun siwwenzéng dräi véier die Computer uman Flex und Flo opman hiren Numm huelen déi richtig Nummer antippen an dann-. Budenberg man ech hinnen ëmmer, do soen-, weess de well mer do op der Lescht ëmmer mussen kucken, mee -- eh dat wär am Ufank guer net virstellbar gewiescht, mee dat ass dann eben sou au fur et a mesure kommen der ëmmer e puer dobäi déi dat dann- #00:35:36-6#

N Mee meng Kanner huelen well selbstänneg, wann sie eng Geschicht geschriwwen hunn huelen, loosse sie selbstänneg den Korrekturprogramm driwwer lafen. Sie

ehm ginn sech Spiller an den Internet sichen an setzen déi an d'Geschicht dran. Dat fannen ech pas mal ne fir sou dat schonn ze kennen su Enn zweet Schouljaar.
#00:35:53-0#

A An och vum Organisatore-, ech fannen sie müssen, sie leieren awer och sech besser oder anescht ze organiséieren, well se eben net den Dingen hunn hei du méss lo déi Aufgab

I sie muss méi selbstänneg

A an dann méss du déi. Sou jo. well ech hat der awer zu- zumols am Ufank. Wanns du ufänks am éischten matt dem Wocheplang do muss de hinnen am Ufank soen maach lo mol hei, oder maach lo mol do. Mee lo méttlerweil sinn awer lo déi **meescht** vun mengen außer eben deenen puer Kandidaten deenen ech ëmmer soen du méss déi du méss déi, déi meescht awer lo sou am Dingen ech man eng hei vunner an dann man ech mol eng dovunner an dat ass och- jo, Organisatioun an Selbstänneg eh -- an lo sinn mir jo réischt Abrëll amfong. am éischten Schouljoer. --
#00:36:38-1#

I Géings de iergendeppes verbessern wëllen? #00:36:44-0#

alle: @--@ #00:36:42-5#

I Looss alles raus! #00:36:44-6#

N Et sinn Saachen déi weess de réit herno dachs, weess de

A jo

N wann et den Plang selwer betrëfft, sinn et dach su: "Ah Merde déi do Aufgab häss de op keen Fall dierfen dropsetzen" ne dat dat sinn sou Saachen, dat weess de réischt herno. #00:36:55-0#

A An dann virun allem, voila ech man et jo lo am drëttten Joer a wann ech lo vergläichen par rapport vun virun zwee Joer hunn ech schonn ganz vill Saachen geännert an bäigeléiert an, an eh

I zum Beispill? hues de iergendeen

A alles, ech soen lo, sief et d'Layout vun den Blieder, sief et d'Aufgabewah- also de Modell vun den Aufgaben ehm Quantitéit och #00:37:16-7#

N jo dat muss de nämlech kucken, do muss de dech sou eruntaaschten, weivill ass **machbar** fir jiddwereen an matt iwverfuerds de sie komplett. #00:37:27-4#

I Dat heescht dat ass awer och ëmmer klassenintern, oder sou. Een Joer ginn et sou vill Aufgaben

A jo mee et hänkt awer och ëmmer of. #00:37:33-6#

N dat schonn. Mee et sinn awer och weess de wei, eh wei organiséieren ech mäin

Moieskrees oder sou. Dat änners de och iergendwann ne, den do denks virdeischt ech maachen et sou an sou an do kanns de dir schonn secher sinn, dass de iergendwann dat iwwer Bord geheis #00:37:49-4#

A Ech hunn zum Beispill ehm dat éischt Joer, ech hunn den Moieskrees, ech hunn mir do alles drageknuppt iergendwéi, eh weess de wei lo de Moien, wat hunn sie gemaach, sie hunn Geschichte virgelies mir hunn am Moieskrees gerechent mir hunn eng Sachaufgab also ech hunn hinnen dat mat deenen Kapitänsaufgaben do erklärt eh dann hat ech nach ch gemaacht, dat hätt ech virun zwee Joer hunn ech dat alles dann sou Moies do rangeknuppt eh an dann hunn ech dono bis 12 Auer Wocheplang gemaach matt hinnen. Iergendwann mierks de einfacht dat geet net dat ass vill ze vill. An lo splécken ech den Moieskrees dann iwwer ehh dräi véier Denger zwee dräi véier Mol den Dag iwwer op. Dat sinn dann sou Saachen fff #00:38:25-0#

I Mee et kann een sech jo och net sou laang konzentréieren, oder? #00:38:26-9#

N nee nee mee du mengs dann ëmmer du misst dat misst goen, ne an dann mierks de awer eigentlech dass dat net geet #00:38:36-7#

Unterbrechung durch andere #00:38:38-8#

I Wou si dir iwwerhaupt un die ganz Informatiounen drukomm? Vu wou hu dir dat? Hu dir iech selwer-? #00:38:44-6#

N Vum M ne? #00:38:45-6#

A Vum C an vum M jo. Dat war eh virun zwee Joer waren zwee Stéck, die -- Schoulmeeschter, déi ëmmer sou geschafft hunn, déi laang sou geschafft hunn, die sinn dunn hunn dat dunn un eis erugetrueden #00:39:00-7#

N Jo sie sinn su hospiteieren, nee @nee@ hospiteieren ass dat falscht Wuert, missionéieren gaang #00:39:04-9#

I @--@ #00:39:04-0#

A Missionéieren, jo jo missionéieren ass genau dat richtegt Wuert. An ech hat mech dunn be-, wei seet een dat #00:39:09-3#

N Du war schonn virun dräi Joer an mir sinn virun 2 Joer, sinn mier matt rakomm #00:39:12-8#

A Ech hat mech dunn virun dräi Joer be- ehm –

N bemissionéiert @--@

A bemissionéieren gelooss. #00:39:18-8#

I Dat heescht do krut dir allerlei Informatiounen oder wei? #00:39:21-1#

A Sie waren, also mir sinn

N sie hunn och gehollef

A mir sinn bis virun zwee Méint quasi oder, mir sinn amfong zwee Joer, also ech dräi sie zwee Joer laang begleet ginn, soen ech lo mol. Dat heescht- #00:39:30-7#

N Dat sie mol gesot passt dorobber op, denkt drun, och fir den weess de och den Contenue och fir den Inhalt, ne. Denkt drun dass dier iergendeppes musst an der Grammaire nach dramaachen an dann musst der nach hei dran maachen.
#00:39:40-8#

A Sie waren och, sie hunn matt eis präparéiert. Also déi zwee Joer wou ech zu Beefort war, waren ëmmer C an M do an mir hunn präparéiert Donneschdes. Sie sinn och regelméisseg sinn sie an d´Klass komm einfach dann waren sie sou dobannen, sie hunn matt gehollef oder se hunn do och mol gesot dat doten

N geet zwar guer net dat doten

A war **schéiss** an dat doten war hei an do an sou an -- ehm sie waren am fong bëssen sou Mentoren #00:40:03-3#

I Ass dat dann duergaangen gewiescht oder mongs de du keins nach vill méi leieren? Du bräichs nach

N vun hinnen zwar näischt méi he, awer @definitiv@]#00:40:10-2#

A Joa mir haten, mir haten lo genuch C a M, jo dach **heiansdo**, wanns de du weess C #00:40:15-7#

N Et ass ëmmer mol gutt well weess de wann mir iergendwou hounge. Dann hu sie grad genau den richtigen Input ginn

Y Jo

N wat, wat mer hunn missen maachen, ne #00:40:24-0#

A Also sie waren oft, mir hunn se vill verflucht, sou mee –

N also lo herno

A ech muss awer, also ech soen awer ëmmer, et war awer trotzdem, ech war awer frou, dass, dass mer dat matt hinnen gemaach hunn, well soss -- mengen ech hätte mer awer nie sou vill, **virun allem** dat organisatorescht och, bei mir war dat och-
#00:40:41-1#

N An och déi Saachen sech trauen, ne. Well heen seet, heen hat jo gesot, ech man nëmmen matt, wann der mindestens zéng Wochen laang, eh zéng Stonnen Wocheplang pro Woch maacht, ne -- an jo. Wann heen dat net gesot hätt an als Konditioun gestallt hätt, dann hätte mir dat wahrscheinlech guer net gemaach. Dann häss de gesot ech man all Dag eng Stonn ne. #00:40:58-9#

A Jo. An dann wär et rëm sou Pseudo-Wochenplang ginn, soen ech mol an sou war et wierklech, jo. An sie hunn der och schonn gesot, also @dat éischt Joer, wou ech et@ gemaach hunn, krut ech schonn oft gesot, hei dat do ass schéiss, oder vergiess et du bass et- de C sot nie du bass schéiss mee, du mëss et awer, dat doten war zwar aller- dat doten war dat allermannst, an sou dat war dann, an dat war och oft sou eng an d´Gesicht, mee -- jo am Nachhinein, ech hunn se oft verflucht, mee et war awer schonn #00:41:27-1#

I An lo net vun hinnen zwee mee géing dir dat zum Beispill nach een aneren den matt Wochepläng schaffen léisst hei eraloossen an beroden loossen? Hellestellungen unhuelen oder-? #00:41:36-0#

A Also ech géing et am Moment net maachen vum zäitlechen hier, mee dach, ech géing awer all Mënsch

N Ech och

A wann ee kennt

N jo

A an seet hei ech sinn interesséiert, jo natierlech #00:41:44-7#

I Nee also. Hues de Gefill, dass du genuch lo driwwer weess oder [Y Ahh] hues de Gefill, dass awer heiansdo nach sou #00:41:50-5#

A Kann een ëmmer do nach bäiléieren #00:41:51-7#

N Jo. Wat natierlech de Virdeel och ass, dass mir als Team zesummeschaffen. Och wann sie lo hiren Wocheplang vum éischten Schouljoer virbereeden an dann mir eisen vum zweeten. Mee awer mir schwätzen iwwer gemeinsam Themen, mir schwätzen driwwer wat vielleicht nach fehlt, wat wichteg wier nach ze maachen. Mir tauschen eis och dofir och mam Cycle 3 nach aus, fir ze wëssen wat Kanner bei hinnen mussen kennen, ne #00:42:11-5#

A Dat war zum Beispill och, dat éischt Schouljoer, wei ech leng dat heiten dat hei gemaach hunn, war dat oft fir mech bëssen sou den Fluch. Ech hunn zwar matt den Beeforter präparéiert, mee ech war dann awer sou. weess de lo, ech maachen eppes an dann ginn ech raus an froen Z an dann seet hatt mer, oh ech hunn dat awer anescht gemaach, an dat war eben virdrun net. Dach dann hunn ech mol eng Kéier op Beefort ugeruff wann et wierklech gebrannt huet, mee, dat ass einfach #00:42:33-4#

I Mee dat hëlleft schonn vill, wann een zu méi ass, wann een Team ass #00:42:36-1#

N Jo

A absolut

N Et hëlleft dir och fir dech ze motivéieren an dann dobäi ze bleiwen. Well ech muss awer soen, déi läscht zwee Joren, also ech hat lo laang den Uewergrad, also mir kommen lo an dësen zwee Joren kommen awer largement un den Arbeitspensum vun engem Uewergrad erun, ne. Leng fir déi Spiller ze bastelen, ze kucken weiang Aufgaben dass de méss alles frësch ze tippen, ze schreiwen. #00:42:56-9#

A Tass dat, hatt hat mech virdrun gefrot weivill Stonnen oder. #00:42:59-9#

N Déi éischt zwee Joer, mengen ech sinn kneppelhaard. An ech erhoffen mer lo, wann ech lo nächst Jaar lo mäin drëtt Joer ufänken, dass ech lo wéinstens vun deenen Saachen kann profitéieren, déi schonn do sinn. #00:43:08-3#

I Weivill Stonnen mengs de dann, ass et méi Aarbecht am Verglach zu virdrun? #00:43:11-8#

N Vill #00:43:13-8#

A Jo an hatt kann et besser beuerteelen, well hatt schonn méi laang schafft. #00:43:18-0#

N Majo ehm, dann waart. Soss hunn ech, soe mer fir all Dag héchstens eng Stonn virbereed am Ennergraad, dat heescht dat so pro Woch war et sechs Stonnen virbereed, dann has de nach bëssen verbessert

A lo ass et awer labber dat duebelt

N so dann has de vielleicht zéng Stonnen doheem geschafft fir Schoul. Awer lo denken ech, dass ech awer largement op zwanzeg

A op dat duebelt, jo

N bis drësseg kommen

A matt verbessern

N Matt verbessern, matt nosich, Saachen sichen. Ech awer largement. #00:43:46-9#

I ehm eng perséinlech Fro, bereis de et oder net? #00:43:48-8#

N Nee #00:43:49-4#

I Ok #00:43:50-7#

N Vum Aarbechtsofwand heiansdo schonn wann ech dann denken, eh hues de lo net den Weekend eppes besseres ze dinn, wei lo hei ze setzen an am Internet rëm ze sichen wats de nach keins fir den Aarbechtspang do huelen, ne #00:44:02-8#

I Weivill Stonnen pro Woch ass, sinn ënnerriichten? #00:44:05-9#

A 24, ass et sou #00:44:08-2#

N Regulär? #00:44:08-5#

A jo #00:44:09-9#

N 23 #00:44:12-2#

I An der Klass #00:44:11-9#

A Jo #00:44:12-0#

I Ok. Dat sinn schonn e puer Stonnen dann, wann een dann nach 30 Stonnen doheem muss setzen. #00:44:16-4#

A Dat sinn déi, déi ëmmer um rtl.lu stinn, déi 23 déi mer Woch mussen schaffen. De Rescht sinn mer @doheem@. #00:44:22-7#

N @Jo an man naischt.@ #00:44:23-9#

I Maachen Party. Ok eh gëtt et iergendeppes wats de géings onbedéngt gären ausprobéieren? Lo net onbedéngt Wocheplang-meißeg, mee am Hannerkapp matt der Differenzeierung? Iergendwéi méi Spiller, oder méi Aktivitéit? Du hues virdrun gesot et ass awer alles op dech zentréiert #00:44:43-1#

A Jo. Iergendwéi, also ech hunn mech an der läscht schonn bëssen méi, ech hu, am Ufank wei mer dat doten ugefaang hat ech bëssen sou en Montesore [unverständlich] dengen do mech do bëssen bëssen do ragelies an der läscht hunn ech rëm bëssen mech domadder befaasst. An do ass jo awer alles vill méi nach, soen ech lo mol eh méi upaken an sou, an manner sou schreiwen an dat géing ech schonn nach iergendwéi gär. Mee ech sot jo well et ass bal net meigleg, weess de well- #00:45:08-9#

N Do bräichs de scho bal nach een zweeten bei der, den ganz bei der an der Klass wier, ne Mier haten lo nach Chance ëmmer gehat, matt der [unverständlich] an matt den

A matt den Stonnen

N E sou huelen an den S an ech mir hunn dëst Joer lo keen #00:45:22-2#

A Jo do wësse mer net wei dat nächst Joer dann ass, mee och vum Programm hier. Et ass och vum Programm hier einfach jo --. Ech géing schonn gären, jo Saachen mol heiansdo. #00:45:37-0#

I Manner Dësch an méi Aktivitéiten ausprobéieren, méi rëm sou #00:45:41-5#

A Jo #00:45:43-4#

N Jo dat kennt heiansdo ze kuerz #00:45:42-8#

A Jo an dann och su wei eveil science, man mir am Moment. Bon mir hunn zwar och eveil hei dran an am Moieskrees an sou gell, mee, fir lo des Woch, ech dærf et net ze haart soen, ech man des Woch keen éveil, well ech einfach net weess wéini an wat an wou #00:45:59-2#

N Mee dat haten den S an ech och gesot, dass den éveil ze kuerz kennt, well deng Themen sou komplex sinn. #00:46:04-3#

A Lo géing den C eis Science, lo géing den C eis soen eh, dass dat wichtegst, an do dat sinn och su Saachen do hunn ech him ëmmer Recht ginn hunn wou ech och fannen, weess de sou ech soen ëmmer am Moieskrees leieren sie secher méi wei, also verschiddener wei hei an verschiddener an Aufgaben

N ah jo

A an sou an jo -- #00:46:26-4#

I Also dir tauscht heen vill ënnerteneen aus. Dat hate mer jo schonn och ënnert den Cyclen #00:46:35-6# #00:46:33-4#

A @wann et muss sinn@ #00:46:35-3#

N Ënnert den Cyclen man mer sou gesinn mer sou bëssen sou Feedback, ne. Wann wann wann mer Klassen iwwerginn hunn, weess de wann déi an drëtt kommen, dann frees de mol eng Kéier no, ass alles ok, wei huet deen an deen sech gemaach. Et ass meeschtens nee

A Ass alles ok aha

N nee. An jo #00:46:55-4#

I Ehm reng theoretesch wier et lo net zum Beispill meigleg, wann een lo méi grouss Schoul wier, matt villen matt méi Lehrpersonal fir dann méi verschidden Wochepläng ze man, oder ass dat trotzdem dann extrem opwänneg? Zum Beispill den doten konzentréiert sech op den Niveau éischter dann den Niveau an sou weider. #00:47:15-4#

A Jo et wär meigleg. Wanns de méi Personal hues, natierlech mee et wier awer schlecht vun dem well ech fannen, mir hunn zwar quitt dass E dann den lite mëscht, wann mir den aneren schonn gemaach hunn, du muss awer wëssen wat am lite leeft, weess de du muss awer den lwwerbléck hunn fir all Wochepläng usech, also #00:47:35-3#

N Ausserdeem sinn ech awer frou, dass den S an ech zesummen awer ëmmer kucken wat dra kennt, well zu zwee hues de scho mol méi Ideen wei wann ee leng eppes sicht, ne. #00:47:46-2#

I Ok. Ehm jo nach iergendeppes, nach iergendeppes zur Thematik ze soen? #00:47:52-7#

A Differenzeierung, eh looss mech iwwerleeën. Nee #00:47:56-8#

I Hues de eng Definitioun lo @hei@ #00:47:58-0#

A Nee #00:47:59-5#

N weess de Differenzéierung ass ëmmer schéin geduecht vun uewen, ne vum wat déi vum Inspektorat soen an sou, mee Realitéit gesäit awer komplett anescht aus. Well du kanns net nëmmen no deenen Kanner kucken #00:48:14-9#

A Jo dat ass och dat wat ech gesot hunn. Hatt sot och wou sinn Grenzen fir dech? Éischtens sinn mol zäitlech Grenzen an zweetens ass et awer och

N perséinlecher, iergendwann packs dat net

A jo an et géingen virun allem, du keins ëmmer weider, weess de dass. Dann hätt herno jiddereen säin eegenen Wocheplang matt sengen eegenen Aufgabenmodeller, déi op heen zougeschnidden sinn, an du muss iergendwann soen- #00:48:36-8#

I Dann brauchst de awer och 16 Jofferen an Schoulmeeschteren #00:48:36-4#

A Jo, an dann nach. Dann hues de awer Kandidaten die och do resistant sinn, oder déi dat mol net hikréien. #00:48:46-0#

C Dat eenzeg wat ech fannen, ass dass an der Klass dann no uewen kanns differenzéieren, well dat huet mir ëmmer bëssen gefehlt, du hues däin normalen Programm gemaach, du hues no all deenen schwaachen gekuckt an fir all déi aner do war wierklech keng Zäit méi, ne #00:48:55-9#

I Dat stemmt #00:48:58-5#

N An meeschtens sinn et och déi staark an déi normal Schüler déi wierklech autonom schaffen. An déi schwaach déi brauchen méi Uleedung

I Außer se sinn faul

N jo außer se sinn faul. Mee dann müssen sie eng Kéier matt der Nues bäilafen, dat hëlleft normalerweis och eng Kéier

A [verneinendes murren]

N Ech loossen se normalerweis eng Kéier gutt bäilafen an dass et richtig weihdeet. #00:49:17-8#

I Ok an wei géing dat hei ausgesinn? #00:49:18-6#

N Oh ma wann se zum Beispill lo näischt oder net vill um Wocheplang gemaach, dass se den ganzen Wocheplang nach eng Kéier müssen doheem fäerdeg man, well normalerweis ginn ech nämlech net de ganzen Plang fäerdeg ze man

A jo oder se kucken en Dag do Mauer ze kucken

N ech kucken ëmmer nach ass iergendeppes wichteges wat den nach net gemaach huet an dann muss et dat dann vielleicht maachen, oder sou, ne. Mee ech hat der awer mol, zum Schluss vum Éischten hunn ech der, hunn E an ech der awer dann mol déi su richtig iwverhiefflech ginn sinn mol gutt bäilafen gelooss, dass et richtig wéigedoen huet, an dono war et gutt. #00:49:43-7#

A do sinn ech mengen ech awer heiansdo net konsequent genuch, vielleicht ech weess et jo net #00:49:51-5#

N Also ech ginn mäin jo och, den S gëtt ëmmer den Wocheplang fäerdeg ze man, ech ginn en

I Nee ech och net

N net fäerdeg ze man, en muss verbessert sinn- #00:49:56-8#

A Jo an ech kucken Mëttwochs an oder Donneschdes meeschtens eng Kéier driwwer an dann gesinn ech hei déi do Aufgab den huet déi net gemaach an déi muss gemaach ginn an dann man ech ee Kräiz dobäi, wann déi dann Freides net fäerdeg ass, kritt en déi de Weekend ze man, mee soss eh #00:50:13-1#

N Mee dat sinn och su Saachen dat muss de probéieren. Dat muss de probéieren. #00:50:21-3#

[unterbrochen und beendet]

B. Interview 2

Datum der Aufnahme: 15.4.2016

Ort der Aufnahme: Beaufort

Dauer der Aufnahme: 50 Minuten

I = Interviewerin

B = Person B, Interviewpartner

I Ech fänken einfach mol un. Ok [Erklärungen bis 0:00:26] Firwat bass du Joffer ginn? Wat war deemools ausschlaggebend? #00:00:32-2#

B Majo eigentlech war dat schonn am éischten Schouljoer war meng Decisioun schonn quasi gefall. Ech hunn am éischten Schouljoer gesot ech ginn Joffer. Ech war zwar dono op ganz villen aneren Schinnen, muss ech soen an iergendwéi sinn ech awer dorobber zréck komm, an eh vun Quatrième Troisième un stoung awer dunn fest, dass ech wierklech awer, ech wollt ëmmer Spillschoulsjoffer ginn -- an mee firwat jo et huet mech einfach interesséiert, ech hunn et gär gemaach ehh ech hunn och vill Nohëllef ginn, hunn vill matt Kanner ze dinn gehat an eh ja an dunn wei ech dunn zu Walfer ugefaang hunn, war dunn Spillschoul guer keng Optioun méi, ech war dunn an den Stage kucken an dunn sot ech nee. Jo an dunn sich ech dunn am Primaire galant @an do nach ëmmer bliwwen@. #00:01:17-8#

I An seit wéini bass du lo do? #00:01:19-5#

B 2001 hunn ech ugefaang #00:01:21-7#

I Also voll, also dat war dunn #00:01:23-6#

B 2001 war ech komplett fäerdeg, also 2001 hunn ech ugefaang, September 2001 hunn ech ugefaang matt schaffen #00:01:28-6#

I Dat heescht Uni.lu hues de studéiert? #00:01:30-6#

B Jo do war et nach Iserp. Do war et nach net Uni @--@ #00:01:36-2#

I Wei war Studium deemools opgebaut? #00:01:40-1#

B Eh et waren drei Jaar. Dat heescht an dem éischten Joer has de, oh mam weivill Stage muss ech, weess ech zwar lo net méi auswenneg muss ech soen, opschiddefall has de eben ëmmer een Deel op der um Iserp, theoretesch souwuel wei awer och an klengen Gruppen bëssen méi praktesch Saachen, su Unterrechtsfirebereedungen an sou Stonnen mee awer och grouss Coursen an dann has de Stagen, wous de dann an eng Stageklass komm bass wous de dann awer och den gros selwer hues missen halen, an eh jo. Dat waren am fong iwwer déi drei Joer war dat ëmmer plus minus nämlecht, dat eenzezt wat bei mir dabei komm ass am zweeten Joer war ech een en halleft Seme-eh een Semester zu Grenoble, also Wantersemester war ech zu Grenoble, an och do war ech dunn eben op der Uni an am Stage an enger Klass. #00:02:28-4#

I Déi aner hunn, also matt deenen aneren Jofferen an Härlehreren matt deenen ech

lo geschwat hunn, déi hunn ëmmer gesot, dass Studium war zwar ok opgebaut mee et war extrem theoretesch. #00:02:37-3#

B Jo et war vill. Et ass net, et ass effektiv net genuch eh Praxis deemools gewiergt. Ech weess lo net op et lo vill geännert huet, eh wann ech kucken opmannst sinn lo, et sinn secherlech schonn vill méi Wochen, wann ech lo déi Stagiairen, déi ech alt lo schonn hat, et sinn lo schonn méi Wochen. Et war, also mir haten maximum drei Wochen Stage hannerteneen, an eh et war vill Theorie an och oft an den Stonnen, dass de lo net genuch amfong op Praxis virbereed ginn bass. Dat ass schonn richtig. Also ech mengen Belge, an der Belge, zu Bréissel an och, mir hunn der puer hei schaffen déi vun do kommen déi hunn méi Praxis gesinn gehat, wei mir hei zu Walfer. #00:03:14-9#

I Well also ech weess déi aner hunn ongeféier sou gesot su 80, 70, also 80, 70 bis 80 Prozent zu 20 bis 30 Prozent Praxis. #00:03:22-4#

B Jo, dach dat kann ech awer. #00:03:26-1#

I Eh wat sie ëmmer gesot hunn, dass hinnen, also lo net ëmmer nëmmen Praxis gefeelt huet mee, dat theoretesch an dann d'Ëmsetzung, konkret Ëmsetzung sou och matt Materialien an sou #00:03:35-7#

B Jo Material, also dat hunn mir eis alles. Also ech muss soen, ech hat immens Chance, dass wei ech hei ugefaangen hunn eh also et war ëmmer nëmmen een eng een éischt Schouljoer een zweet Schouljoer an wei ech ugefaangen hunn, ass alles ugefaang ginn duebel gemaach ze ginn. Dat heescht dat wat d'éischt Schouljoer hat, dat huet parallel dunn eben och nach matt mir d'éischt Schouljoer gehat an dat hat déi Zäit schonn sechs Joer geschafft. Dat heescht eh dat huet mech dunn matt sou husch lo an eh du sinn ech dunn matgerappt ginn an doduerch krut ech och immens vill an ech wosst och herno immens vill, ne. Mee anescht, jo, stees de bëssen effektiv bëssen domm do. Also du muss der viles selwer uneegenen an sichen goen an eh jo. #00:04:12-7#

I Dat heescht et ass och lo wierklech réischt während dem schaffen komm? #00:04:15-0#

B Jo jo, mee dat mengen ech ass awer quasi normal. Also ech denken déi meescht déi meescht Praxis kriss de awer réischt duerch déi éischt puer Joer. Also #00:04:25-1#

I Eh has du dech dann genuch virbereed gefillt, fir unzefänken am Job? #00:04:28-1#

B ohhoo. Et war am Ufank, et war wierklech sou ohhh kann ech dat doten lo, mee jo. Ech krut am fong dunn wierklech Secherheet duerch dunn meng Kollegin, wat dunn mir viles gehollef huet an mir hunn carrément zesummen virbereed, ne. An dunn hunn ech geduecht, jo ok wann hatt et mëscht an hat mëscht et schonn zënter sechs Joer sou, dann wärs de et jo och. Mee d'Onsécherheet war nach wie vor, du bass leng an denger Klass, kriss du dat lo och sou ëmgesat, ne? Jo mee dat ass awer matt der Zäit denks de dir ok, du probéiers du mëss secherlech vill och am Ufank an dann denks de der ok déi nächste Kéier mëss de et secher net méi sou an dann

dréins de et ehm. Anescht leiers de et awer och net, denken ech. Mee eh wanns de, een den ganz alleng op sech gestallt ass wanns de muss ufänken, ech mengen den struewart. Also ech weess lo net wei, wei gesot et ass jo och lo véier Joer an et ass jo lo méi matt, du bass jo am Ufank och nach am Stage. Du hues jo méi Begleedung am fong an och duerch déi Equipen déi jo lo sinn an den Schoulen, ass jo am fong keen méi sou ganz normalerweis alleng, also ech fannen, mee trotzdem eh also ech kéint awer. Et war et ass heftig gewiescht fir unzefänken. #00:05:27-3#

I ok. Ehm jo bon wéini hues du déi éischte Kéier vun Binnendifferenzierung héieren? #00:05:32-8#

B @--@ An ganz villen Formationen an matt ganz villen verschiddenen Definitionen @--@. Ehm an ech konnt mer et konkret am Ufank guer net virstellen. Also ech muss och soen, dass wei ech ugefaang hunn ass quasi nach guer net differenzéiert ginn. Do ass et, war et eben Programm an bëssen sou Vogel friss oder stirb. Du hues alt mol schonn probéiert deenen aneren méi ze hëllefen wei, mee deenen engen méi ze hëllefen wei deenen aneren, mee dass et lo wierklech su matt vill Material an matt aneren Fichen oder matt aneren Hëllefsmëttelen differenzéiert gëtt, ass et am Ufank guer net ginn. Wéini --- @---@ #00:06:17-3#

I Och schonn op der Uni oder wierklech réischt lo an den Formationen? #00:06:18-7#

B Also réischt an den Formationen. Also ech sinn lo op der Uni, bon et ass bestëmmt eng Kéier ernimmt ginn., muss ech lo soen, mee dat ass awer lo mier net hänken bliwwen, muss ech awer schonn soen. Ech denken och dass dat réischt rëm eppes ass, wats de réischt an der Praxis och selwer. Et sinn fannen ech an eisem Beruff deis de, déi der duerch Praxis iwwerhaupt bewusst ginn. oder iwwerhaupt aliichten. Wous de dann denks ah jo, dat ass deemools gesot ginn an dat ass sou laanscht een gelaf well ehe wat man ech lo domadder an wanns de dann an sou eng konkret Situatioun kenns, denks de dir ah jo. An sou mengen ech ass et mam Differenzéieren och. Well dat hängt jo och vun Klass zu Klass of, ech mengen du kanns jo och eng staark Klasse hunn, wous de et quasi net braucht oder no wous de no uewen muss differenzéieren. Du kanns awer genau sou gutt eng Mischmaschklass hunn, wei @ech lo eng hunn, wous de su vill wei meigleg muss@ differenzéieren. Also richtig, also opjiddfall richtig an der Praxis, wou et mir bewusst ass, dass et wierklech sou néideg ass, wei et am fong jo. Wei et och gesot gëtt. Et ass jo lo och wierklech alles a Richtung differenzéieren. Mee alles also wat awer trotzdem eng Illusioun ass, dass mer all Kand op hirem Punkt ofhuelen, mee awer fir jiddwereen eng eenzel Zopp ze kachen eheh[verneinend] do, op dem @Wee ginn ech zwar net matt, well@ dann bass, dann gëss de net méi fäerdeg

I Dat ass jo och net meigleg

B also dat geet lo während dem Wocheplang geet dat relativ gutt einfach aus dem Grond well wann dann den doten schafft lo grad do, maja dann kritt heen eben grad déi Hëllef déi heen dofir brauch. Mee wanns du an engem ganzen Grupp Klass schafft an jiddwereen brauch zur selwechter Zäit deng Hëllef awer op enger anerer Plaz ass jo net emsetzbar, ne. Doduerch hu mir hu mir och lo eben Wocheplang. Virun zwee Joer hate mir do, also mir hatten lo zwee Joer laang Begleedung mam

Wocheplang schaffen an am fong ouni Däitsch Bicher schaffen --- an do hunn mer vill iwwert dat ganzt Differenzéieren an firwat ass dat gutt also firwat den Wocheplang gutt ass fir Zäit eben ze spueren an sou weider, hunn mer wierklech vill driwwer geschwat. #00:08:18-1#

I Dat heescht dat gouf lo haaptsächlech während dem Wocheplang agefouert, oder och schonn déi aner Formatiounen? #00:08:21-3#

B Nee ech hunn. Nee nee, also mir hunn ëmmer schonn am Däitschen méi frei geschafft. Mir haten den MILA zwar ëmmer sou am Schaaf leien, falls den Inspekter @kennt@ et ass net fir

I nee nee

B ech weess net wou ze schreiwen @---@ mee mir haten schonn ëmmer, zwar lo rechnen sinn mer am fong relativ no Buch gefuer, mee vum Däitschen, mir haten dann sou Bichelcher, sou wei eisen Wocheplang amfong, wou all Fichen déi dann zu engem Buchstaw ehm gehéiert hunn, déi waren dann doranner. An ehm do hunn mir schonn relativ vill individuell differenzéiert. Do haten mer dann och alt mol schonn, dass mer Fichen dranhaten déi fir déi eng méi liicht waren fir déi aner méi schwéier waren. Also dat maachen mir eigentlech schonn relativ laang. Iergendwann eng Kéier, wei mer hei bis gemierkt hunn, dass eis Clientèle hei géing ëmmer méi @auserneen goen@, sote mer ok dat doten bréngt et net, ne. #00:09:12-3#

I Ehm an deenen Formatiounen wei gouf dat Thema behandelt? Also gouf et vill Theorie einfach nëmmen rageklappt kritt oder och vill Praxis, Materialien

B differenzéieren mengs de lo oder?

I Jo #00:09:22-6#

B Also ech mengen net, dass ech groussaarteg an villen Formatiounen war, wou et nëmmen emt Differenzéieren gaangen ass. Dat war dann normalerweis an engem ganzen Konzept matt dran. Wann, dann war d'Formatioun eben, dann soen ech lo eh vum vum vum Däitschen iergendeen eh eh, an weiengen Formatiounen war ech an den läschten Joren, an villen @---@. Eh nee mee lo wou dann eben méi Däitsch Ëmsetzung am Däitschen matt dem an dem Material oder dass eben sou an wou dann eben alles, dat Ganzt war dann agebaut do differenzéieren. Also et war am fong lo reng differenzéieren Formatioun hunn ech keng gemaach

I et war ëmmer sou niewelaanscht

B tass sou niewelaanscht matt agebaut ginn, sou kanns de matt dem doten Material kanns de sou differenzéieren, den een kritt dat doten als hëllef, den aneren kritt dat do. Oder et muss jo net nëmmen Material sinn, et kann jo och mol Hëllef vun engem aneren Schüler sinn. Et sinn ëmmer sou Tipps déi ëmmer matginn sinn an den Formatiounen, mee et war awer och also ech war lo nie an enger nëmmen differenzéieren Formatioun. #00:10:23-9#

I Waren, ass dat dann guer gaang? Sou also vun all, do krut een jo dann schonn

zimlech vill Input, also och prakteschen Input. #00:10:30-2#

B Also fir mech ass et duergaang, well ech ganz vill einfach nom Kand gekuckt hunn an dann instinktiv dat gemeet hunn, wou ech geduecht hunn ok dat doten brauch et lo. An am Ufank war mäin differenzéieren secherlech ech als Persoun. Net oft, dach mol am Rechnen ass et och méi einfach, jo hells de, ech denken du hells Materialien nodeems wats de matt wat mer grad gerechent hunn an am Däitschen war ech et am Ufank awer ganz ganz oft. Lo ginn ech dann awer méi op den Wee eh huet mol déi Classeur do sinn vielleicht déi Wierder, hate mer schon als Wortschatz oder fro mol vielleicht nach een aneren, den der oder maacht zesummen zwee an zwee wann et dann guer net eenz gött. Einfach awer och rëm nëmmen fir Zäit ze spueren. Mee dat koum awer och lo rëm matt der Zäit, ne. Am Ufank hunn ech wierklech dann gekuckt, dass ech dat dann su géing ënnert en Hutt kréien bei jidderengem dann eh bëssen sou individuell ze hëllefen an dem Fall. #00:11:20-4#

I Wei heterogen ass deng Klass dann iwverhaapt lo? Also vun den Niveauen, Sproochen, Alter, vun allem Niveau wat schätzt de? #00:11:27-5#

B Eh fff.. #00:11:30-1#

I Du hues virdrun gesot Scheier gött. ëmmer méi grouss. #00:11:32-1#

B Jo se ass virun allem --- een Deel immens staark an een Deel ëmmer schwaach. Et ass keen richtegt Mëttelfeld do an dat ass schwéier ze gerei-. Dat mierke mer am allgemengen duerch ganz Schoul gezunn do lo sou, well och déi mer d'läscht Joer haten waren och schonn sou, et waren immens schwaacher an et waren immens staarker. Jo an d' Mëttelfeld fehlt e bëssen, ne. Ok déi Staark déi rennen der iergendwann eng Kéier fort, deenen gëss de an gëss de nëmmen . An jo déi Schwaach, du muss se awer oft genuch mëschen fir dass déi net nach ëmmer méi schwaach ginn, dann sinn déi Staark ganz of t eh gelangweilt, muss ech lo rëm bei den do setzen goen, bon heiansdo maachen sie et och gär, mee jo tass eben mee sou een richtegt Mëttelfeld. Sie sinn --- fff-- su richteg wann ech lo vun deenen 19 kucken, déi ech dann am ganzen hunn, do hunn ech awer --- hmmm [geht die SchülerInnen im Kopf durch] also véier, fënnf extrem extrem schwaacher. déi wou ech lo soen --- een Joer méi an der Spillschoul hätt hinnen, mengen ech net geschuet. An déi waren och alleguer op der Kipp, mir waren déi och all an Spillschoul kucken. Ehm bei drei Stéck hate mer och gesot déi missten nach, also eiser Meenung no missten se nach bleiwen, bon bei zwee Stéck hunn d'Eltren Recours ageluecht, dunn kruten déi Recht an dunn sinn se komm, an bei dem Aneren wollten d'Eltren eh wollt d'Inspektesch net, jo an dann sinn mer gebonnen, ne. Lo hu mir se alt hei setzen an dann probéieren mer dat *bescht draus ze maachen*. #00:13:02-2#

I Jo mee sie kennen et jo dann an drei Joer maachen #00:13:02-4#

B Sie kennen et dann eben lo an drei Joer maachen. Ne, wat wat natierlech rëm ee ganz groussen Nodeel vun eisem neien Gesetz ass, ass dass de d'éischt Schouljoer neméi kann einfach nach eng Kéier ufänken. Du gëss matgeschleeft, obwuels de eigentlech net dierfs matgeschleeft ginn, mee ehm du gëss awer iergendwéi matgeschleeft, well du kanns awer och lo net sou soen, jo ech fänken lo matt dem doten rëm bei null un, well dann heescht et jo schonn quasi schonn sou, jo dann

kann heen et jo net an dann mëscht en et jo secher schonn an drei Joren. Mee dat därefs de awer net virum fënneften Trimester an, also virum Februar am zweeten Jaar soen. #00:13:32-3#

I @ookkee@ #00:13:34-3#

B Dat heescht wann ech lo bei engem Kand mierken, wei lo bei mengem T.N. eh mierken, dat geet guer net, fannen ech misst ech einfach stoppen, sou mir fänken rëm bei null un. Man ech och parallel zu dem, dass en awer nach matt weidergeschleeft gëtt, well ech lo am Moment nach op kee Fall däreft soen, hei et geet guer näischt heen eh, et kann jo nach sinn dass den Knuet opgeet an dass et dann op eemol geet. Dat ass, sinn Wieder vun eisem Inspekter gewiescht. #00:14:04-2#

I Mee ass, also perséinlechen Androck, ass et dann meeschtens schonn ze spéid? Oder #00:14:08-3#

B Jo. Also ech fannen, souwuel, also fir dass een en éischt Schouljoer net méi kann wierklech bei n-, also ech soen lo net dass een wierklech muss bei null muss ufänken, well an engem Joer kritt een jo och eppes matt. Mee verschiddenen Kanner géing et awer gutt goen, nach eng Kéier sou eng Anlauttabelle, nach eng Kéier sou een Einstieg an dat Ganzt, einfach och méi positiv ze erliewen. Hei ech gesinn lo, ech kann dat och. Doduerch mol Motivatioun ze kréien. Normalerweis sinn déi jo dann am Rechnen, sinn déi oft méi Staark, dass een seet ok, komm mir loosse mol d'Rechnen einfach mol bëssen op der Seit an mir man e bëssen méi Däitsch. Sie kréien. méi individuell um Computer ze schaffen. Do ginn et sou vill tonnen Programmer, wou se wierklech kennen leng sech matt der Prof ausernee setzen -- jo an awer net eh an awer lo mir mussen se eben mat, mir schleefen se matt jo sie lafen matt an dem Programm bis mir dann en fin dierfen soen, hei dat do bréngt näischt an jo dann sinn sie, an mengen Aen ass en Joer verluer. #00:15:02-4#

I ok. Ehm wei gesäit et dann aus, beim Altersënnerscheed. Sie sinn all zimlech een Alter? #00:15:08-0#

B Sie sinn all zimlech, ech mengen ech hunn souguer guer keen deen --- een drëtt Joer, dach Kand FJ den ass een Joer méi al, den huet een drëtt Joer Spillschoul gemaach. Mee soss hunn ech keen den een drëtt Joer Spillschoul gemaach huet. Nee se sinn alleguerten nämlecht. déi eng hunn verspillt, déi aner hunn eh mee ehm, ech mengen et ass just een den drei Joer Spillschoul gemeet huet. #00:15:28-2#

I Eh weess de weivill verschidden Sproochen sie doheem schwätzen? Also ween wat schwätzt? #00:15:33-3#

B Mhm, wann ech mäin Regëster sichen ginn, weess ech et. Also mir hunn mol Serbesch, mir hunn portugisesch, lëtzebuergesch, ddd --- Englesch mengen ech gëtt heiandsdo beim Kand TN geschwat, eh Franséisch, beim Kand FJ also ech schätzen lo mol sou eng fënnef sechs #00:15:58-4#

I ok dat sinn der jo eng Jett @---@ #00:16:01-3#

B Also Serbesch, Lëtzebuergesch, déi eng, also ech sinn mer secher beim D. gëtt secher serbesch geschwat, lëtzebuergesch secher bei verschiddenen, portugisesch secher bei verschiddenen, franséisch och an ech mengen Englesch ass och nach dobäi gewiescht, mee ech misst lo fir et genau ze soen misst ech der et lo am Register nokucken goen. #00:16:19-2#

I Ehm du hues virdrun schonn bëssen sou erzielt, also du hues, also mäin Gefill ass, du hues schonn ganz vill verschidden Unterrichtssaachen ausprobéiert hues. Sou den bëssen méi kllasseschen vleischt am Ufank

B @ech hunn alles ausprobéiert@

I maja kanns de einfach sou bëssen erzielen wei dat sou war? #00:16:32-4#

B Also ech hunn ugefaangen matt ehm --- matt am fong duerch Liporello, dat ass eng Firphase gewiescht vum MILA, dunn ass hei am Land de MILA getest ginn an dat war awer den Däitschen Programm. Den Liporello huet den deemools geheescht, mee en war den MILA ass lo e bëssen dorobber opgebaut. Dat heescht dat war ganz normal Fibel, dat heescht dat hunn mer och duerchgeknaat mee awer och nach zousätzlech sou oder sou Fichen nach dozou gemaach. #00:17:02-4#

I Dat heescht dat alles méi frontal

B dat war méi

I net wierklech differenzéiert? #00:17:06-9#

B Voila dat war e gutt Stéck méi frontal. Du waren wierklech déi meescht Stonnen eh entweder hunn mer et am groussen Grupp zesummen agefouert oder sie hunn dono geschafft oder ech stoung fir un der Tafel an ech hunn hinnen et erklärt an sie hunn dono geschafft also den gros, jo souwuel am rechnen wei am Däitschen muss ech soen. --- Ehm déi Zäit wei mer dunn bis op den Punkt kommen, mir hunn och oft MILA geschafft méi kllassesch eben an dunn hu mer awer och schonn ugefaang bëssen méi oppen trotzdem am allgemengen zeginn, dass de awer mol méi ge-, méi matt Dagesplang alt mol heiansdo geschafft hues oder matt Atelierien geschafft hues oder an Gruppenaarbechten geschafft hues, tass awer no an no ëmmer méi. Dat ass och eigentlech no an no ëmmer méi populäre ginn, ne. Dann ass dat dann iwverall eh huet dat dann geheescht wow dat ass et lo muss dat gemeet ginn, an dann denks de dir, ok dann muss du dat och @maachen@. Jo an dunn jo wei mir bis ugefaangen hunn ganz ouni also quasi ouni Bicher ze schaffen, dunn sinn mer am Däitschen wierklech ganz oppen am fong ginn. Do war et wierklech hei ass eisen Pensum fir déi nächst zwou Wochen, pro Buchstaw, den ass lo ze bewältegen. Wat dir wéini maacht, un iech ze decidéieren. Bis op puer Säiten déi mir lo zesummen agefouert hunn, wat lo och keen groussen Ënnerscheed ass zu dessem Wocheplang-pläng lo ass wei mier se lo hunn. Am Rechnen huet dat Ganzt mengen ech bëssen méi laang gedauert, do hunn mer laang eben also do hunn mer och nach ëmmer nach wie vor een Buch --- mee do hunn mer zwar och lo schaffen mer nach vill an Gruppenaarbechten trotzdem dass sie mol oder zu zwee an zwee dass sie Saachen sollen ausprobéieren, hei wei géings du dat do rechnen, an dann müssen se eis de Weeër, muss se eis den Wee erklären oder lo matt den Euroen dass dann

Statiounen gemeet ginn. déi eng Statioun ass mir ginn akafen, déi aner Statioun ass lee sou vill Beträg dohinner, jo eben halt méi sou Richtung Statiounen. Mee do ass, well den lo am Wocheplang matt dran ass dat automatesch och méi frei ginn. Awer also ech hunn schonn relativ frontal ugefaangen an ech sinn ëmmer méi, mee ech sinn awer och rëm bëssen zrëck geruddert gewiescht awer eng Zäit. Iergendwann war et einfach zevill- hunn ech einfach fonnt lo ok lo gött et awer zevill sie kennen maachen wat sie wëllen, dass jo sou an wou mer dann awer gesot hunn mir huelen lo rëm pro Dag ass awer lo wéinstens eng Stonn wou mer se am Grupp hunn an wou mer dat selwecht erklären an wou dann och quasi jiddwereen un dem selwechten schafft, fir se awer och einfach och bëssen dat mir kennen net nëmmen maachen wat mir wëllen hei, mir mussen awer, mir kréien och heiansdo eng Consigne du mäss lo **dat** an dat ass et. #00:19:34-2#

I Ass dat dann och haut lo nach bëssen sou den Moieskrees, oder? Wou se och an der Grupp dann schaffen? #00:19:39-9#

B Eh nee am fong net, also mir hunn, bon dat ass Freides eben lo net, mee Densdes hunn mer, Méindes Densdes an Mëttwochs hunn mer wierklech all Moien hunn mer eng fix Stonn, sief et eng Däitsch oder eng Rechnung oder och eppes Neies zu engem neien Thema wou mer eng Aféierung maachen, wou mer och nieft den Moi-, also apaart vum Moieskrees nach eng Kéier zesummen sinn eh --- bon d'Euroen lo zum Beispill, fällt mer ëmmer rëm @an well mer grad domadder am gaangen sinn@ hunn mer zesummen eben, do souzen mer zesummen am groussen Grupp, mir hunn eis se alleguerten ugekuckt an d'Ënnerscheeder zu deenen eenzelnen festgehal. Am Däitschen ass dat lo maachen mer nächst Woch zum Beispill maan mer den laang i an Differenz vum laangen i an dem ei. Dat gött dann matt Käertercher gemeet. Dat heescht dat ass dann, oder mir haten elo Tu-Wierder gemaach matt Sazbau dat war och alles op Käertercher mee dat man mer dann um Bueden zesummen am groussen Grupp. Dat ass och uewen normalerweis an dann ass oft dozou eng **eng** Aufgab déi dann eh zemaachen ass. déi dann och jiddwereen déi nämlecht mëscht, bis op déi, also dass och do gött dann rëm differenzéiert wei Kand TN an méin Kand L sie kruten awer bei den Tu-Wierder haten sie déi visuell Hëllef vun den Käertercher déi lounen relativ no bei hinnen, konnten dunn kucken, bei den aneren hunn ech dunn gesot dier net --- eh jo dat hänkt, dat variéiert och ëmmer, wann ech denken ok die kréien dat och lo sou hin wei déi aner dann ass dat och gutt an wann net dann kucken ech fir hinnen awer iergendwéi eng Hëllef ze ginn. Dat ass och oft bei den Froen, wann ech mierken hei Froen sinn ze schwéier am Wocheplang, och lo mol net bei engem extrem Schwaachen, mee wou ech dann awer einfach soen, hei dann schreiwen ech se séier hannen op Tafel d'Äntwerten duercherneen an dann ouni dat lo grouss public ze man an jiddwerengem dat ze zielen, oder ech hanken se iergendwou hin, soen ech dann zu dem den wierklech bei enger Fro hänkt an guer net eenz gött, ier ech him d'Äntwert selwer soen, soen ech him hei géi mol un Tafel, lies mol déi verschidden Äntwerten déi do stinn, fënns de vielleicht eng déi op déi Fro passt, deis du gär häss, weess de einfach bëssen sou an déi Richtung eben. #00:21:38-5#

I Ma wei gött soss nach sou Binnendifferenzierung bei dir lo an der Klass ëmgesat? Also konkret mam Wocheplang hues de jo schonn ausgesinn, wei gesäit den aus? Du hues jo schonn zwee verschidden Wochepläng? #00:21:54-5#

B Ah ok. Jo dat ass am fong dat eenzegt visuell déi zwee verschidden Wochepläng, bon dat geet och duer @---@ ehm dass just am Däitschen am Moment, rechnen mëschtt jiddwereen dat selwecht wou bei natierlech dann Sachaufgaben apaart bleiwen, well dat jo dann rëm Däitsch ass, ehm liesen an sou entweder mëss de déi matt engem kritt den dat virgelies, kréien se virgelies oder sie maachen se eben net. Dat hänkt ëmmer dovunner of. Mee am Däitschen, jo also --- jo matt Material -- du hues verschidden Meiglegkeeten. Also ech selwer sinn een Deel Differenzeierung , aner Kanner sinn een Deel Differenzeierung, mol eben als Hëllef heiandsdo. Material, eng grouss Hëllef eh @--@ ehm --- d´Quantitéit, woubäi ech ehm net onbedéngt dann soen, sou du kriss lo einfach nëmmen fënnef Sätz mee et kritt eigentlech jiddwereen déi selwecht Zocht vun Sätz, an ech soen dann awer ganz oft, wann een seet oder en setzt schonn beim éischten Saz ohhh ech kann den Saz awer net sou wei Kand S dann ne, ech kann dat awer net. Soen ech dann, bon bei him soen ech dat lo net well ech weess @dass et dat kann@ mee wou ech dann awer soen, mee dann sich dier der einfach tëscht deenen zéng fënnef raus deis du kanns, ne. An dann brauch den dann och nëmmen déi fënnef dann eben an dem Fall ze man. Dat kennen och lo Staarker sinn, dat muss lo net onbedéngt een een wierklech schwaachen Schüler sinn oder wou ech eben och mierken en brauch immens laang vun der Zäit hier, wou ech dann einfach soen, hei sich du dir der lo fënnef raus, well dann kann et jo genau su gutt sinn, dass heen sech Sätz eraussicht déi eigentlech fir mech vill méi schwéier sinn, awer fir heen grad den Moment vill méi einfach sinn, ne. Dat heescht et ass amfong net lo sou ech bauen meng Übung op déi éischt fënnef Sätz sinn wierklech einfach an dono gëtt et méi schwéier, an dann soen ech zu deenen engen maach dir just déi éischt fënnef Sätz, well et ass net jiddwereen selwecht, also fir jiddwereen dat selwecht schwéier wei fir den aneren eben.
#00:23:46-6#

I Jo sou ginn se jo och vill méi selbstänneg och direkt. wann se sech selwer eraussichen. #00:23:50-1#

B Jo. Dat, also wei gesot Quantitéit, ehm awer eben als net lo dass ech se reduzéieren mee dass ech einfach soen du brauchst der just fënnef ze man. Dat selwecht ass och fir an d´Heft, wann ech lo bis bemol mierken, oh freck den do huet lo sou propper geschriwwen an sou schéin geschriwwen mee en huet awer lo leider réischt drei Sätz geschriwwen, an ech gesinn, dass an deenen drei Sätz keen Fehler ass, an et ass alles super propper geschriwwen, dann soen et ass gutt. weess de sou eben halt. Am rechnen ass et do selwecht. Een den véier Kolonnen Rechnungen geschriwwen huet déi richtig sinn, firwat soll en dann nach eng Kéier zwou dobäi schreiwen, nëmmen well déi am Buch stinn, soen ech em dass gutt sich der eng Aufgab oder ech ginn him eng Aufgab wou ech weess hei do brauch en nach bëssen Hëllef --- ehm --- wat hu mer nach, mir hunn sou vill --- --- jo eh Internet, heiandsdo och Google-Biller virun allem ganz oft, dass ech wierklech, sie wëssen och selwer wei se an den Internet, also an den Google rakommen mir hunn en och net gespaart, wou ech dann wierklech oft soen wann iergendeen ech weess awer guer net wat dat ass an am Plazt hinnen dat dann iergendwou hin ze molen, soen ech hinnen dann ganz oft ma hei Computer géi et sichen oder ech sichen et selwer, egal ne. Einfach sou Biller am fong, wierklech oft bei Erklärungen ne su mann wei meigleg an eng aner Sprooch zeréckfalen muss ech awer och soen. Heiansdo ass et net ze vermeiden, mee awer sou mann wei meigleg an dann awer iergendwéi ze erklären matt Hänn a matt Féiss @--@ eh --- wat hunn mer dann nach --- --- #00:25:23-3#

I Niveauen jo och. #00:25:24-2#

B Jo matt den Niveauen. Jo dat ass eben duerch déi zwee Wochepläng, ne. Awer och wei gesot sou mann, sou mann wei meigleg, wann et einfach guer net méi geet den richtegen. Awer wierklech, well mir haten lo awer eent, eh zu Kand S dat huet dunn déi läscht zwou Wochen den matt der Fieder kritt gehat an eh mir wollten lo awer lo mol rëm, bei him awer lo mol rëm matt dem aneren probéieren, ne. Mir probéieren schonn su mann wei meigleg an den Niveau ass, vielleicht och wichtig ze soen, normalerweis wann mir, mir müssen en jo un een éischt Schouljoersprogramm, den muss nach am Moment do mat drënner lafen, dat heescht wat mir am Moment maachen ass relativ heisch gesat a punkto zum éischten Schouljoer, och vun den Texter hier vun dem wat se liesen an dat wat den lite, nennen ech en lo mol d´Fieder ass, ass nach ëmmer éischt Schouljoers Niveau, ne. Dat heescht matt dem kenns de, et ass wei gesot differenzéiert awer et ass awer lo net dass de lo sees dass de schonn d´office sees oh mam den do mëscht dat doten, den kann jo guer näischt. #00:26:21-6#

I Dat heescht et ass vill och no uewen differenzéiert? #00:26:23-4#

B Tass méi no uewen differenzéiert. Jo, mir fänken heisch un, soen ech lo mol sou, mir fänken heisch un an dann schrauwen mer bei verschiddenen halt rof an bei aneren eh kucken mer dann eben nach bëssen bei ze ginn. Jo Computer och nach Geschichten schreiwen, déi déi dann wierklech frei fäerdeg sinn, kennen dann och selbstänneg wann se Loscht hunn Computer selwer vun sech aus dann Geschichten schreiwen goen --- eh dann hunn mer nach eh een Computerprogramm den Budenberg, en ass ganz fuerchtbar opgebaut en gesäit ganz fuerchtbar aus

I jooo den A hat mer dat schonn gewisen

B jojo maja wanns de do den Computer umess an den Programm hells mengs de

I rëm zréck an den 90er

B et wier een Virus drop oder **wat** och ëmmer. Mee en ass ganz ganz efficace an matt dem differenzéiers de d´office schonn mol ehm einfach sou ouni dass de do groussaarteg der eppes muss aus den @Fanger sucklen@. Dat mol nach ehm --- ---- jo Zäit eh Déngens eben halt. déi eng wei lo matt der Sandauer den Moien, bei deenen engen Kand FJ huet seng Rechnungen lo all geschriwwen an Zéit vun der véierel Stonn, dat hätt heen nimools hikritt, mee wierklech dann mol bëssen Drockmeißeeg dann eben awer sou schéin agepak @---@ jo bei him klappt et, mee dann beim Kand U net, gësch huet et beim Kand U am Test geklappt, des jo. Also nach wie vor ass et awer vill individuell du kucks vill wei d´Kand op wat reagéiert an dann weess de och wat gëss de em lo. Du hues eben, et ginn honnert dausend Saachen fir ze differenzéieren, also et ginn bestëmmt na- #00:27:53-4#

I Mee dir passt iech schonn nach éischten den Lernstiler vun den Kanner un? #00:27:56-7#

B jo, jo #00:27:58-5#

I Wei gesäit et dann matt Sozialformen aus? Also den Wiessel? #00:28:02-8#

B Ehm am Wocheplang en gros alleng, mol wei ech lo zum Kand L den Moien gesot hunn zu zwee an zwee wann ech lo weess ok déi doten zwee sinn plus minus op dem nämmlechten Niveau an sie kennen sech geigenseiteg hëllef. Ech halen net immens vill dovun ohh dir däerft dat do zu zwee an zwee maachen an den Schwaachen, an ech setzen se dann och nach demnowei schwaach oder sie setzen sech selwer och nach schwaach. staark beieneen, bon ass et logesch dass den Schwaachen absolut näischt dobäi leiert an den Staarken natierlech och net well den weess et jo schonn. Dat heescht Wocheplang ass wierklech eng gros eenzel, an d'Aféierungen jo ass dann de ganzen Grupp Klass ganz oft an dann eben eh an den eenzelnen Aféieren sinn dann oft sou kleng Spillercher déi se dann an Gruppen maachen eh dat heescht sou véier fënnef Stéck pro Grupp, oder awer ehh jo awer vill Partneraarbeschten an den Aféierungsstonnen dass se mol zu zwee an zwee eh Memorieskärtercher kréien déi se bei Wuert mussen leen eh oder verschidden Statiounen wou se dann dréinen no enger gewësser Zäit wou ech dann fënnef Minutten fir eng Statioun hinnen ginn --- ehm jo ech mengen dat wieren déi meescht. #00:29:12-0#

I Dat heescht et ass awer schonn een Wiessel dann och #00:29:13-5#

B Jo jo jo, tass also wei gesot et ass haaptsächlech den Wocheplang, jo den Moieskrees jo den en Groupe dann eben rëm, ne. Et ass am fong pro Dag hu mer der drei bis véier, du hues den Moieskrees am Grupp, du hues dann den Wocheplang bis Paus wou et plus minus leng ass, außer Spiller däerfen se ëmmer zu zwee man an um Computer Geschichten däerfen se och zu zwee schreiwen. Eh an dann hues de jo déi Stonn dann no der Paus wann dat dann eng Afeierungsstonn ass, ass dat entweder rëm am Grupp oder awer, vielleicht och kuerz d'Erklärung am Grupp an dann wiesselt dat, dat hänkt awer och ëmmer dovunner of. Wat ech nach vill man ass Vocabulaire üben matt Doppelkreis, ech weess net obs de dat schonn eng Kéier héieren hues. Doppelkreis sinn amfong zwee Kreesser, also an der Mett een Krees vun Kanner an baussen steet Kanner, sou wei mir eis lo hei setzen, stinn zwee Kanner sech all Kéiers sech sou géigeniwwer an engem Krees eben. Den banneschten Deel bleift komplett stoen an den baussechtesten Deel den dréint ëmmer. Dat heescht den banneschten Deel huet dann Vocabulaire Kärtercher an der Hand an den baussen muss dann den kritt, soen ech lo den huet dann drei Kärtercher an der Hand an den muss misst du mir déi dann nennen eben. Den muss déi natierlech et ass Virausssetzung, dass den den bannen steet muss déi Kärtercher wëssen also en muss déi drei Wieder wëssen, déi en huet. Den baussen muss déi nennen an dann iergendwann eng Kéier klappen ech an d'Hänn an dann ginn déi baussen einfach een weider, dat heescht sie kommen bei drei nei Kärtercher. #00:30:32-1#

I Do sinn Biller op deenen Kärtercher? #00:30:33-1#

B et sinn Biller oder sinn och mol bei mir am Ufank vum Liesprozess waren et och mol Wieder oder Silben je no dem. An dann dono ass et dann gewiesselt ginn dass den banneschten Krees den baussechten Krees ginn ass an dann hunn sie dann och eben. Jo dat man ech relativ oft bei sou Aféierungen vun neien Wieder oder vun

Rechnungen, jo --- #00:30:56-8#

I Eh gesäis de iergendwellech Problemer oder Grenzen vun der Differenzeierung?
#00:31:01-7#

B mmhh jo zevill Hëllef heiansdo @---@ mee ech mengen dat ass mäin eegenen Problem @---@

I Wat mengs de domadder?

B Ma dass ech, mer heiansdo denken, also dass ech jo dass ech en brauch Hëllef an awer denken ech, wat huet em déi Hëllef lo bruecht? En huet zwar lo déi Übung do stoen, mee et kann et dofir awer lo net besser. Dass ech am fong mengen ech heiansdo mer mol méi Saachen mer sichen wou en vielleicht dono awer éischer kéint kéint leng maachen oder sou. Oder Übung upassen eh bëssen méi un säin Niveau dass en awer méi leng vielleicht kéint maachen. Also differenzéieren ass secherlech néideg fir ganz ganz ganz vill Kanner fir net souguer fir jiddwereen am fong ob lo no uewen oder no ënnen, mee einfach et müssen et sinn awer och Saachen déi müssen einfach geleiert ginn. An mir kennen net Saachen nach méi erofschrauwen wei, Rechnungen bis 20 müssen auswenneg geleiert ginn, ob minimum bis 10. Do kann een net nach méi differenzéieren, wann een do engem seet jo du brauchst déi net ze kennen oder du brauchst der just d´Halschent dovunner ze kennen jo wei wells de dann weider rechnen ne? Also et ginn secherlech Grenzen wous de dann einfach ses hei dat doten muss einfach setzen. Ech fannen genau sou eh een gewëssen Wortschatz een gewëssen Vocabulaire muss einfach do sinn, wou et mir an mengen Aen net geet sou du brauchst déi lo net ze leieren. Dass sie lo all die Olchi-Wierder oder verschidden Saachen vun deenen Wieder, dass sie déi net all müssen wëssen, dat ass mir ganz kloer. déi hunn se och méi als Hëllef, sie kennen die och ëmmer rëm nosichen goen an nokucken goen, mee ech fannen awer een aldeeglechen Gebrauch an wei Schoulmaterial an all déi Saachen déi müssen einfach bei jiddwerengem do sinn. An ech fannen do gëtt et einfach keen Grond ze differenzéieren an also do. #00:32:48-2#

I An sou perséinlech Grenzen? Zum Beispill virdrun sos de jo, du kanns net jiddwerengem all Kand gerecht ginn. #00:32:55-0#

B Ah jo. Dat an ehm eng perséinlech Grenz ass zevill zu zwee an zwee schaffen, well ech wierklech d´Erfahrung gemaach hunn, dass den een schafft an den aneren net schafft --- dat funktionéiert heiansdo wierklech, also ech hunn och schonn Kanner beobachtet déi hunn dann wierklech doriwwer diskutéiert, dat geet dann och wierklech just dann wanns de se an hirem Niveau hues an dat geet awer och an mengen Aen just bei deenen Staarken. Well déi Schwaach man, jo, sie schwätzen dann och nach vielleicht doriwwer mee et kennt dann lo net onbedéngt produkt- also sie hunn dann eng schéin Véirelstonn gehat mee ob sie awer lo dobäi eppes geleiert hunn, dat froen ech mech. Also wierklech Gruppenaarbecht, also zwee an zwee Arb-, also Partneraarbeschten ass an mengen Aen matt Vorsicht zu genießen. Dat mol ass eng vun deenen an eben dat, dass de eben mengs du misst jiddwerengem et tel quel wierklech gerecht man sou wei heen, sou wei en et grad brauch, du muss einfach iergendwann eng Kéier an Gruppen zesummen huelen an hei dat doten sinn lo déi, déi soen ech op dem Niveau weider fueren an dann doten sinn lo déi, déi do

weiderfueren, well eh fir jiddwerengem nee dat geet net. Et ass selwecht wei wann mir lo jidderengem géingen fir jiddwereen een aneren Wocheplang maachen, ne. Secherlech ass Kand TN den hei Wocheplang sinn nach Säiten ze schwéier, mee dann léist en se wech. weess de dann ass et eben sou. Dann huet en déi eben lo net gemaach an dann ass et eben gutt. Mee fir lo rëm een drëtten ze maachen an dann kenns de iergendwann op den jo mee den doten brauch awer lo vielleicht nach méi dat, dann hues de och nach een véierten. Also dann gëss de net méi fäerdeg. #00:34:24-8#

I Jo dat ass jo dann och den Zeitfaktor dann. Weivill Zäit brauch dir dann lo schonn hei fir déi zwéi? #00:34:29-8#

B @---@ also mir sinn, mir bereeden ëmmer Donneschdes Mëttes eh zesummen fir. Dat heescht mir hunn virdeischt Concertatioun an dann ass dann géint zwou ass Versammlung dann riwwer. Dat heescht um zwou fänken mer dann un. Do huet dann awer am Virfeld jiddwereen déi eng oder aner Fichen gemeet, dat heescht dat steet am fong, dat wat dran kennt steet plus minus. Dat heescht mir leen Thema ëmmer déi Woch virdrun fest, déi meescht Texter hu mer gott sei dank dëst Joer schonn vun deenen Joren virdrun @---@ dat heescht dat geet alt schonn bëssen besser. Mir veränneren se zwar mol zum Deel mee dass awer lo net dass de rëm bei null ufänks. Jo dann ass Donneschdes leen mer dann jiddwereen dat wat dann jiddwereen gemeet huet, huet dann jiddwereen matbruecht an dat gëtt dat dohinner getässelt an dann decidéieren mer wat mer, dann kucke mer se virdeischt eng Kéier all duerch wou mer nach Saachen änneren oder wei och ëmmer. Dann leen mer se zesummen an dann steet dann mol den Wocheplang, dann maachen mer nach een Deckblaad, kucken wei eng Spiller mer nach drop man an dann ass et awer schonn su normalerweis véier Auer. Dat heescht dann geht den dann mol an Kopiesmaschinn, an dann fänken mer awer och nach un, also mir bereeden eis Woch och tel quel zesummen fir, dat heescht mir man an deenen drei Gruppen am fong genau dat, also plus minus jiddwereen op seng Manéier awer schonn dat selwecht. #00:35:36-6#

I Dat heescht fir schafft zu drei zesummen? #00:35:37-8#

B Jo am fong sinn et jo zwou Klassen mee vue dass mer een drëtten Grupp hunn , bereeden déi awer och mat fir. Dat ass awer just an den Haaptfächer. Wann ech lo, den Metten hunn ech ee Bastelen hunn ech meng 19 Kanner an lo am lëtzebuergesch sinn och déi 19. #00:35:54-8#

[Unterbrechung] #00:36:00-0#

B Ehm maja dann fänken mer un Woch virzebereeden ehm jo dat hänkt dovun of, je no dem brauchen mer ganz laang, je no dem brauchen mer iwwerhaapt net laang. Dann sichen mer eis jo eben ëmmer déi Stonnen wou mer, d´Aféierungsstonnen an dann bered- ginn mer mol kucken, also Donneschdes Owes steet normalerweis alles, ne. Dann eh duerno wann dann Woch bis steet eh gëtt gekuckt hei fir do Stonnen brauchen mer nach déi an der Käertercher grouss, oder mir brauchen nach dat oder mir brauchen nach hei an dann sichen mer déi Saachen nach alleguer zesummen, maachen dat nach alles an dann kuckt jiddwereen fir sech jo wat brauch ech lo nach, wei lo zum Beispill dat Raster mëscht dann nach jiddwereen fir sech. Oder den een seet oh ech hätt dat doen awer gär plastifizéiert, den aneren seet oh mir geet dat

duer wann dat einfach normal. Jo dat ass dann jiddwerengem perséinlech, weivill en sech dann nach Méiaarbescht well maachen. Mee virun siwen aacht Auer fueren ech Donneschdes Owes net heem. #00:36:48-1#

I Wat mengs de dann ongeféier an enger ganzer Woch weivill méi Stonnen, dass de nach hues? #00:36:53-0#

B Vill @-@ jo also Densdes, ech hunn jo Mëttwochs Mëttes frei, een vun deenen zwee Mëtteger geet awer normalerweis nach ganz drop, mee et ass awer lo net nëmmen virbereeden. Ech sinn lo och nach am Comitée, dat heescht jo, dat heescht jo, du hues dann nach ëmmer bëssen vun allem ze man. Ehm soen ech lo mol Densdes sinn awer nach eng Kéier, oder Mëttwochs ass jo egal, sinn awer nach eng Kéier gutt sechs, fënnf sech Stonnen déi ech secher nach wäert maachen, sou matt verbessern matt hei an matt do. Mëttwochs ass et dann normalerweis just nach verbessern, eng zwou Stonn [nicht verstanden]. Soen mer mol Densdes an Mëttwochs zesummen aacht bis zéng Stonnen déi ech awer nach eh normalerweis, oh aacht, zéng ass vielleicht bëssen heisch. Méindes normalerweis net méi sou vill, do bleiwen ech oft nach hei bis eh fënnf Auer, dass ech alt schonn ufänken Fichen oder sou ze maachen, awer lo dass ech lo vill matt heem huelen, oder sou. Jo Donneschdes carrément vun 12 bis 19,20. ehm Weekends eigentlech zwar ganz wéineg, muss ech soen. Probéieren ech och zu mann wei meigleg mol ze verbessern wei gesot. Mir hunn gëschter Rechentester gemaach

I dat heescht sou grob geschätzt 15-20 Stonnen méi?

B déi krut ech lo net all verbessert. Ëmmerhin, also ëmmerhin awer. #00:38:12-2#

I Wat schätzt de dann am Verglach zu méi kllasseschen Unterricht, also zu dengem virdrun? War dat méi manner ähnlech? #00:38:18-4#

B Also zënter dass mir sou zu drei zesummege schafft hunn war et ëmmer ähnlech. Also mir hunn ëmmer immens vill, vill laang gebraucht. Ganz am Ufank wei ech ugefaang hunn, ech mengen do huet een o war @--@ et war iergendwéi anescht, do war eben den Déngens du muss alles sou perfekt computermeißeeg alles, dat war alles nach net sou wann d'Kopie dann mol eng Kéier op der Hand geschriwwen war an lo sinn ech ech sinn lo sou extrem pingelech, dat geet natierlech net. Dat heescht ech ameséieren mech dann ëmmer alles nei ze tippen, wann ech dann soen dat do gefällt mer lo net méi, wann ech dat dann néierens méi rëmfannen. Ech eh -- ech mengen ech verbréngen och vill Zäit matt gepiddels @--@ #00:38:57-0#

I Jo mee et ass awer och Zäit déi drop geet. #00:38:59-7#

B jo. An dann eben jo, wei gesot. verbessern hellt awer, wei all Wochepläng, soss wanns du pro Dag eng Aféierung mëss, hues du all Dag eng Fiche ze verbessern, déi mëss du an engem éischten zweeten Schouljoer, die hues de schnell verbessert. Mee verschidden Kanner wei Kand L, all déi lo déi gëscht oder virgëscht well fäerdeg waren, déi ginn Méindes an Densdes Gas, dat heescht do hues de quasi een ganzen Wocheplang bei hinnen ze verbessern. Ok et ass net terribel vill an engem éischten Schouljoer, natierlech net, an awer, ne. Du schreifs, du schreifs et driwwer, du schreifs nach Kommentarer dobäi et hellt awer alles seng Zäit.

#00:39:32-0#

I Dat heescht et ass awer schonn bëssen méi Opwand`? #00:39:34-2#

B Jo #00:39:35-0#

I Wei lo am Verglach zu virdrun. Wei gëtt dat iwwerhaapt vun den Schüler opgeholl? Mierks de een Ënnerscheed zu Wochepläng an dunn net-Wochenpläng? Zu fréier? hues de Gefill? #00:39:48-2#

B Ass relativ lo soen, well nie ech hunn matt deenen hei, matt deenen hei jo souwisou, mee och matt deenen virdrun, déi sinn an d'éischt Schouljoer komm an hunn direkt dem ugefaang, dat heescht fannen ech lo Kannerofhängeg. Dat heescht ech weess lo net wei meng, déi ech virdrun hat, wou ech dann méi frontal geschafft hunn, wei déi matt Wochepläng funktionéiert hätten. Kann ech lo net sou direkt 100prozenteg soen. Mee ech denken deenen engen gëss de extrem gerecht domatt, déi ginn ganz gutt eenz domadder, die kréien ech ganz gutt agedeelt, déi soen och carrément ech maachen keen een Spill bis dass ech fäerdeg sinn. An déi aner ginn einfach guer net eenz an déi brauchen einfach du mëss lo déi Seit an du mëss lo déi Seit an dat kann een jo, dat ass jo, kann een jo och nach maachen matt Wocheplang, dat ass jo lo net dass een et net kann maachen. Ehm en gros fannen ech et positiv eben einfach wells de Zäit rausschleis fir kennen Eenzelnen méi ze hëllefen --- mee wei mengem Kand S oder Kand U mengen ech géing su eng schéin frontal Stonn heiansdo ganz gutt doen @--@ #00:40:50-3#

I Mengs de dann net dass déi dann nach just géingen do setzen an guer näischt man? Ech mengen sou gees de jo, sou kanns de nach dohinner goen an soen #00:40:57-5#

B D'Kand U. vielleicht nach, Kand S net. Kand S kritt, dat géing lo dobaussen, also wann dat lo hei géing setzen eppes aneres ze maachen, dat géing all Wuert matkréien wat mir hei géingen zielen. Dat ass sou dat opnahmefähig dat ehm jo herno beim schrëttlechen vielleicht net mee hatt kritt awer alles matt wat ech zielen, dat kritt hatt alles matt. Also hellt doduerch eh onmoosseg vill op duerch einfach säint rondrëm alles matkréien. Hatt kritt natierlech och matt wat rondrëm an der Klass leeft @---@ #00:41:30-5#

I Mierken Kanner lo eigentlech selwer den Ënnerscheed tëscht den Wochepläng? Dass sie zum Beispill een méi liicht Versioun oder méi schwéier Versioun hunn? #00:41:37-6#

B Ehm am Ufank war et einfach guer keen Thema, huet keen eppes weider gesot. Bis dass dunn opemol Kand L ohh Kand A huet awer do eng aner Seit, ech hunn déi awer net. Ne jo et ass jo egal ech hunn et net weider groussaarteg thematiséiert. An ech hunn him awer och dono erklärt maja mee du weess jo déi läschte Kéier, wou mer dat doten gemeet hunn dunn ass et net gaangen du wolls net méi herno, sot sou sie hunn dat usech positiv opgeholl déi meescht. Ech sot och dat ass och lo keen Grond ze soen, ech kann näischt, du mierks jo lo hei dass de et besser kanns. Well Kand L gëtt wierklech, also hatt ass lo mol op der gewonnener Seit matt dem hei Wocheplang, ne. hatt kann mol Saachen leng maachen. An Kand P wat ech virdrun

hat, war lo beim S ass, ass och frou. An et freet sech och well wann hatt een kritt wou keng Fieder drop ass, seet hat schonn direkt hei dat do kann ech net @--@ Sie eh wëssen ganz genau eh den Ënnerscheid schonn, ne. Also am Ufank hunn ech probéiert su mann wei meigleg ouni, net groussaarteg ze diskut- also ech hunn et och nie am groussen Grupp ugeschwat, mee wann se mech froen hunn ech awer gesot. hei dat ass schonn dowéinst. #00:42:51-8#

I Gett et iergendeppes wats de géing eng Kéier gären ausprobéieren wat och lo differenzéieren ugeet? ---- Ech weess lo net virgëschter krut ech gesot. zum Beispill dass awer nach alles sou extrem Pultzentréiert ass #00:43:09-5#

B jo bei mir zwar guer net #00:43:12-7#

I Ben ech mengen während sie schreiwen setzen sie jo um Pult #00:43:14-2#

B Ah sou Kanner lo. #00:43:19-6#

I Dass dat iergendwei nach méi, ech weess net, nach méi aktiv, nach méi aktiv Aufgaben. Ob et iergendeppes gëtt wat een eng Kéier ausprobéieren kéint. --- #00:43:28-9#

B Jo doduerch dass mir lo matt den matt den Spill- bon déi eng setzen secherlech vill dat ass richtig mee doduerch dass sie awer och matt den Spiller awer relativ vill dozweschend opstinn, déi meescht, den gros opjiddefall, also déi déi lo haut geschriwwen hunn, déi hunn lo net guer keng Spiller gemeet, mee do hunn se déi die Deeg virdrun gemeet, well se gesot hunn, ech well lo net méi schaffen. Ech weess et net op ech nach vill méi -- also op keen Fall nach méi frei, well also eng gewëss Struktur muss awer fannen ech an dem ganzen sinn ---- #00:44:08-3#

I Du kanns och soen dir gefällt alles sou et ass alle super @--@ #00:44:12-3#

B Also am Moment wéisst ech lo ganz éierlech gesot net, wou ech nach kéint. vill méi ausprobéieren am am also am Punkto differenzéieren. #00:44:23-7#

I Géings de nach eng Kéier manner wëllen maachen? #00:44:25-5#

B nee awer och net #00:44:26-8#

I Och net #00:44:28-1#

B nee nee also ech fannen et gehéiert schonn dozou, et muss gemaach ginn, an mengen Aen ganz ganz secher --- #00:44:36-6#

I Ehm also dir schafft jo hei zu drei lo un enger Klass

B zwou Klassen

I also jo an zwou Klassen, wei gesäit dann soss sou den Kollegenaustausch aus? #00:44:47-1#

B Ass an all Cycle duerch Consultatiounen schonn gewährleitet, awer mir schaffen extrem vill als ganzen Cycle zwee och zesummen. Also mir hunn och Science do sinn se éischt an zweet Schouljoer gemëscht dat heescht eh do sinn mer wierklech vill vill gemëscht an am drëtten an vei- an vum drëtten bis sechst schaffen sie sou parallel horizontal schonn zesummen, awer lo mir sinn awer lo den Cycle den am enksten zesummeschafft. #00:45:17-4#

I Ehm has du nach iergendeen Wonsch un lo zum Beispill nach méi konkret Formatiounen, méi Beispiller méi Material, méi Hëllef vun baussen, oder fënns du dass dir hei schonn ënnerteneen gutt eenz gitt #00:45:31-1#

B Ehhh also Formatiounen denken ech jo lo mol einfach, dass der déi kanns sichen an do fënns de do gëtt et sou eng grouss Auswahl, ech mengen wanns de do eng wells man fënns de eng an déi Richtung deis de wells maachen. An wanns de net, also wanns de keng géings fannen dann gëtt et nach ëmmer Méiglechkeet fir schoulintern, also wann der do genuch drun interesséiert sinn, dat mol einfach unzufroen, ob et net kann, ob een net kann sou eppes ugebueden kann kréien. Formatiounen hier denken ech mëscht do, do ass jiddwereen perséinlech soen ech lo mol, dass ech fir de Moment genuch ofgedeckt sinn matt Formatiounen. @---@ nee ech sinn och nach am Moment an enger déi bis 2017 ass, also fir ze kéieren also ehm dat ass zwar lo net a punkto differenzéieren mee Richtung Sproochleieren, also Däitsch als Friemsprooch, weis de de Kanner beibrengs, die eben net Mammesprooch Lëtzebuergesch ass, an déi eben Schwieregkeeten hunn mam Sazbau. --- ehm konkret Hëllef wier wichteg fir all déi Kanner wou mir soen, hei do sinn Problemer, dat ass awer konkret Hëllef vun baussen an do hunn mir ganz wéineg Handhabung. Mee all déi Kanner wou mir soen, hei do ass manifestement een Problem den mir als Schoul, oder als Titularen net geléist kréien., mir hunn lo dat an dat an dat probéiert ech leng hunn dat net nëmmen probéiert mee dat hunn och lo meng Kollegen all probéiert mee dat geet net. Dann kenne mir dat Kand zwar schéin mellen, matt laangen, seitenlaangen Rapporten, wou mir alles festhalen, wat eng onméiglech Aarbecht ass, an dann geschitt während engem Joer mol rëm einfach guer näischt well sie et dann um Büro leien hunn, an dann ginn se zwar dann ginn hei Tester gemaach an dann gëtt do rëm eng Kéier. Maja dann froen mer lo deen an dann mëscht den rëm eng Kéier een Test, an herno ass rëm een Jaar vergaangen ouni dass eppes geschitt ass. Also lo wei lo beim Kand FJ den hätt déi Hëllef vun deenen fënnef Stonnen Woch net ëmmer. Heen krut déi nodeem ganz vill an der Spillschoul sech opgereeget ginn ass, an iergendwann hat heen dunn déi Hëllef. An déi musst de och lo unhalen sou fest wei meigleg an wann néideg, muss ech ganz éierlech soen, dat ass och lo net fir iergendwou hinzeschreiwen Situatioun dann verdramatiséieren an einfach soen hei nee dat doten geet awer lo wierklech nach net leng an fäerdeg. Well heen brauch dat. Heen geet ënner an enger Klass wou net heiansdo een do steet an him mol iwwert Schëller kuckt an jo. #00:47:57-2#

I Dat heescht allgemeng ass nach méi Ënnerstëtzung vun baussen wichteg?
#00:47:59-1#

B Vu baussen jo awer net lo fir de Grupp Klass mee fir sou eenzeln, fir eenzel Kanner wous de einfach dann fir déi hei Klass, weess ech lo net do sinn lo keng honnerttausend wou ech lo géing soen do bräicht ech dat doten, mee dat ass lo global geschwat vun all deenen Joren virdrun eben, wous de wou mer eis eben am

allgemengen wierklech am Stach gelooss fillen, wann mer oder wann mir selwer net méi wëssen wei et soll weider goen, awer keng konkret Hëllef. Du kriss ganz vill Theorie, hei dann probéier mol matt dem Buch, kaf der mol dat Buch. Herno hues de 30 Bicher kaf an du weess net wous de solls ufänken matt lesen an du weess awer net weis de et soll ëmsetzen. Bëssen dat, dat fehlt fannen ech am allgemengen.
#00:48:38-2#

I Dat heescht Material hu dir genuch, mee déi konkret, perséinlech- #00:48:41-9#

B Jo also Material mengen beschaaft och jiddwereen sech selwer, ne. Du muss de einfach kucken matt dengem Budget oder du keefs op dech ech mengen ech hunn och schonn, also wann ech eng Kéier hei géing plënnere, dann braischt ech een Camion ganz secher @---@ well al déi dat Gebichers wat ech mir mol sou bestellen, bezuelen ech dann awer selwer, ne jo. Ech schreiwen natierlech mäin Numm dran, an wann ech eng Kéier géing goen, geet et natierlech och matt. Mee ech mengen Material wanns de sees dat doten wier awer lo sënnvoll dann bestells de et einfach entweder iwwert Schoul oder privat. Nee also et ass éischer sou déi mënschlech Hëllef. vun Leit déi nach méi am fong ausgebild sinn oder déi an eng aner Richtung ausgebild sinn, wei ech weess net wei matt engem Dislexika probéieren ze lesen, ech weess net wei matt engem Traumakand wat ech iergendwellech duerch iergendwellech Erfahrungen eng onmoosseg Angscht oder wat och ëmmer huet, kann ech net ëmgoen. Ech kann léif an brav matt dem schwätzen mee méi och net.
#00:49:42-8#

I Ok wells de nach iergendeppes lass ginn nach iergendeppes soen? #00:49:49-7#

B Ehm nee nö ech mengen dat meescht hätt ech der awer lo hätt ech der gezielt.

C. Interview 3

Datum der Aufnahme: 14.4.2016

Ort der Aufnahme: Reuler

Dauer der Aufnahme: 67 Minuten

I = Interviewerin

E = Person E, Interviewpartner

F = Person F, Interviewpartner von der beobachteten Klasse

[Erklärungen zur Anonymität] #00:00:29-6#

I Ech wollt einfach mol locker ufänken, firwat si dir iwwerhaapt Joffer ginn? Wat war deemools #00:00:37-0#

E Dat ass lo eng gutt Fro jo. Also ech muss éierlech soen no der Premiere wor dat bei mir sou wat méss de weieng Richtung gees de, keng Ahnung. Ech hunn dat ëmmer immens schwéier fonnt an dunn hunn ech bei mir geduecht, ok ech sinn immens frou matt Kanner, du gees mol an déi Richtung. An dunn hunn ech zu Walfer den Opnamexamen probéiert an ech war wierklech der Meenung ech hätt den net gepackt an dunn matt ganz vill Chance huet dat dunn awer geklappt an du jo. Ech hat, an den Vakanzen hunn ech ëmmer sou Vakanzenaktivitéiten gemaach matt Kanner, dunn ech gemengt, probéiers de dat mol. Dat war eigentlech, einfach sou eng Iddi. #00:01:05-3#

I Dat heescht du has virdrun schonn Erfahrung matt Kanner an dunn. #00:01:07-4#

E Awer näischt schoulesches, dat waren ëmmer sou Vakanzenaktivitéiten, Spiller, Rallyen, sou Saachen. An et war einfach den Späz un den Kanner den mech interesséiert huet. #00:01:20-0#

F Jo ech sinn amfong einfach hei ranner hänkebliwwen, well et ass mir einfach, et ass aus Idealismus. Jo well ech nach haut sou gär schaffen ginn wei deemools. An ech hat een Papp den war mat Läif an Séil Schoulmeeschter, an jo. Dunn sinn ech dobäi hänkebliwwen. #00:01:34-7#

I Dat heescht et ass bëssen vum Papp, also vun den Eltren dann komm? #00:01:37-0#

E Jo ech war selwer zwee Joer bei mengem Papp an der Klass gewiescht an dat waren meng schengsten Joren déi ech je hat, well heen een mega mega gudden Schoulmeeschter war an eh zu der Zäit, wei ech an Schoul gaangen sinn, war heen een Revolutionär am Schoulsystem an ehm jo. An dofir hunn ech dat einfach ëmmer gär gemaach. #00:01:57-2#

I Seit wéini bass du dann lo Joffer? #00:01:59-8#

E Dat heiten ass mengt drëtt Joer, dat heescht wéini hunn ech ugefaang, 2013? 13, 14, 14, 15, 15, 16, also 2013 #00:02:08-7#

F 30 Joer. Een riesen Ënnerscheed. #00:02:14-7#

I Dat heescht du hues hei op der Uni.lu studéiert? #00:02:18-7#

E Genau jo. #00:02:20-8#

I Eh wei war do däin Studium opgebaut? #00:02:24-1#

E Relativ theoretesch. Dat heescht mir haten net, also dat Joer wou ech do war, dat war sou een Auslaafmodell, an dono hunn sie dat ganz geännert. Dat heescht alles wat lo ass, ass net méi sou wei mir dat do gemaach hunn. Mir haten relativ vill Theoriescoursen an dann an all Semester haten mir een Stage. An dat huet sech opgebaut, et huet ugefaang matt drei Wochen an dann waren et véier Wochen, fënnf Wochen an zum Schluss waren et sechs Wochen. Am Ufank waren dat ëmmer sou Beobachtung an dono hu mir dann eben Klass iwwerholl. Coursen selwer muss ech éierlech zouginn, hunn mir net ganz vill bruecht. Et war oft sou eh mir hunn dann Literatur an gelies an gelies an gelies an et war schonn eppes dohannert mee et war näischt wous du herno op den Terrain gaangen bass an gesot hues ahjo well den dat deemools gesot hues, man ech dat lo sou a sou. #00:03:03-1#

I Dat heescht den praxisbezug huet komplett gefehlt. #00:03:05-0#

E Jo zimlech. Mëttlerweil hunn sie dat awer ganz geännert op der uni.lu, dofir kann ech dir net soen, wei et lo ass. #00:03:09-3#

I Weess de iergendeppes konkretes? #00:03:11-1#

E Nee. Sie schaffen lo an Modular, dat weess ech, an eh dat heescht sie hunn lo iergendwei verschidden Themen, dat geet dann méi Richtung Däitsch, méi Richtung Mathé, méi Richtung hei an do. An dat wier anscheinend méi konkret, wei mir dat gemaach hunn. Bei eis war et zimlech, mir haten dann och Fächer wei Sproochen an Mathé an hei an do, mee do du hues awer nieee geleiert weis de dat engem Kand bei. Dat heescht du hues hannert Mathé gesinn, wat stescht do dohannert, mee wat mäss de, wat fänks de domadder un, war ëmmer bëssen sou, kuck dass de eens gëss. #00:03:38-9#

I Dat heescht war sou richtig herno, learning by doing? #00:03:41-4#

E Zimlech. Also ech hunn immens vill Stagen bei verschiddenen gemaach. An do war et dann, wou ech sot, wou ech mir gesot hunn dono, do hues de wierklech eppes geleiert. #00:03:47-4#

F Et sinn ëmmer Stagen, Praxis déi dech einfach ëmmer méi, eh #00:03:50-5#

E Jo. Jo wanns de Pech has, also ech der dann bei mir an der Klass, déi hunn dann een Stage gemaach wou, den bei dems de dann den Stage gemaach hues, net wierklech fir dech interesséiert huet. Jo dann hues do dann och alt gewurschtelt, ne dann war et schwierig, mee wanns de wierklech gutt Leit um Terrain fonnt has, déi dech ënnerstëtzen an gehollef hunn an op Froen geäntwert hunn, dann koums de do och virun an hues eppes dobäi geleiert. #00:04:08-8#

I Hues du dech dann bereet gefillt, weis de fäerdeg wars? #00:04:11-1#

E Nee #00:04:12-1#

I Guer net? #00:04:12-2#

E Nee. Also ech muss, ech hat dunn Chance, dass ech meng éischt Klass zu Wëntger an engem Team hat, dat heescht dat war eent éischt Schouljoer, an do hu mir eis, do hat ech eng immens léif Mataarbechterin, wat mir do ganz vill gehollef huet, an bëssen du, ech hat do Däitsch gehal, mir haten eis dat opgedeelt, an ehm jo. Déi hunn mech wierklech ënnerstëtzt an mer vill Material och ginn an wou ech mech konnt eraschaffen an do war schonn eppes do, dat heescht ech hunn net alles missen nei erfannen. An doduerch gung ech dunn. An dono hunn ech dunn. läscht Joer hei eng véiert Schouljoer, do war ech e bëssen sou uhh Panik, erschlo. Mee wanns de dech raschaffs dann geet et, ne. An hei selwecht, hei hunn ech eben dann, an wat immens vill hëlleft an et ass immens vill hei, wou een kann drop zrëckgräifen, dat heescht dat hëlleft, dat heescht wanns de net bei null muss ufänken. #00:04:52-2#

I Wat mongs de dann ongeféier, wei dat dann deemools war am Studium, sou Theoriedeel, matt Praxis am Prozentsaz ongeféier? Géings schätzen #00:05:00-1#

E So mer mol, fff 70, 30. Grob geschätzt. Et war wierklech méi Theorie. #00:05:09-0#

I Wei war dat dann bei dir? #00:05:11-3#

F Majo bei mir ass et amfong ganz aneschters. Ech hunn Premiere gemaach an dunn. wollt ech studéieren goen an ech hunn ugefangen zu Bréissel, an do ass et iwwerhaapt näischt ginn. An dunn. sinn ech, dunn. hunn ech opgehal zu Bréissel, ech hat eppes ganz aneschteres gemaach an dunn. sollt ech ersetzen goen fir puer Wochen, fir puer Méint an dann ufänken an dann eppes aneres man. An dunn. sinn ech dunn. hänken bliwwen. Dat heescht dunn. sinn ech, war ech mol virdeischt puer Jaar, einfach just Chargé geweest, an dunn. dono hunn se no, wei ech 5 Jaar geschafft hunn, dunn. ass een, eng ganz Formatioun en cours de l'Emploi komm, dunn. hunn ech déi gemaach an dunn. sinn ech an Reserve des suppléants rakommen an dunn. sinn ech amfong doranner hänkebliwwen. Sou datt ech haut nach ëmmer just Chargée sinn. Ne also ech sinn. nach ëmmer just Chargée, an ehm an ech hat dunn eng Kéier Méiglechkeet virun 10, virun 8 Joer, 9, 7 Joer wei den cours d'Emploi ganz ze maachen, an deemools war mäin Jong am sechsten Schouljoer, an dat ganz ganz schwierig an dunn konnt ech net ophalen matt schaffen dat Joer. An eh jo well ech lo awer lo schonn sou laang schaffen hunn ech sou vill Erfahrung an duerch Weiderbildungen an sou. An ëmmer rëm aner, ech hat och ganz laang een Uewergrad ganz laang also ech hat den 15 Jaar, datt ech den Cycle 4 hat, ne. An ëmmer rëm ganz verschidden Saachen gesinn hunn, an mech ëmmer rëm dran geschafft hunn, kann ech soen, datt ech usesch ëmmer an der Praxis dra war. #00:06:29-5#

I Dat heescht amfong Praxis bréngt engem vill méi wei all theoretesch Literatur #00:06:34-4#

F Also du muss schonn fir verschidden Saachen braucht de Literatur, also et ass ëmmer een Background wous de muss hunn, an och mee ech mengen tass also wat fir mech einfach wichteg ass, dat alleréischte Gebot dat ass perséinlechen Engagement. Also wanns de den net hues, dann kanns de et schonn vergiessen. Ehm perséinlechen Engagement an permanent op sinn fir nei Saachen. An ëmmer müssen opsin, ok gutt wann dat hei lo fäerdeg ass, dann fänken mer eppes aneschteres un. An dat war eigentlech meng Schold als Chargée datt ech ëmmer rëm hunn missen wiesselen, dat heescht wann ech gemengt hunn hei lo bass de laang am Uewergrad, dann kann nie méi eppes schifgoen, dann- jo dann abemol ass dann awer fäerdeg, lo muss du an een Team goen an een C. 2. An dann gees de an een Team matt engem C.2. an dann abemol war dat, an dann mëss de dat. An dann mëss de dat sou gutt weis de dat kann an jo, weis de dat fir richtig fënns. An abemol hod et geheescht hei GARI do gëss de gebraucht an jo. Lo sinn ech seit véier Jaar hei. An ech fannen ech ëmmer du muss, eh geféierlech fannen ech et wanns de bis ufänks ze blocken an ze soen ech well dat do lo net méi. Ech well nach just dat an dat an dat maachen. #00:07:47-1#

E Dann stees de der selwer an den Féiss #00:07:49-3#

F An sou laang weis de op bass fir nei Ideen a fir nei Klassen, fir nei Kanner, sou laang ehm, dat ass fannen ech einfach an eisem Beruff muss de dat ëmmer sinn. #00:07:58-9#

E Soss verléiers de jo Freed un dem Beruff, wanns de lo sees, nee, ne. Wells de jo awer wierklech ëmmer vun Joer zu Joer kucks, wat kennt nächst, wat geschitt nächst Joer, et ass jo ëmmer nach alles op amfong. #00:08:10-8#

F Jo jo #00:08:11-3#

I ehm wéini hu dir vir déi éischte Kéier vun Binnendifferenzeierung héieren? #00:08:17-4#

E Jo also ech op der Uni, do war dat schonn ee Begrëff, ne, mee dann war dat awer sou, jo wat heescht dat an dann hues de rëm an der Theorie gesinn, wei dat alles super kann funktionéieren. An dann muss ech awer éierlech soen, an mengen Stagen war dann bëssen, du has an verschidden Klassen hues de dann eragesinn wou dann bëssen differenzéiert guff, déi eng hunn dat eh op déi Manéier gemaach, déi aner hunn verschidden Gruppen gebilt. Dat heescht du hues schonn dat sou gesinn, wei et ass, mee an enger Klass komplett hunn ech dat amfong nie gesinn gehat sou. Dat heescht dee Begrëff war bekannt, mee et war mir lo net sou du kenns an eng Schoul, natierlech an der Praxis klengt dat och ëmmer alles super dann muss de lo kucken wei, wei an wiefern bass du selwer bereet dech dofir anzesetzen, dass dat klappt, an wiefern wells de dat an denger Klass hunn wei eng Meiglegkeeten hues de an denger Klass, wat mëss de. Also et war ehm eigentlech hei am GARI wous de richtig gesinn hues, wat wat Binnendifferenzeierung iwwerhaupt heescht, wat wat dat fir Kanner och heescht, ne. #00:09:10-1#

I Dat heescht wat war sou däin éischten Androck dovunner? #00:09:12-8#

E Wei mengs de? #00:09:13-0#

I Ma sou dat theoretescht hues de gesinn, an direkt rëm vergiess, net fir wichteg empfonnt oder #00:09:18-6#

E Dach fir wichteg empfonnt schonn, mee ech muss soen déi éischt zwee Joer zum Beispill, wou ech geschafft hunn, hunn ech wéineg dat, dat also dat an mengem Dengen lo matt afleießen gelooss. Amfong réit hei wou ech gesinn hunn, ok dach du muss, amfong muss de sou schaffen, fir dass de den Kanner gerecht gëss, ne. #00:09:33-1#

I Well et dir deemools nach net bewusst war, oder? #00:09:35-9#

E schonn, mee ech muss soen, dat éischt Joer war jo an dem Team weess de do bass de sou matgeschwomm, wei déi aner dat gemaach hunn, ne. Du bass nei, du ses dann och nach vielleicht net sou vill. An dat zweet Joer, fff muss ech éierlech soen, war ech e bëssen iwwerfordert matt der Klass, ech meng-, also ech hunn bëssen differenzéiert op verschiddenen Niveauen, an verschiddenen Fächer, mee also lo net datt all Kand lo zu sengem komm wier. Also do hat, hätt ech missen u mier selwer mengen ech, also do waren fir mech aner Saachen méi wichteg an der Klass,, déi hunn missen klappen an der Klass, wei datt ech gesot hunn ech misst lo ufänken bei all Kand ze differenzéieren. #00:10:07-1#

I Dat heescht Prioritéiten waren schonn #00:10:09-0#

E Jo #00:10:09-1#

I ok. An bei dir? #00:10:11-6#

F Majo. eh ech hunn lo just iwwerluecht, ech hunn wierklech eh mech domatt massiv auserneen gesat virun siwen Joer, wei ech bei Team bei T an bei L komm sinn, an mir wollten oder L an ech haaptsächlech mir wollten bëssen eppes ganz aneschteres maachen an dunn sinn mir och an eng Formatioun gaangen vun Binnendifferenzeierung. An dunn hunn mir eng Formatioun mattgemaat, matt ehm matt ech weess net méi matt Däitsch Pädagogen war dat, an dann krus de och Filmer gewisen an sou an dat war usesch ganz interessant geweescht. An och den Film, dat war, dann hues de Filmer gewisen kritt vun Klassen aus Däitschland wei déi funktionéieren. An ehm datt war awer nach schwierig mee dunn op eemol ass T ganz séier schwanger ginn an dunn hunn ech Klass am Team missen ganz iwwerhuelen. An dunn wei ech Klass bis ganz iwwerholl hunn, hunn ech Klassen bëssen aneschters opgedeelt, dat heescht ech hunn dunn och ugefaangen Klass als Grupp, als Gruppen ze gesinn. nemei als eng Grupp mee als Gruppen an ech hunn se dunn och sou beieneen gesat. Dat heescht déi do Grupp brauch méi Hëllef an dem doten Beräich, den do Grupp ass extrem staark den kann ganz selbstänneg schaffen awer déi mussen an dem positiven Dengen, déi mussen ganz vill gefördert ginn, well se ganz intelligent sinn an extrem séier, ech hat deemools eng onheemlech staark Klass. Ech hat engersäits eng ganz staark Klass an anerersäits war awer een ganz ganz staarken Wutz och dran déi ganz ganz schwach woren. An do hunn ech amfong schonn ugefangen wierklech ganz verschidden mattsen an enger Klass ze schaffen. Sou lo net onbedéngt differenzéiert matt engem eenzelnen

Kand mee awer ëmmer sou an Gruppen differenzéiert. Ech weess nach ech hat se deemools ech hat se sou an véier Gruppen setzen, een ganz schwachen Grupp, een ganz staarken Grupp an zwee Gruppen déi bëssen méi sou duerch Mett geschwommen sinn. An deementspriedend hunn ech ëmmer fir Kanner entweder méi oder manner gemaach an och aner Saachen gemaach. #00:11:59-3#

I Weivill Kanner waren dann do? #00:12:00-5#

F Oh dat war eng normal Klass, tëschent 16 an 18 waren dat der. Et war eng normal Klass, et war eng ganz normal Schouklass. #00:12:13-7#

I An wei huet dat dann sou funktionéiert? #00:12:14-4#

F Dat huet immens gutt geklappt, dat huet wierklech wonnerbar geklappt. #00:12:18-2#

I Dat heescht war och schonn wierklech een Ënnerscheid feststellen tëscht virdrun an dono #00:12:21-8#

F Jo jo also ech hunn dunn schonn gemierkt oh freck dat war, also ech hunn dat haut nach ëmmer am Kapp. Datt ech mer soen, wanns de nach eng Kéier misst eng Klass huelen, dann géings de neméi sou schaffen wei virun 20 Jaar. Sou frontal Unterricht, mee du géings ëmmer kucken fir deng Kanner sou séier wei meigleg ze sondéieren an ze kucken wat fir eng mussen, brauchen een speziellen Förderbedarf an wat fir eng mussen jo. An déi eng oder an déi aner Richtung, mir schwätzen ëmmer vun Förderbedarf ëmmer vun deenen schwachen Kanner, mee du däerfs déi staark net vergiessen, well déi brauchen och Förderbedarf. #00:12:55-3#

I Soss langweilen déi sech jo och #00:12:56-9#

F déi bréngen et fäerdeg fir eng ganz Klass op Kopp ze setzen, ne. Also sou datt bei mir och wierklech bei, virun siwen Jaar, datt ech mech wierklech domadder auserneen gesat hunn, jo an hei wanns de heihinner kenns, do gëss de net méi gefrot, ne. @hei gëss de net gefroot@ #00:13:13-8#

I Ehm war déi Formatioun dann genuch oder häss de gär nach méi vun dem Thema gehat? #00:13:17-8#

F Ehm -- also ech muss lo soen --- zënter dass ech hei am GARI sinn, hunn ech all Dag Formatioun @--@ eh et ass eh et ass nie genuch, mee et ehm ech mengen wanns de e bëssen op bass fir nei Ideen geet et schonn heiansdo duer, wanns de ee gudden theoreteschen Input kriss an dann, wanns du dir den op eng gutt, wanns de der déi gutt duerch den Kapp goen léis, an op deng Klass probéiers unzewenden, dann kanns de schonn vill domadder ufänken. Ne also wanns de gutt ehm Pädagogen hues, déi der gutt Ideen ginn. Ohh et ass usech gutt duergaangen. Ech mengen mir haten och nach eng Kéier eng Formatioun hei an der Schoul gehat iwwer Differenzeierung, ech mengen mir haten eng Kéier eng hei gehat an wanns de dat ohh -- sou een zweemol sou eng Formatioun hues, loossen mer soen eng 10, 15 Stonnen dann muss de ech mengen du hues jo och schonn sou laang Berufserfahrung, dann muss de bëssen fäheg sinn fir nei Saachen unzewenden.

#00:14:23-9#

I Mee krut dir dann do ganz vill Praxisbeispiller an vill sou Materialien? #00:14:29-0#

F Nee Materialien wéineg. Materialien wéineg., mee dat ass och fannen ech een Problem Materialien. Ehm du muss immens vill froen, du muss immens vill gutt Leit rondrëm dech hunn déi ëmmer rëm soen, schaff domatt, huel dat, probéier dat, kaf der dat Spill. Also wei hei, wei mam J dat ass hei een permanenten Austausch. Dann ginn mir rop bei hatt kucken, wat hues du nach, hatt kennt bei eis, hei mir hunn nach nei Spiller bestellt, kuck der déi mol eng Kéier un déi sinn flott oder sou. Ehm mir sinn och hei d'Ulaufstell praktesch fir ganz Schoul, sie kommen eis ëmmer rëm froen, wat kann ech maachen wann, @wann@ @---@ #00:15:08-8#

E Jo dat ass immens schwéier am Dengen, do hoss keen Rezept wou steet datt mëss de dann, dat mëss de dann. Du muss bëssen selwer jo sichen, keng Ahnung jo ëmfroen. #00:15:18-8#

F Also du mëss der selwer och ganz vill Kappzerbrieches. Du muss och heiansdo zwou Saachen probéieren bis de op enger drëtter gudder Saach lands. Du muss och heiansdo mol ehm du muss och erkennen dass de een Zahlenraum bis 20 net onbedéngt matt Ines schafft. Du muss erkennen dass de bis 100 ech weess net dann méi wei just Ines dann eventuell muss aus den Fangeren suckelen, ne, dass de dann nach muss matt Käertercher schaffen, dass de nach eh #00:15:44-5#

I Et ass viles selwer ausprobéieren. #00:15:45-7#

F Jo et ass vill probéieren, well Kanner jo och alleguer verschidden sinn. Mee kuck hei wei den Moien, du hues lo den Moien matkritt wei d'Kand M Multiplikatiounen ugefangen huet, dat war een Klax. Mam Kand L hunn mir alles geluecht, hunn mir matt den Würfelen Multiplikatiounen geluecht an Gruppen, dat hunn ech matt him net braischten ze maachen. Ech hunn geduecht gëschter hat ech 1x2 probéiert, heen wosst et schonn. #00:16:09-6#

E Jo mee dat erliefes de den Moment dann. #00:16:10-9#

F Mee ehm, heen schnaapt immens vill vun deenen aneren och op . #00:16:16-9#

I Jo dat mierkt een och wann een hei setzt. Sie passen extrem dem aneren op an dann sinn se rëm selwer, an dann kucken se rëm wat mëscht heen, sie leieren schonn vill vuneneen, mengen ech. #00:16:26-8#

F jo sie kréien schonn matt, jo. #00:16:28-8#

I Ehm wei heterogen ass dann lo iwwerhaapt Klass, also vun den Niveauen, vun den Sproochen, dem Alter, also alles wat do sou drafällt. #00:16:36-4#

F Heterogen? #00:16:37-4#

I Jo, ënnerschiddlech. Also ech weess lo, du has jo virdrun gesot, dass hatt hei e bëssen méi jonk, wier wei déi aner an eh #00:16:45-7#

F Kand L, hatt ass, hatt ass sou wei den Moien d´Kand C an Kand A an d´ Kand K
#00:16:52-9#

I Dat heescht wei al sinn sie? #00:16:54-4#

E Dat ass zweet Schouljoer #00:16:56-9#

F 8 Joer, 7 bis 8 Joer #00:16:57-9#

I An dann déi aner sind dann? #00:16:59-9#

F 8 bis 9, déi kleng ne, also alles wat mer vum C.2. schwätzen, ne. #00:17:04-9#

E jo an dann geet et virun an den C.3. #00:17:05-4#

F Jo an C.3. dann hunn se 9, 10 Joer #00:17:07-0#

E 9, 10, 11 jo #00:17:09-6#

I an déi setzen awer trotzdem, also déi setzen all zesummen sou geweescht?
#00:17:13-3#

F nee am Prinzip hunn mer se schonn sou altersméisseg, also wat lo ass Kand L pass usesch net hei an den Rechengrupp. Hatt war och net vun Ufank un do dran gewiescht, hatt war just hei am GARI fir Däitsch. An dunnn opemol huet seng Joffer gemierkt, dass am Rechnen guer näischt méi giff goen, an dunnn ass hatt hei hinner komm, oh wat man ech, wat man ech an du hoss keen Rechengrupp #00:17:32-9#

E Nee am C.2. net #00:17:33-9#

F Am C.2. net an ech hunn eben hei den Rechengrupp, mee déi sinn schonn all déi Stuf virum drëtten Schouljoer -- eh jo an well ech Kand L dann kennen an et huet mer dunnn och e bëssen leed geden, sot ech et ass gutt, ech probéieren et dann mol hei an den Grupp hei ranzehuelen, mee ---- et, wat lo flott ass Kalenner, hatt kann lo den Kalenner mattman. Dat kritt et lo schonn matt. Mee fir den Rescht schafft hatt jo ganz ganz leng. Dat heescht an der Mathé sinn sie total total verschidden, ech giff soen zu 100% verschidden. #00:18:09-1#

I Dat heescht wann een dat lo zum Beispill misst an Niveauen setzen, dat heescht wier zum Beispill Niveau eent an dann häss de vun bis? #00:18:13-7#

F Hatt wier Niveau eent, ehm Kand L an d´Kand M, nee ehm hatt wier Niveau eent, hatt wier Niveau zwee Kand E, well hatt och ganz schwaach ass, an dann Kand L an d´Kand M Niveau drei, dat sinn déi, dat sinn déi déi eventuell nächst Jaar net méi missten am GARI bleiwen fir Rechnen oder nach just heiansdo kommen fir bëssen gehollef ze kréien. Well déi zwee sinn amfong gutt am rechnen. déi sinn prett bal fir an eng Klass entlooss ze ginn, viraus gesat, datt den Titulaire vum nächsten Jaar se opfängt an och rëm änner rëm een Aen op se werft an wann se natierlech do sou pff. #00:18:53-2#

I Dat heescht lo kommen se dann och an drëtt Schouljoer, oder? #00:18:55-0#

F Sie müssen an drëtt. #00:18:56-0#

I Ok #00:18:56-3#

F Well sie hunn lo schonn een C.2. an drei Joer gemaach. #00:18:58-8#

I Ahsou ok #00:18:59-9#

E An dann müssen sie virun . #00:19:01-4#

I weivill verschidden Eischtsproochen hunn sie? Also weivill verschidden Sproochen schwätzen sie doheem? #00:19:09-8#

E Oh wat hunn mir dann vun Sproochen, mir hunn portugisesch #00:19:13-4#

F Portugisesch, lëtzebuergesch, franséisch, wat fir engem Grupp schwätzt de lo? Allgemeng an der Klass oder just lo vun deenen deis du lo den Moien gesinn. hues? #00:19:23-1#

I Bon lo vun deenen hei an awer och vun #00:19:26-8#

F Vun eisen Kanner?--- jo franséisch, Däitsch hu mer keen ne? portugisesch, lëtzebuergesch #00:19:38-8#

E an dann Serb-kroatesch, d´Kand D #00:19:40-4#

F d´Kand D véier --- jo véier #00:19:46-9#

I Véier ok an wei geséit et dann am Däitschen aus mam Niveau? Gett et do och extrem Ënnerscheeder sou wei am Rechnen oder ass dat bëssen méi no beieneen? #00:20:00-1#

F -- ech fannen d´Ënnerscheeder genau sou grouss #00:20:01-8#

E jo ech wollt soen, datt ass vun Kand zu Kand ganz ofhängeg, ne. Also et huet een déi Kanner déi, sie schaffen jo am Prinzip mam Klick-Buch oder matt Rechtschreibleiter an sie schaffen eben hirem Niveau no, dat heescht sie sinn lo do wou ze stinn an dann geet dat eben ëmmer sou virun. Mee do ech hunn lo do -- dach ech hunn déi grouss, wou ech zum Deel Saachen selwecht maachen, wei lo Verben well ech denken dat an well sie schonn vill bei hirer Joffer virdrun gesinn. hunn an Rechtschreibung schonn alles duerch hunn, kann ech do net rëm op Material zrëckgräifen, wat gemaach ass, dat heescht matt hinnen man ech relativ oft, soen ech mol dat selwecht. Wann sie dann awer ufänken hier Sätz ze bilden, dann eh gräifen ech vun jiddwerengem seng Sätz op an man domadder Diktat, Aufgaben an hei an do. mee bei deenen Klengen ass et wierklech individuell praktesch ne. déi ganz kleng mierks, fannen ech mierks de lo dass de muss. #00:20:49-8#

F Jo wei kuck d' Kand K, den ass jo lo wech vum Fënster, ne. -- an dann hues de nach souguer, wanns de mengs du häss een homogenen Grupp, kuck wei lo mam Kand A man ech lo rëm eng Kéier Liesübungen. Hatt ass ob eng Kéier am liesen komplett erofgerutscht. --- sou dat schaffen un engem Buchstaw kanns de nach matt deenen klengen gemeinsam maachen, mee dann awer d' Ausschaffen, Weiderféierung ass awer schonn, fänkt awer un -- #00:21:17-6#

E Leng vum Tempo vum schaffen hier, vum Verständnis #00:21:21-0#

F An dann hunn mer jo déi, déi am C.2. säin, déi nächst Jaar an drëtt Schouljoer kommen, déi sinn alleguer ënnerschiddlech. déi hunn mol deelweis net den Niveau erreecht fir an een drëtt Schouljoer, souguer wann se den C.2. lo an drei Joer. Wei Kand E wäert den Niveau net erreecht hunn, d' Kand T huet den Niveau net erreecht, d Kand M och net, d Kand M huet den Niveau an der Mathé erreecht awer net am Däitschen. --- d Kand M kritt den Niveau och nie. Lo huet heen haut mega gelies am, well heen den Text auswenneg kann, well heen kann jo bal net liesen d Kand M --- Kand L hat ech gemengt hatt wier e bëssen méi staark, mee hatt fiert och just op der festgefuerener Schinn alles wat sou fix ass, fix Strukturen huet ass hatt gutt, awer su bal, wanns de hatt e bëssen lass léis an hatt muss bëssen eppes selwer entscheeden, dann geet dat guer net méi ---- also du kanns praktesch soen, bei 18 Kanner mëss de, hues de, sinn 18 Kanner verschidden. #00:22:24-6#

I Jo mee dat ass dach ëmmer sou? #00:22:26-1#

F Joo, mee du hues awer Klassen déi ähnlech sinn. Mee wierklech homogen hues de hei net. #00:22:35-1#

I sinn déi eigentlech all an enger Klass zesummen oder? #00:22:39-4#

F Nee, net alleguerten, awer zum Deel. Sie kommen su gedrépst, aus verschiddenen Klassen #00:22:47-0#

I Aus weivill verschiddenen Klassen kommen sie dann iwwerhaapt? #00:22:50-2#

[sehr leises nachdenken und Namen aufzählen] #00:23:04-0#

F Ech hunn der véier #00:23:04-2#

E An ech hunn der drei aus dem C.3., an dann déi selwecht wei bei dier, dat heescht siwen Klassen. #00:23:11-6#

I An weivill Schüler insgesamt? #00:23:14-2#

F 19? Hu mer der 19? #00:23:17-6#

E Ech mengen ech hunn der 13, mee ech verdinn mech heiansdo well ech Rechnen an Däitsch beieneen hunn @---@ #00:23:26-2#

F Jo mee pass op mir sinn jo och zum Deel duebelbesaat --- jo mee dat hunn der dann, du hues der 13 an dann, dann wäert mol déi drei kleng plus d' Kand K an dann

Kand E, Kand L, d' Kand M an d' Kand T véier ech hunn der aacht. Dat heescht 21, 21 Kanner #00:23:48-7#

I Dat sinn der vill. Majo dann. Ehm Virdrun hues de gesot, dass de och sou frontal ënnerriicht haass, wei hues dat dann ausgesinn virun der, eis de déi Formatioun vun der Differenzeierung has? #00:24:03-6#

F --- #00:24:05-1#

I Einfach eng Kéier kuerz beschreiwen? #00:24:07-3#

F fff --- jo du méss däin, deng Aleedung ëmmer zu all Cours, du hues däin Cours alt ugefouert, eh agefouert, an eh du hues deng Saachen erklärt an e bëssen sou sou sou wei fréier. An dann hunn sie sech dohin gesat an dann hunn sie Übungen dozou gemaach, si hunn d' Exercicer gemaach, du hues dat. An dann bass de rondrëm gaang an dann hues de gekuckt, ween wat net versteet, dann hues de gehollef ehm do wou et néideg war an ehm --- jo -- also -- dat war wierklech Frontalunterricht. Sou wei en och haut an ganz villen Klassen nach ofleeft. #00:24:48-8#

E Ech sollt soen, tass net dass et dat net méi gött. #00:24:50-8#

F Dat gött. et, ech giff soen, dat gött. et méi wei dat anert. #00:24:54-3#

E Wahrscheinlech #00:24:54-0#

F Also ech géif, kann der Klassen soen, wou iwwerhaapt net differenzéiert gött. Wou einfach den ganz normalen Cours gehal gött. Aféierung, schreiwen, verbessern alt dat nächst, alt virun a virun. #00:25:09-1#

I An wei konkret, also konkret lo Ënnerscheeder zu haut? Eng Kéier kuerz beschreiwen? weess de tass et gött. jo lo keng classesch Aféierung méi matt all den Kanner, wat sinn nach sou Ënnerscheeder? #00:25:23-5#

F --- --- Alles @---@ @tass näischt méi mateneen ze vergläichen@ #00:25:30-1#

E Vue op Kand alleng schonn. Soss bass de jo theoretesch dovunner ausgaang, du méss deng Aféierung an jiddwereen versteet dat, du méss deng Übungen an et geet virun, ne? #00:25:39-1#

F Jo, du hells Kand méi als Individuum eh Kand, all eenzel Kand ass wichteg. Et ass net méi eng Klass déi wichteg ass, mee et ass all eenzel Kand. An du kämpfs am fong net matt enger Klass. fir dass se op engem heigen Niveau ass, du kämpfs matt all eenzel Kand fir datt et een Niveau erreecht, den fir dat Kand gutt ass. Et ass d' Schaffen matt dem Einzelnen, et ass net méi Schaffen matt enger Grupp oder enger, matt enger, matt enger Klass. #00:26:05-9#

I Wierklech d' Individuum #00:26:07-6#

F jo. Ech fannen dat ass dat Allerwichtigst --- du kriss och eng aner Bezeihung zu den den Kanner #00:26:15-8#

E Du gesäis se anescht. #00:26:17-6#

F Du léis, Kanner loossen dech och iergendwei net méi lass. Dat ass een ganz groussen Ënnerscheed. Also ehm -- du gees och net méi heem esou wei fréier, oh wat ass déi Klass, wat huet déi, wat ass déi mir haut op den Nerv gaang, wat huet déi mech rosen gemaach. Oder wat war dat haut flott matt der Klass. Du gees heem an dann sees de, oh wei Schued Kand L war haut esou traureg. Oder oh wei schlëmm Kand E dat huet alt rëm eng Kéier geklaut. weess de sou ehm tass dat eenzelt Kand wat einfach vill méi am Mëttelpunkt steet. #00:26:48-6#

I Ass dat dann och, leit dat dann och dodrunner, dass hei sou mann Kanner sinn oder mengs de an engem groussen Grupp géing dat och funktionéieren? #00:26:56-1#

F -- ech mengen eh jiddwereen den hei geschafft huet, den gesäit eng Klass net méi als Klass, mee den fänkt un eh een Kand vill méi, Kanner vill méi eenzel ze kucken, mengen ech jiddefalls. #00:27:05-5#

I Och wann een dann sou 20, 30 Kanner do setzen huet? #00:27:09-9#

F Du, du kanns et net méi matt dir selwer verantw-, verantw-, veräntweren fir fir Klass esou global ze kucken oder? #00:27:16-1#

E Amfong fällt de dir selwer an den Réck, Giff ech lo mol soen. #00:27:21-2#

F Jo jo quitt dass de lo an enger Klass ëmmer rëm op méi grouss Aktivitéiten zreckgreiws, wei am éveil au science, dat ass jo ganz kloer. Ech mengen mir maachen jo och hei heiansdo Saachen, wann mir eng Billergeschicht maachen, déi maachen mir jo mam ganzen Grupp. Ne ech maachen net eng Billergeschicht matt engem Kand, dann man ech se schonn matt engem Grupp. --- hm #00:27:43-8#

E Et ass schwéier jo. #00:27:43-5#

F Tass tass ganz schwéier. #00:27:45-7#

I Fällt dir nach iergendeen Ënnerscheed. an oder? #00:27:48-8#

E Sou direkt lo net? #00:27:49-2#

I Perséinlech Erfahrungen #00:27:52-2#

E Kann ech lo mol näischt #00:27:54-7#

I Ok, net schlëmm. Also wei wichteg ass, also wat ech eraushéieren hunn, ass dass Binnendifferenzierung fir iech extrem wichteg ginn ass, also dir wéilt och net nach eng Kéier zréck zu fréier goen. #00:28:05-8#

E nee #00:28:05-8#

F nee #00:28:06-2#

I Ok. Ehm kenn der just nach eng Kéier beschreiwen, wou konkret der dat asetzt? Also wat fireng Aarten an zum Beispill haaptsächlech lo an den Übungen oder ginn et nach aner Formen vun der Differenzeierung? #00:28:20-5#

E Jo ech denken haaptsächlech an den Übungen an am Material. #00:28:23-2#

F Material an och ehm ehm Aarbechtsmethoden, dass mer jo och ganz vill op Zeechesprooch zrëckgräifen. Zeechen-, also Zeechesprooch, Gebärdensprooch. An eh eben wierklech ganz konkret praktesch an besonnesch an der Mathé zu allem Material ubidden -- ne do differenzéiers de jo total. #00:28:46-5#

I Dat heescht, wierklech all eenzelt Kand kritt säin eegent Blat. #00:28:49-4#

F Jo #00:28:48-7#

E jo #00:28:50-1#

F déi Blieder die sie och hei kréien, dat sinn déi Blieder, déi mir hinnen ëmmer selwer maachen. Dat ass ëmmer virbereed, dat sinn hier Saachen. Dat sinn och hier Sätz zum deel. Also sie schaffen matt eh Diktater déi sie kréien, dat sinn déi Sätz déi sie virdrun selwer geschriwwen hunn. Dat sinn hier Saachen. Mir maachen Lückentexter matt hiren Sätz. #00:29:11-8#

I Dat heescht do kritt och net eng Kéier déi ganz Grupp d´Sätz all zesummen gewürfelt, mee wierklech jiddwereen #00:29:15-9#

F jo also bei deenen Klengen maachen mer et sou, lo nach, well déi jo awer nach e bëssen zesummeschaffen, déi maachen och eenzel Sätz, also ech maachen et ëmmer sou, sie maachen eenzel Sätz an dann schreiwen sie déi an d´Heft an dann hiewen ech déi op an aus deenen eenzel Sätz man ech dann sou een Gemeinschafts- gemeins-, gemeinsamen Text, den mer dann herno och liesen an wou mer dann herno den Test man an drun schaffen. Bei deenen groussen hei, déi maachen alleguerten eenzel Sätz, déi kréien hier eenzel Zopp gekacht, jiddereen. #00:29:49-7#

E bei mir ass dat och esou jo. #00:29:52-7#

F déi schaffen, außer wanns de wierklech mol wei gesot wanns de mol eng Kéier een schlechten Dag virdrun has, an du has keng Zäit virzebereeden, mir hunn ëmmer sou vill Material. Et geschitt eis och mol eng Kéier datt mer opemol aus dem Material erauslafen hei dat sinn, datt mer näischt méi vun hinnen hunn, dann mëss de den Classeur op an du hells eppes vun deenen Jaar virdrun oder vun dem Grupp virdrun #00:30:12-1#

I Dat heescht dat gëtt och alles hei gesammelt? #00:30:13-8#

F jo jo, ass alles an deenen Classeuren. -- jo oder et ass bemol een Kand vill méi séier fäerdeg weis de geduecht hues oder du mierks ok lo hunn mer dat do alles

gemaach, mee et setzt nach net, kucks de nach alles hues. #00:30:27-3#

E ech wollt soen, du mierks dachs bei enger Aufgab deis de mëss, zumols am rechnen, dann mengs de oh dat geet, an wanns de et dann bëssen net mëss an du bemol kennt dat awer rëm op, an du gesäis ok dat geet rëm net, dann baus de rëm domadder op. Dat heescht du bereeds amfong rëm Saachen fir deis de amfong net virbereed has, wells de gemengt has oh dat geet, mee dann gees de op eng Kéier rëm an déi Richtung an ses ok lo haken mer dat rëm of, lo maachen mer rëm dat e bëssen. Du mierks jo ëmmer rëm, ne, wats de, jo. Wei ech hunn lo bei deenen Groussen hunn mir Substraktioun gesinn gehat, do hunn ech geduecht jo dat geet, weess de sou, an lo hunn mir dat laang net gemaakt, sou wei mir dat gesinn hunn an lo hat ech rëm eng Kéier als Widderhuelung an do hunn ech gesinn, ok sie wëssen rëm guer net méi wei een dat zerleed an hei an do. An jo lo schaffen mir eben rëm dorop sou ne. weess de rëm an déi Richtung. #00:31:06-2#

F Du gees ëmmer rëm hannertsesch, ne. #00:31:07-7#

E jo jo genau. --- #00:31:09-5#

F Also ech maachen hei och wierklech, ganz also souguer iwwert dem schaffen sou wei mam Kand E sou wei wat lo ganz vill Schwierigkeeten an der Mathé huet, ganz séier mol eng Kéier op den Computer an an Zäit vun zwou Minutten séier een Aarbechtsblat gemaakt an dann, wat just fir hatt dann ass, also --- jo -- #00:31:28-6#

I ginn et hei eigentlech nach sou déi classesch Unterrichtsphasen? Sou matt Thema gëtt eingeführt, dann kennt Vertiefung, dann kennt Problemlösung an dann kennt nach eng Kéier sou dat classesch anüben #00:31:41-7#

E Pro Stonn eigentlech net. Du mëss et vielleicht wanns de een Thema, ne #00:31:45-0#

F Du mëss et, mee hei ass den Problem, well Kanner sou schwaach sinn, do muss de, du mëss dat doten weis du dat lo sou ses Aführung, Behandlen, Problemdengen an hei an do, mëss de, mee du muss ëmmer rëm nach eng Kéier hannertsches goen, well no dem doten Schema funktionéiert dat hei net, well sie dofir ze schwaach sinn. Dat heescht du muss ëmmer rëm, du gees virun an awer muss du ëmmer rëm een Schratt no hannen maachen. #00:32:08-5#

I Dat heescht einfach ëmmer een Schratt no hannen am Sënn vun Widderhuelen oder wierklech nach eng Kéier #00:32:12-4#

F off zum Deel, hei beim Kand E zum Deel ganz rëm vu fir ufänken, wierklech vu fir ufänken. Och dat, also dat fills de dech zwar ganz schlecht. Dann bass de net frou, mee hatt och net. Dann gees de Méinten zréck. ne beim Kand E sinn ech lo, vu fir ugefong. #00:32:32-8#

I Jo an enger anerer an an der normaler Klass do géing dat dann komplett? #00:32:37-2#

F Hatt wier do matt virun geschlittert. An dann wier hatt nächst Joer an een drëtt Schouljaar komm an all Mënsch hätt gesot, an wat hues du läsch Joer gemaach? Du kanns jo näischt, hu dir dat do net gesinn? Wat hues du fir eng Joffer gehat? #00:32:54-0#

I Gesi dir iergendwellech Grenzen zu der Binnendifferenzeierung, also lo perséinlech oder bei den Kanner? #00:32:59-5#

F Grenzen sinn, ass Kannerzuel #00:33:01-6#

E jo #00:33:01-6#

F Grenzen sinn, ass ganz kloer Kannerzuel, soss gesinn ech keng eng Grenz. Mee du kanns net differenzéieren, wanns du 20 Kanner heibannen setzen hues. Du kanns net all eenzelt Kand differenzéieren, wanns du 20 Kanner hues. #00:33:13-4#

E Dann gëss de kengem méi gerecht, géif ech lo mol behaapten. Well dann mëss de, dann wurschtels de dech sou doduerch, mee -- dann kenns de net no den Kanner. #00:33:21-2#

F Du kanns differenzéieren bis --5 Kanner #00:33:26-9#

I Dat ass lo wierklech déi krass Form, nennen ech et lo mol vun differenzéieren, ech mengen et gëtt jo och nach #00:33:32-3#

F jo. Bon an enger Klass gesinn ech et sou, dass de jo awer méi homogen Kanner hues, déi méi beieneen passen. Also ech giff lo, wann ech lo nach eng Klass krit. Giff ech Klass ganz carrément an Gruppen opdeelen an kucken den doten Grupp ass staark doranner, den gëtt doranner gefördert an ass, oder den doten Grupp ass schwach doranner, matt dem schaffen ech op dem doten Niveau, matt dem do op dem do Niveau, ehm du hues jo och Kanner déi funktionéieren jo guer net an dem normalen Schoulsystem, matt deenen giff ech, also ech géing do kucken och fir an enger Klass sou véier, fënnef Gruppen ze maachen. Du kanns net op 20 Kanner individuell differenzéieren, mee awer méi an den Gruppen. An och den Appui dens de sou kriss, den einfach méi wierklech och ausbauen, eh #00:34:19-2#

E sënnavoll asetzen #00:34:20-4#

F Vill méi sënnavoll asetzen. Wierklech mer do eppes erschaffen datt an deenen Stonnen. Wei zum Beispill, déi Zäit wou ech den Team mam L an mam T hat, L huet, ass dann ëmmer säin Appui bei eis riwwerhaalen komm, zwou Stonnen an der Woch an an deenen zwou Sonnen krut hatt drei Kanner, mengen ech, déi ganz ganz ganz schlecht gelies hunn, an hatt huet matt deenen nëmmen Liesübungen gemaach, nëmmen Leseförderung, ne. Dat heescht wierklech nëmmen matt deenen Kanner wierklech eppes ganz aneres gemaach. An hatt ass dann rausgaangen matt deenen, oder wann dann mol keen Sall frei war, ass et och mol dobannen bliwwen an matt deenen wierklech déi Förderung gemaach déi Kanner gebraucht hunn. #00:34:59-5#

I Mee lo zum Beispill wanns de déi Klass géings an Gruppen setzen, sinn dat dann ëmmer déi staark Gruppen oder? Also ech weess lo aus perséinlech Erfahrung, och

dass oft Kanner och vuneneen leieren kennen. Wanns de zum Beispill déi staark matt deenen schwaachen mëschs, dass déi och vuneneen leieren kennen.
#00:35:14-8#

F Den Problem ass awer, wanns du awer een ganz staarken matt engem ganz schwaachen zesummesetzt, sie kennen vuneneen leieren, mee ech mengen sie leieren am groussen Grupp leieren sie vuneneen, awer am klengen Grupp du kanns net een ganz schwaachen. Stell der mol fir du setz hei een Kand M bei een mega Kand wat herno net op Uni geet, an beim Kand M ass Diskussioun geet et herno net iergendwann an d'édif. Ne, ehm wat giff do gescheihen? Ma den klengen, den schwaachen, nervt den staarken, well den staarken géing gären gefördert ginn. An den ass abemol genervt, well en ëmmer muss no dem klengen no dem schwaachen muss kucken, an den schwaachen kann jo net dat selwecht maachen wei den staarken, den ass herno frustréiert well en jo mierkt, hei dat doten ass eppes wat ech nimools kann. Sie kennen awer, kuck wei lo hei, sie leieren awer immens vill vuneneen sou am Grupp, well du mëscht jo verschidden Saachen mëscht de wei lo Verben beugen, ne. Dann man ech dat mam Kand T, hien passt op do hatt säint opgesot, heen huet se jo tipptopp gesot, ne. Ech hunn mech gewonnert, dass d' Kand M se sou gutt konnt. Einmaleins huet en vum Kand L gekuckt. Sie leieren vuneneen awer begrenzt. #00:36:19-0#

E Onbewusst och nach. #00:36:20-7#

F Och nach zum Deel och nach onbewusst. #00:36:21-4#

E Net dass de lo sees, hei weis him dat, erklär him dat, mee sie kréien et sou matt.
#00:36:24-3#

F Jo. Also ech giff zwar lo nimools bewusst een staarken an een schwaachen, een ganz staarken an een ganz schwaachen beieneen setzen. #00:36:29-3#

E Ech mengen och net, dass dat funktionéiert. #00:36:32-0#

F Dann léiwer verschidden Saachen gemeinsam eng Kéier am groussen an enger Klass agefouert. Wei ech soen jo och ganz dachs heibannen, wann ech eppes aféieren, leet eng Kéier alleguerten ären Bleistift neier, passt eng Kéier alleguerten op. Ne. Éischer et dann sou maachen, an dann dono soen, hei lo schafft der rëm alleguerten un ären Aufgaben virun. Dann hunn och déi Schwaache eppes matt deenen Staarken gemaach, an awer kennen se herno rëm op hiren Niveau zeréckgoen. -- oder géings du een? ech weess et net. #00:37:00-7#

E Also wat ech alt well gesinn hunn an den Stagen ass, datt wierklech probéiert gouf déi déi dann immens staark woren an et dann eng Aufgab wor, hei erklär du him déi mol. Dat funktionéiert. dann. Mee wierklech op engem Niveau wous du sees, hei du muss lo ëmmer no him kucken an du muss him dat lo ëmmer erklären #00:37:14-4#

I Jo ëmmer souwisou net, mee fir sou kuerz Zäitpunkten. #00:37:17-1#

E Et hänkt wahrscheinlech un der Aufgab off, wanns de wierklech weess hei heen kritt dat gutt erkl- et hänkt och vum Charakter vum Kand of, et sinn och Kanner wous

de einfach weess, dat do geet net, well den explodéiert direkt, wann dat aner Kand et net versteet. Oder obs de méi einfühlsam Kanner hoss, dat hänkt ëmmer. Jo, ech denken, dass et méi schwierig ass. Vleischt wierklech fir sou kleng Aufgaben, wous de ses hei erklär him dat mol eng Kéier, wanns de selwer als Léierpersoun net grad Zäit hues, hei géi du eng Kéier bei heen, dat funktionéiert, mee obs de lo wierklech, jo #00:37:42-3#

F Et funktionéiert. punktuell. #00:37:43-8#

E jo, genau #00:37:44-7#

F Awer net op laang Siicht. #00:37:47-7#

E nee #00:37:48-3#

F Also sie leieren ganz secher vuneneen -- #00:37:51-2#

E Tass och, also ech fannen ëmmer ganz dachs hon déi staark jo Kanner jo Schwierigkeeten ze verstoen, firwat déi schwaach net sou gutt kennen wei sie. Do hunn ech läscht Joer een Schüler gehat, den hott ëmmer ohh wisou kann heen dat dann net wisou, ne einfach déi déi Empathie fir déi aner Kanner huet him gefehlt. An do hunn ech heiansdo bewusst gesot, hei géi du mol eng Kéier dohinner, an dann erklärs de him dat. Einfach fir, fir ze gesinn wei geet heen do matt him em, an dann hunn ech awer wierklech dorop opgepasst, wat mëscht heen lo, wei wei, ne. An dann hues de direkt gemierkt bei verschiddenen Saachen, dachs am Franséischen do hues de direkt, ohhh, dann goufen Bicker well geworf, well en do dann huet en awer rëm een Fehler geschriwwen an den Schoulmeeschter huet awer gesot, du misst dat sou maachen, oder et gouf dann einfach diktéiert, hei schreif dat an dat an dat. An dann denken ech mer, dat ass och net méi sënnvoll, wann dann den een dem aneren alles do virdréit, dann dréit den schwaachen awer näischt dovun, jo. Tass weis du ses punktuell. #00:38:36-9#

F Punktuell an onbewosst. #00:38:38-3#

E jo #00:38:39-3#

F Dat onbewosst spillt eng ganz grouss Roll #00:38:41-1#

E Ech denken och. Oder wat, wann sie och lo net wëssen, hei du bass lo den, den Expert, den hei. #00:38:46-3#

F Oder wei haut den Moien, ehm hat jo Kand L opemol zum Kand M gesot, d´ Kand M hat jo ëmmer vill verheddert. Dann krit en, dat huet mech immens gewonnert, well hatt usech sech guer net vill fir déi aner këmmert, dunn sot hatt hei ech gesinn der lo een gudden Trick. Säin Trick war zwar, den konns de @vergiessen, mee hatt hat awer dat mol probéiert@ an d´ Kand M mëscht dann och vill matt deenen aneren, wann déi net eenz ginn. Heen, d´ Kand M huet ëmmer probéiert dem Kand K rechnen bäizebréngen. @Mee et hott keen Mënsch d´ Kand M verstan@ @---@ et huet nie een verstan wat heen wollt soen. #00:39:23-2#

I Jo wei behaalt dir hei iwwerhaapt den Iwwerbléck? dat hunn ech mech gefrot, well jiddwereen huet jo wierklech seng eegen Saachen an et sprengt een déi ganzen Zäit vun dem een op den aneren an dann nach ze verhalen hunn ech dat doten lo schonn matt dem gemaach oder net, also, ass dat Gewunnecht oder? #00:39:36-1#

@---@ #00:39:37-1#

E Also ech fannen et ass eng Saach vun Train-, also vun Virbereed-, éischtens du muss virbereed sinn, du muss wëssen also du kanns, ech keim nie moies hei ran an ech giff denken, fff wat mëss de lo matt weem sou, dat heescht du muss schonn virbereed sinn. An ech denken, wats du ëmmer sees, wats du méi laang dranbass, wats du méi den -- #00:39:52-3#

F Du kriss den Feeling dofir. #00:39:52-9#

E Jo genau #00:39:54-0#

F Dat Gespier. Du kriss eben den Feeling, mee du muss ëmmer iergendeppes hunn, wous du dech kanns upaken. Ech maachen mir lo fir mech, ech maachen mir keen Dagesplang méi, dat hat ech am Ufank gemaach #00:40:04-0#

E *Ech schreiwen mir dat nach ëmmer bëssen op.* #00:40:05-3#

F Du mëss dat nach méi, ne dir selwer een Dagesplang maachen, ech hunn dat am Ufank gemaach. Ech maachen mir een Wocheplang, ech maachen mir einfach een Plang sou ehm des Woch hätt ech lo, schaffen ech lo matt den Kanner wei lo hei, ehm mam Kand E schaffen ech um w mam Kand L um j, mam Kand M um schp, mam Kand T um p, d' Kand K ass um quo-atis, d' Kand N, d' Kand C an Kand A sinn um h eh wat fir een Liesetext maan ech matt hinnen alleguerten zesummen, maja am Abend man ech matt deenen Klengen zesummen an dann schreiwen ech mer am rechnen och dobäi d' Kand M Multiplikatiounen, Kand L Spiegeln, Kand E Widderhuelung, weess de sou. Dat geet mir eigentlech schonn duer fir. Mee dat muss de awer maachen, ne. #00:40:44-6#

I Jo mee dat ass jo den groben Iwwerbléck, mee lo hei zum Beispill konkret an der Klass, wanns de dann vun dem geruff gëss, mee du bass hei nach an dann leefs de rëm wech an dann #00:40:53-3#

F Dat ass Gewunnecht, du bass direkt rëm dran. #00:40:56-0#

E Ech mengen dat leiers de am maan iergendwei sou. #00:41:00-7#

F Du muss, also hei du muss gesond sinn. Du muss gesond sinn, eh du däerfs näischt weih hunn, #00:41:06-3#

E Jo matt den Gedanken och probéieren an der Klass ze sinn #00:41:08-5#

F Wanns de Problemer hues, wanns de zum Beispill privat Problemer hues, wous de de ganzen Zäiten am Kapp fortbass, boah do gees de bal ënner, do gees de bal ënner hei ne. Also dann eh dat sinn, dat sinn ganz, dat ass eng ganz haart Zäit. Oder

wanns de wierklech krank bass, oder ech hat virun zwee Jaar, datt ech bal gestuerwen sinn, an dunn war ech ganz laang krank geschriwwen, ech war sechs Wochen laang krank geschriwwen an ech war wierklech krank, ne meng ganz Organer haten versot an alles. An dunn hunn ech no Allerhellgen rëm ugefongen matt schaffen matt neien Kanner, well ech jo dunn déi éischt sechs Wochen hei verpasst hunn. Ech sinn heemkomm, ech war fäerdeg matt den Nerven. Ech wosst näischt méi, ech wosst wann Kanner Mëttes fort waren, wosst ech um 12 Auer net wat ech misst fir den aneren Dag virbereeden, well ech Moies, well ech net méi wosst wat ech Moies matt deenen gemaach hat. -- gutt ech hat Problemer mam Gedächtnis déi Zäit., mee dunn hunn ech mer alles opgeschriwwen. Do hunn ech mir am Laf vum Moien alles opgeschriwwen wat ech gemaach hunn, fir dass ech wann ech virbereed hunn genau wosst dat hues de gemaach an dat an dat an dat ---
#00:42:11-1#

I Dat heescht et ass och einfach vill méi Aarbecht am Verglach zum klassischen?
#00:42:15-9#

F @--@ oh mam #00:42:17-1#

E dierfen mir dorop äntwerten? @---@ #00:42:20-4#

F Also ech hat jo lo schonn déi zwee Saachen. Ech hat jo och schonn laang den Uewergrad wou richteg vill Aarbecht ass -- ech giff lo gär behaupten, dat hei ass genau sou vill, dat hei ass genau sou vill. Vun den Stonnen wat mir hei setzen virzebereeden. Du hues hei lo wats de Uewergrad heescht et ëmmer oh déi Verbesserung. Uewergrad ass mega vill ze verbessern, ne. Awer sou vun Virbereedung hues de, wanns du deng Saachen hues dann hues de se. Hei mëss du deng Verbesserungen jo an engems, awer hei ass et wierklech Virbereedung. Virbereedung an Organisatioun an permanent emswitchen. So eh ech sinn lo, ech stinn lo virun dem an dem Problem, mir hunn keen Material, wou fannen mer dat Material, wat kenne mer maachen, iwwerleeën, also hei geet ganz vill Zäit. dorobber.
#00:43:08-3#

I Wat meng der dann weivill Stonnen pro Woch nach extra? #00:43:12-3#

F Majo ganz einfach, Méindes drei, also ech soen lo mol mäint, du hues dann nach Mëttegstonnen nach dobäi #00:43:18-4#

E Jo ech rechnen ëmmer Mëttegstonn, jo. #00:43:20-1#

F Dofir bleiwen ech dann Densdes an Donneschdes meeschtens nach ganz laang hei. Drei, fënnef, siwen, néng, zéng bis 12 Stonnen #00:43:27-8#

I Un extra Aarbecht? #00:43:29-4#

E Jo dat kennt hin, déi eng Woch mol eng Kéier méi, déi aner mol eng Kéier manner.
#00:43:32-1#

F Mol eng Kéier méi, mol eng Kéier manner #00:43:32-9#

E Ne, dat hänkt ëmmer dovunner of, jo. #00:43:36-8#

F Awer ech muss och dobäi soen, ech huelen guer näischt mat heem, ne. #00:43:39-3#

I Dat heescht alles ëmmer #00:43:40-3#

F Ech man alles hei. Well mir hei och Material hunn, mir hunn eis Computerprogrammer. Dat hunn mer jo alles net doheem. #00:43:45-0#

I Dat heescht do kanns de awer och dann och ofschalten? Oder? #00:43:49-8#

F Jo du hells nach just hier perséinlech Problemer vun den Kanner matt oder ehm eh wei E. hat mer lo ganz vill Kappzerbrieches gemaach, wei ech matt dem rëm hunn missen vun fir ufänken matt rechnen, dat hells de matt heem, do hells de Gedanken matt heem. #00:44:02-7#

I Mee et ass lo net, dat muss ech nach maachen, dat muss ech nach maachen #00:44:05-5#

F Nee #00:44:06-9#

E Nee #00:44:07-8#

F Nee mee well mir alles heibannen maachen. #00:44:10-5#

E Wells de einfach hei alles hoss, also et ass sennlos, wanns de lo géings doheem. #00:44:15-3#

I Nee mee ech perséinlech fannen dat och wichteg, wanns de doheem bass an dann och doheem bass an dann nach deng Aarbecht nach komplett matthells, ech mengen e bëssen ass jo och ok, mee, ech weess net #00:44:25-4#

E Tass de eng Kéier sees, sou lo ass #00:44:27-2#

I Jo wanns de raus gees, ass jo oft vill Leit soen, wann se an der Aarbecht sinn, an dann ginn se den Büro raus dann sinn se dobaussen, dann klammen se an den Auto an dann kommen se roof an dat ass jo wichteg, fir een. Zumols fir lo dat heiten wann ech gesinn matt dem hin an hier, wei gesot, dat ass dat war fir mech schonn ustrengend fir nozekucken #00:44:43-2#

F @---@ #00:44:43-7#

I An ech mengen wann een déi Energie och nach géing matt heem huelen ouni sech ze berouegen ass een jo rëm krank. Also dat geet jo extrem, ech weess nämlech gëscht huet mer een Häerlehrer gesot, den huet lo ehm, den hat, déi schaffen an Wochepläng an heen war dat éischt Joer komplett op sech leng gestallt am Wocheplang an heen huet Moschwieer kritt dovunner, well en sou vill Stress hat an hei an do #00:45:10-3#

E Dat baut sech dann op bis et net méi geet #00:45:11-0#

I Jo en huet dunn och ëmmer matt heem dunn geholl an hat, heen hat näischt. Dat huet mech schonn e bëssen erschreckt dunn, wei en gesot huet, jo ech hunn Moschwieer seitdem, also sou kritt #00:45:22-9#

E Jo et ass einfach wann den Kierper dann net ofschalte. #00:45:24-2#

I Ma nee eben #00:45:25-1#

F Ech muss awer och dozou soen, heiansdo ginn Leit forcéiert fir zum Beispill no Wocheplang ze schaffen an sie sinn perséinlech guer net iwwerzeegt. An dat hunn ech och #00:45:33-0#

I Mee dat funktionéiert net. #00:45:33-3#

F Maja dat fannen ech och eng Gefor, well haut mam neien Schoulsystem all Mënsch seet dann, wow wow super Wocheplang dat ass mega, ehm ech mengen du muss dir och kennen Fräiheet ginn an soen ech schaffen net dono. Well dat ass lo sou een Ophänker den Wocheplang, ech muss soen du hues Kanner déi ginn guer net eenz matt Wocheplang. Ech hunn zum Beispill sou een Bouf. Den huet missen hei an der Schoul ehm zwee Joer laang no Wocheplang schaffen. Dat war Horror, dat war Horror, well heen net #00:46:03-6#

E keng Struktur #00:46:04-6#

F Keng Struktur doranner hat. Dat heescht wat ass herno geschitt? Heen krut ëmmer alles iwwert den Weekend doheem fäerdeg ze man,, well heen matt näischt fäerdeg wor. Du hues Kanner déi funktionéieren net domadder #00:46:14-8#

E déi verléieren sech doran #00:46:13-4#

F An sou ass et och bei Léierpersonal, ehm du kanns net een an een Richtung hindrängelen wanns du mierks, dat do ass net säin Charakter. #00:46:25-8#

E Dat stemmt --- Tass weis du sees, dat ass eben lo dat neit Dingen an jiddwereen mengt dann en misst, mee wanns de net dech gutt fills oder net dech doranner gesäis, keng Ahnung dann funktionéiert et souwisou net wahrscheinlech. #00:46:37-4#

I Jo also ech weess heen ass lo mega frou domadder, mee et war eben just dat éischt Joer, well heen dat an senger ganzer Schoul huet missen alleng maachen. #00:46:45-0#

E Ah ok #00:46:45-0#

I An dat war halt déi komplett Iwwerforderung. Mëttlerweil schaffen sie och zu méi dorunner an dat funktionéiert super, souguer och, also net nëmmen op engem Niveau an enger drëtter Schoul mengen ech oder an engem zweeten Schouljoer an, nee an engem drëtten, véierten Schouljoer man se et och lo an dat funktionéiert och.

Mee wanns de dat Ganzt leng muss sou opbauen muss dat, wann een keen huet fir sech drop ze verloossen #00:47:06-2#

F Also dat hei sinn och sou, sinn och sou Klassen, wanns de sou immens differenzéieren muss wei hei, ass et schonn wichteg wanns de och een zweeten hues, matt dems de dech kanns austauschen. Well ehm Gefor ass einfach wanns du an sou eng Klass géings rakommen an du hues keen aneren do den der kann hëllefen, den der kann virun hëllefen . #00:47:26-7#

E Dann bass de opgeschmass #00:47:28-3#

F Dann bass de verluer. Ech mengen dat éischt Jaar, wei ech hei ugefangen hunn, hat ech Y, Y hunn ech gutt kannt, matt dem hat ech 10 Jaar zesummen een Uewergrad gehat -- eh hatt huet mir vill gehollef mee an engems ehm entwéckels de dech jo och selwer virun, ne. Am Ufank eh #00:47:43-6#

E Fënns dech jo mol selwer iergendwei rëm, ne. #00:47:46-9#

F Jo an am Ufank, lauschters de vill op den aneren an dann matt der Zäit entwéckels de selwer deng Ideen an dann ehm mee den Austausch bleift ëmmer. #00:47:56-5#

E Also ech wéilt hei och nie leng, ganz leng sënn #00:47:59-7#

I Dat heescht dir tauscht iech haaptsächlech ënnert iech drei aus, oder och matt aneren nach vill? #00:48:04-6#

F Am Cycle, dach am Cycle awer schonn, an den Cyclesversammlungen. mee wierklech awer mir beschwätzen eis Problematik awer net an der Cyclesversammlung #00:48:11-2#

E Ech wollt soen du ses eng Kéier, nee #00:48:14-2#

F Et ass och keen den sech dofir interesséiert #00:48:13-7#

E Ech wollt soen, ech muss éierlech soen, et ass och lo nach nie een. Dach mam C schwätzen ech nach vill well hatt eben hei aus der Klass kennt, net #00:48:18-6#

F Jo well hatt selwer och, jo. #00:48:20-7#

E Mee soss, pfff die meescht hunn keen, hunn keen lwwerbléck, wat genau hei an der Klass geschitt, ne. #00:48:25-5#

F déi meescht mengen och mir géingen hei eng roueg Klatz dréinen, ne. Jo déi meescht kommen hei ran an soen, oh sie hunn dach just véier Kanner ass dach harmlos, ne. #00:48:35-0#

I Oh déi sollen sech dann mol eng Kéier véier Stonnen hei hinner setzen, ne @---@ #00:48:36-3#

F Also déi meescht wëssen net wierklech wat hei ofleeft. #00:48:40-1#

I Dat gleewen ech. #00:48:43-5#

F Mee wat awer och flott ass, déi meescht ehm appreciéieren et awer dann, se sinn immens frou wann se hier Kanner kennen hei hinner schécken. #00:48:52-7#

I Ehm wat hu dir dann Gefill wei kennt dat dann bei Kanner un, ech mengen déi ginn jo aus hirer Klass erausgerappt an kommen dann hei hinner an déi wëssen, wëssen sei ass hinnen bewusst, dass sie domadder méi schlecht? Wei ginn sie domadder em? Fällt iech do eppes op oder? #00:49:07-4#

E -- ma ech kann lo vun engem Kand soen, wat ech läscht Joer an menger normaler Klass hat, wat dann hei an den GARI komm ass, an do war et zum Schluss dat war dann véiert Schouljoer, do wor et wierklech hei géi lo, nee muss ech wierklech, ech muss nach op Toilette. Also do wor et wierklech, et wollt net méi. Dat war awer lo bei engem Kand. Dann hat ech awer och nach aner Kanner, déi och heihinner komm sinn, déi awer immens gären komm sinn, déi och einfach vum selwen opgestan sinn an gaang sinn, wous de net hues missen diskutéiere. Dat heescht, ech denken wat sie méi al ginn, wat et fir sie méi schwéier gëtt. #00:49:37-6#

F Jo, also am einfachsten ass et wann mir sie ganz frei kréien #00:49:41-4#

E jo #00:49:40-7#

F Wann mir se direkt nom éischten Schouljoer kréien, wou Problematik dann erkannt gëtt. An dann kommen sie heihinner an bemol fänken sie un hei gutt ze ginn. Dat heescht sie mierken, sie sinn net méi déi läscht der Klass. Sie sinn hei wierklech matt zum Deel déi besch, ne. Well hei sinn jo nëmmen schwaacher an opemol ginn sie déi besch vun deenen schwaachen. An sie kennen mathalen, sie kennen Kompetenzen entwécklen, sie leieren opemol gutt liesen, kennen sie zréck an hier Klass goen an soen hei ech kann och lo gutt liesen genausou gutt wei déi aner, wat ech läscht Jaar net konnt. Also et ass méi einfach wann sie sou séier wei meigleg hei hinner kommen, ech hunn Erfahrung gemaach, dat éischt Jaar wei ech hei geschafft hunn, haten mer och een Grupp aus dem C.4. fir Franséisch ze maachen. -- mir hunn se herno bal erausgehäit, well sie sinn just heihinner komm fir franséisch ze maachen, sie waren och net heihinner komm wei se méi kleng waren -- an dann souz ech hei matt hinnen Franséisch ze man oder Y souz do matt hinnen Franséisch ze man, ech souz hei matt deenen Klengen, déi hunn sech hei déplacéiert gefillt. Die hunn gemengt, oh mussen mir lo rëm an déi Klass goen, an wat war Resultat? Sie hunn näischt méi gemaach, sie hunn keng Hausaufgaben méi gemaach, sie hunn näischt geleiert, sie hunn eh egal wat hunn se dann #00:50:45-6#

E Den Contraire vun dem wat et sollt sinn #00:50:47-7#

F Lo awer bei dessen Kanner hei, muss ech awer soen, déi meescht vun hinnen, déi meescht kommen gären, den Dengen ass awer och, wanns du wei d' Kand K, den hues du lo net kennegeléiert, den wollt och net méi kommen, den huet alles boycottéiert, well den hei zevill gestriizt ginn ass, dat war him ze ustrengend also huet den mech boycottéiert. En huet mech boycottéiert, en huet déi aner boycottéiert, awer haaptsächlech mech an dat ass guer net méi gaangen. Dat ass sou weit gaang,

dass ech dem J gesot hunn, hei do muss lo eppes gescheihen. An lo ass hatt just, schonn seit véier Stonnen am schaffen, an do ass et awer net nëmmen just, dat ass och lo nach alles rausfonnt ginn, et ass wierklech bei him psychesch an och vill Problemer doheem, an jo den kennt awer lo an enger Woch nach eng Kéier rëm. --- #00:51:30-3#

I Mee wei ass et dann wann sie rëm zréck an hiren Klassen sinn, déi aner Klassekameroden, soen déi, maachen déi, loossen déi sech iergendeppes umierken oder? #00:51:39-1#

E F Ech mengen net #00:51:39-8#

F Zum groussen Deel net, nee. Well et ass jo awer schonn sou Gang und Gebe, dass iwwerall Appuien an den Klassen ass, et ginn ëmmer rëm Kanner erausgeholl. #00:51:46-4#

E genau #00:51:46-9#

F Ehm et ass jo een aneren Schoulsystem wei fréier, et ass jo usesch ganz normal, datt déi staark Kanner erausgeholl. ginn, datt emol déi schwach Kanner erausgeholl. ginn. Datt se Appui kréien, déi eng Kéier kréien se Appui an den Additioun, Substraktioun, dann ginn déi eng erausgeholl., dann gëtt Appui an Sachaufgaben, dann ginn aner Kanner erausgeholl. Also dat #00:52:03-7#

E Jo genau. #00:52:03-7#

F Also dat ass net méi sou, datt do wierklech mam Fanger op Kanner gewisen gëtt, déi Zäiten sinn eigentlech méi oder wéineger #00:52:09-8#

E Kanner sinn et och méttlerweil gewinnt. Dat ass sou vum Ufank un vum Joer, dat leeft esou #00:52:13-6#

F Jo, also et sinn éischter mol eng Kéier Eltren, déi Problemer domadder hunn. Also den Problem hat ech och schonn eng Kéier heibannen. Ee ganz, ganz ganz ganz schwachen Schüler, ganz schwachen Schüler, heen kennt lo an fënneft Schouljoer, heen kann wierklech -- *guer nâischt*, den Jong kann nâischt. Also en kann wéineg, en kann net liesen, also en ass an den war fir des Klass virgesin. An en war eng ganz Woch heibannen an dunn ass Mamm komm, an sie huet en raus geholl. Hiert Kand soll keen extra Programm maan, hiert Kand soll normal leieren -- sie rennen awer op Dikrech an den ehh Lernzentrum bei ehhe S- Sch-, ne S- ass et S #00:52:57-3#

E Ech weess et net, den Virnumm weess ech net. #00:52:59-0#

F Bei Sch an do rennen se dann awer sou fills an der Woch. Do kritt en, do gëtt him eng extra Träip, mee hei huet en net dierften aus Klass erausgeholl ginn. Jo natierlech lo ass et sou, datt den Bouf sou schwach ass, dat en onbedéngt misst an den GARI kommen fir nächst Joer an den C.4. An mir soen, mir hollen en net méi, heen ass eng Kéier heihin-, heen hat eng Kéier Chance, seng Dier stoung eng Kéier op, Mamm huet en erausgeholl., lo kréien aner Kanner Chance -- #00:53:23-9#

I Dat ass dann vun den Eltren #00:53:24-5#

F Jo, jo. Dat hues de zwar och seelen. Dach heiansdo hues de Eltren déi skeptesch sinn am Ufank. #00:53:30-8#

E Well se net richtig wëssen an et sech net kennen virstellen #00:53:32-6#

F Well se net wëssen wei et ass oder well den Partner net weess wat et ass. Well den dann och fäert, jo en gëtt erausgeholl., ne. An wou awer herno den -- immens Dankbarkeet do ass. Ne déi herno awer wierklech soen, hei dat do ass fantastesch et ass immens, mir hunn een anert Kand kritt an eh en mësch sou vill Fortschrëtter. #00:53:53-3#

E Wous de Fortschrëtter. sou extrem gesäis, dajo jo #00:53:57-1#

F Jo #00:53:58-1#

I Dat heescht et mierkt een schonn extrem den Ënnerscheed, wann se lo hei een Joer kommen, wei wann se géingen nach normal an der Klass setzen #00:54:05-7#

E Ech denken schonn, jo #00:54:06-2#

F Ech giff soen, jo. Also een Kand M geet ënner an der Klass, engt Kand E verstoppt sech an der Klass, Kand L. mëscht eng Szene no der anerer an der Klass, well et net matt deenen aneren eenz gëtt -- ehm -- d' Kand C mëscht se allegueren geckeg matt senger Nervositéit, d' Kand N ebenfalls. An hei sinn Kanner wei déi aner, hei falen se net weider op #00:54:31-1#

E An sie kennen sech hei jo net verstoppen #00:54:32-3#

F Nee #00:54:33-0#

E sie hunn hei net Méiglechkeet, eh #00:54:35-7#

I Jo bei dem klengen Grupp #00:54:36-4#

F Ech mierken jo, souguer wanns de hei setzt mam Kand M ze schaffen, ech mierken direkt wann Kand E hannerun mir näischt schafft. Ech mierken dat jo --- @-- @ #00:54:47-5#

I Ehm gëtt et iergendeppes wat dir gären géingt ausprobéieren, also och lo am Hiblëck zur Differenzeierung? Iergendeppes wat nach net ausprobéiert ginn ass, oder ech weess et net. --- wat der eng Kéier héieren hud, wat iergendwann eng Kéier gesot ginn ass, wat iech selwer opfällt, wat feelt --- gëschter hätt ech zum Beispill Beispill, datt een méi interaktiv schafft, well alles awer nach relativ Pultzentriert ass, dass se géingen méi méi spillen oder méi Zäit hunn fir vum Pult wegzekommen --- #00:55:29-8#

E Kann ech lo direkt näischt sou #00:55:32-2#

F mhm (verneined). Mir probéieren jo awer ëmmer rëm tëscheduerch datt se sech an Mett setzen, datt se een Spill maachen, datt se raus lafen ginn -- ehm --- ---
#00:55:44-2#

E Ech denken, wanns de, jo et hänkt jo dovunner of, wat lo nach alles vum Ministere vun Ideen kennt. Du muss dech sou oder sou iergendwann mol eng Kéier, also du entwéckels dech jo ëmmer weider. An alleng dat op Kompetenzen schaffen, dat war jo fréier och net, do hues de jo do muss de dän Cours e bëssen upassen, dass de iwwerhaapt dat kanns erreechen ech mengen, mee sou eng richtig Idee hätt ech lo direkt net #00:56:06-0#

I An fir ganz Schoul vleischt gesinn? Fir Differenzeierung méi auszebauen zum Beispill oder fir méi an de Klassen present ze sinn. #00:56:16-8#

F jo ehm, jo ehm wei datt #00:56:17-7#

E D´Iddi ass gutt #00:56:18-5#

F Iddi ass gutt mee den Problem ass du hues Klassen do funktionéiert eng Differenzeierung jo souwisou an du hues Klassen do funktionéiert se souwisou net. Well och Léierpersonal sech déi Zäit net hellt, fir sech domadder auserneen ze setzen, respektiv fir sech matt den Kanner auserneen ze setzen, an do funktionéiert se net. #00:56:38-1#

E Nee dat kann net, dat #00:56:40-8#

F Ne? #00:56:40-8#

E Nee #00:56:40-5#

F Oder, woen ech do zevill? #00:56:42-7#

E Nee nee ech ginn der Rescht -- #00:56:44-3#

F also ech weess net op et lo nach eppes gëtt wat ech nach well ausprobéieren, ech hunn den Moment lo näischt am Kapp wat mech lo sou géing interesséieren, mee ech mengen ehm et geet jo virun an der Evolutioun an wann dann rëm iergendwou eppes ganz neies ass, -- #00:56:59-9#

E Bass de schonn bereet #00:57:01-3#

F Bass de bereet, wann dat fir dech opmannst dech ze informéieren an et eventuell och auszeprobéieren an eh. Mee lo sou direkt well ech einfach fannen, datt mir schonn hei sou viles verschidden, sou vill verschidden Saachen maachen. -- ehm wei lo den Moment setzen sie alleguerten, wei kuck mol all déi Wochen wou ech mam mam Dengen ugefangen hunn och mam Kand E rëm den Zahlenstrahl et souz ëmmer hei um Bueden, ne ze triwwelen. déi ganzen Zäit souz et hei Schlaangen ze leen, dann waren se rëm, dann rëm vun fir. Wann mer den Meter maachen, dann ginn mer raus an den Gang, jo. Deemno dann maachen se et dobaussen an der

Wiss oder um Wee man mer, schaffen mer --- Iergendwou müssen se awer och leieren, datt se setzen ze bleiwen hunn. Et gëtt ëmmer nëmmen gesot, Kanner müssen frei sinn, Kanner müssen hei, Kanner müssen do. Ech mengen herno wann se schaffen ginn, müssen se och aacht Stonnen op engem Büro kennen setzen.
#00:57:56-7#

I Dat stemmt #00:57:59-0#

E Majo oder leng schonn wat ech ëmmer, gutt do gëtt jo lo ganz vill reforméiert, mee du kenns aus dem sechsten Schouljoer an du gees an den Lycée, do muss du funktionéieren. #00:58:05-4#

F Oh Mamm #00:58:06-8#

E Do setzt du an enger Klass an do interesséiert, also verschiddener interesséiert et net vun wous de kenns, an wats de kanns, maach matt an fäerdeg, sou ne. An dann denks de ëmmer hei #00:58:13-3#

I Kuck dass de eenz gëss #00:58:14-8#

E Maja genau. An wanns de, soen mer mol sie schaffen dann matt Punkten, datt gëtt jo lo och wahrscheinlech net méi sou wei soss, mee wanns de eng Datz hues, haass de eng Datz, kuck dass de leiers an dass de matt virun -- dat fannen ech war ëmmer war eng riesen. #00:58:27-3#

I Du kenns hei sou aus dem klengen Wattebällchen an dann gëss de do sou richtig
#00:58:31-5#

E Jo genau #00:58:31-8#

F Also watt ech awer och muss soen, déi Kanner déi mir hei hunn, déi ginn an sech richtig pouponneiert. Dat sinn sou richtig kleng verwinnten Kanner, déi mir hei hunn.
#00:58:39-8#

I @---@ #00:58:40-5#

F Nee dat sinn verwinnten Kanner -- dat well dann net heeschen, datt sie manner schaffen, ech géing souguer soen, dat hei ass méi ustrengend fir sie, wei enger normaler Klass, well hei müssen sie jo schaffen, well an enger normaler Klass, kennen sie sech jo verstoppen #00:58:53-3#

E Genau #00:58:54-1#

F Mee an awer ginn sie immens verwinnt, well se jo, well se jo alles op hier Besoinen zougesehniden kréien. #00:59:00-8#

E An du bass ëmmer do fir, also #00:59:01-7#

F Du bass ëmmer do fir sie. Ne wanns de do am liesen bass matt engem Kand an do ríft een, weess de schonn déi ganzen Zäit ah du muss lo sou baals, weis de do

fäerdeg bass, muss de dohinner. An enger Klass bass de mol do am gaangen an do an dann do. An dann iergendwann eng Kéier no 10 Minutten oder enger Véirelstonn, kenns de dann bei dat Kand. #00:59:18-7#

E An an deenen 10 Minutten kann dat Kand, wann et dann sou een ass, den sech dann mol jo dann waards de mol jo dann ass et schonn rëm sou -- sou eng kleng Paus gemaach. #00:59:26-8#

F Oder du hues se vergiess. #00:59:28-0#

E Jo oder du hues se vergiess. #00:59:28-4#

F An wei dachs vergiess de einfach een Kand während enger ganzer Stonn an enger Klass? #00:59:32-0#

E Ganz secher. Et kann keen mer soen, dat geschitt mir net. #00:59:34-7#

F Dat geschitt dach andauernd. Dat geschitt mir och #00:59:37-5#

E Natierlech. #00:59:38-0#

F Dat geschitt dir, du hues och Kanner, déi kréien sech ganz ganz geschéckt verstoppt. #00:59:43-4#

I Ech war sou een Kand @---@ #00:59:45-7#

F Mir hunn engt Kand wat ehm lo am C.4. ass wou letzt Joer opgefall ass, datt den ganz ganz staark Legasteniker Kand ass, dat ass am C.2. net opgefall. An hatt huet eng immens gutt Joffer gehat am C.2., eng super Joffer. Dat ass net opgefall, dat huet sech sou doduerch geschmuggelt kritt, sou derduerch gemogelt an gemaach an gedoen. Et ass een ganz intelligent Kand, datt dat net opgefall ass. #01:00:12-0#

E Et gött et lo nach net gären zou oder? #01:00:13-6#

F Et gött et lo nach guer net gär zou, an et ass lo nach ganz getouft, wann et aus der Klass erausgeholl gött, fir #01:00:19-3#

E An et ass einfach déi Taktik, dat leng sech bewusst ze sinn, ok do geet eppes net, mee ech kréien dat awer iergendwei verheemlecht, ne. #01:00:26-5#

F Also sie kréien sech an enger Klass immens immens gutt verstoppt, an do kanns de och net ëmmer dem Léierpersonal ee Fehler maachen, well déi Léierin wou hatt war am C.2. dat ass immens engagéiert an immens eh, mee et ass awer geschitt. #01:00:39-0#

I Jo wann Kanner sou schlau sinn, ech mengen, dann kann een och näischt man. Ok, wei wier, wei ass et matt sou, also hu dir Wënsch un Studium, also du ses dat war extrem theoretesch du also méi Praxisbezug, oder konkret Beispiller, wat géings du änneren wëllen? #01:00:58-1#

E Woah jo, weis du sees, vill méi praxisbezunn an méi. An mir haten och natierlech lo, et war net all Cours den lo schlecht war, mir haten och ganz vill Coursen wous de wierklech dann eng Thematik haass, an hues de gesot, ok du muss dat an dat dozou liesen an dann hues de vill, hunn mir och kleng Filmer, ganz oft aus Däitschland, well déi jo ganz eh, jo speziell an gutt do schaffen, méi oppen an alles. An dann hoss de dat eben auserneen geholl an dann hues de am Grupp eppes dozou erschafft. Dat heescht et war net sou deen, sou een Seminar wous de rakomm bass an et huet iergendeen eppes do gelabert an du hues opgeschriwwen an du bass heemgaange, an entweder du haass verstan em wat et gOUNG oder net an du hues een Examen geschriwwen an. Ech fannen einfach méi déi wat mëss de wann, wanns de wei Kanner matt Legastenie, mir hunn op der Uni gesinn, wat Legastenie ass, mee wat, wat mëss de dann lo konkret, wanns de sou een an der Klass hues, wat Hëllef brauch, wei hëllef de dem Kand, wei gëss de dem gerecht. #01:01:44-5#

F Du kriss wéineg Hëllef do, ne? #01:01:45-7#

E Genau du bass also dat ass lo ee Beispill, dann Kanner déi eng Rechenschwächt hunn, jo dann hues de gesinn, dat gëtt an dann hues de verschidden Strategien vielleicht nach gesinn, wats de kann maan, mee du hues nie gesinn wats de vun Material, wats de. Dat war alles ëmmer du bass an den Stage komm an dann hoss de, ah wat ass dat do dann, firwat brauch een dat dann, wat mëscht een domatt, sou du hues ëmmer selwer missen. #01:02:02-6#

I Dat heescht méi Material kenneléieren? #01:02:04-1#

E Hätt ech perséinlech mir gewënscht. Du hues ëmmer die classesch Schoulbicher, ne die die hoss de schonn, an dann nach. Ech muss soen bei mir, bei eis op der Uni, do war nie, mir hunn nie matt matt ehm Material gekuckt, wat an der Schoul ugewandt guff, dat heescht wann do lo wei zum Beispill MILA, wat jo dann vill also lo oder wei heescht et am Rechnen? Zahlenb- #01:02:21-7#

F Zahlenbuch #01:02:23-6#

E Ech hätt dat mol wichteg fonnt, wanns de einfach mol gesinn häss, wei sinn déi Bicher opgebaut, wat wat mëss de domadder, wat kanns de domat-, du bass dann, du kenns an eng Schoul, du häls, du kress, du kriss een Cycle dohinner gesat an dann dat ass Material jo dann schaff dech mol do ran. Et wier awer gutt wanns de vielleicht am Studium well eng Kéier gesinn häss, wat gëtt et vun Material wei kanns de, wat mëss de, wat hells de nach dobäi, wat jo. Sou déi, wierklech dat méi praxisorientéiert, mee wei gesot ech weess lo net wei et lo mat hiren Ännerungen do, wat sie lo do agefouert hunn, kann ech net, well ech och lo net beuerteelen. #01:02:54-4#

I Jo wei ass dat dann sou matt eh Formatiounen, ass, ass den Bedarf iwwerhaapt do vun deenen aneren Léierpersounen oder? #01:03:01-8#

F Also ech mengen et ass schonn wichteg, ne. #01:03:03-0#

E jo. #01:03:03-0#

F Mir zwee ginn lo nächst Woch eng Formatioun, déi heescht Inklusion ist "nicht" cool. Ech mengen, mir müssen mol kucken wat do bei, op eis zoukënnt. Mee ech mengen grad bei sou enger Klass wei dat heiten -- wous de jo awer Kanner hues, déi wous de ëmmer rëm Kanner hues, déi op der Kipp stinn och zum Beispill zu der édif, ne. -- also mir haten der lo schonn zwee déi hei waren, dat also ech hat der lo zwee an véier Joer, déi sinn vun hei aus an édif orientéiert ginn. -- an dann hunn mer jo lo nach een, wou mer müssen kucken, wei weit datt mer kommen -- also ech fannen zwar Formatiounen ehm ech fannen et net gutt, wanns de einfach Formatiounen just mëschs fir deng Stonnen ze hunn. #01:03:45-9#

E Nee #01:03:47-0#

F Dann fannen ech. #01:03:47-6#

E Dat bréngt engem jo selwer näischt #01:03:48-4#

F Bréngt jo guer näischt, ne. Mee ech fannen sou Formatiounen, dann wanns de dir se gutt eraussiche, an ehm dass se op dat wats du mëschs, fannen ech et awer wichteg -- #01:03:58-1#

E Gehéiert dozou, fannen ech. #01:04:00-5#

F Jo #01:04:00-5#

E Du hoss vielleicht och emol Formatiounen, wous de dono heem gees an denks #01:04:03-6#

F Häss de der kennen spueren #01:04:04-7#

E Jo, mee dann, do ass et awer wéinstens prob-, also probéiert, ne. Du häss jo kinnten, et hätt jo kinnten sinn, dass de wierklech eppes dovunner dréis. Well dat wat mir lo man sinn ech immens gespaant, well. #01:04:13-0#

F mhm (zustimmend) #01:04:14-4#

I Ech mengen eng negativ Formatioun kann jo och gutt sinn, dann weess hei sou eppes well ech net man. #01:04:17-6#

F mhm (zustimmend) #01:04:18-2#

E Zum Beispill #01:04:18-7#

I Ech mengen du leiers jo trotzdem dovunner #01:04:19-9#

E Jo. #01:04:19-9#

I Och wann dir dat net zouseet, et ass jo awer nie eppes schlechtes. #01:04:24-0#

E Mee sie bidden awer och immens vill, dat muss de awer och soen. #01:04:26-0#

F Jo et ass engt grousst Angebot, jo. #01:04:27-4#

E Tass schonn net dass de do lo muss -- jo laang muss sichen bis de iergendeppes fënns. Ech mengen wanns de bëssen Interesse un Saachen hoss, dann fënns. de eppes wats de, wous de, wous de selwer mengs, dat bréngt mier eppes. Well et ass weis du ses, wanns de just dohinner gees, fir deng aacht Stonnen iergendwann eng Kéier roofzehun. #01:04:44-2#

F Mir man usech déi Saachen, déi mir maachen, well mir kruten jo lo déi Stonnen, mir waren och op den disforum, ech weess net ops de dovunner héieren hues, disforum, dat war an der Stad vun der Fondatioun Grand-Duc an Grande-Duchesse. déi haten sou een ganzen Dag iwwer dis, dis, dis, discalculie, dislexie an do war jo och e ganz grouss Perséinlechkeeten, déi do schwätzen komm sinn, wei den Jacky Stuart an dann den Pränz Louis, den jo selwer och een Dislexiker ass, ne, den sech do geoutet huet an eh wierklech dat ass immens grouss opgezunnen gewiescht an ehm dat war an mir waren dunn ënner ehm et waren, sie goufen véier schoul- #01:05:20-1#

E véier Schoulen #01:05:20-1#

F véier Schoulen ugeschwat fir mattzeman, déi hunn alleguerten matgemaach. Dat waren lauter sou speziell Klassen. Net Schoulen, mee Klassen goufen ugeschwat, ugeschriwwen. An ehm dat war och schonn usech eng Auszeechnung fir eis, ne, fir dass mer do hunn dierften mattmaan. An do hunn mer eist Material virgestallt an eis eh wei mer schaffen, an eis Aarbechtartaweis an eist Konzept vun der Klass an dat kruten mer och lo als Formatioun krute mer dat lo ugerechent, als 8 Stonnen Formatioun. hunn ech och gutt fonnt. #01:05:46-5#

E Natierlech, dat ass jo richtig, also, ne. #01:05:49-1#

F Jo ech hunn dat wierklech gutt fonnt. An eh dovunner hues de och eppes, du leiers nei Leit kennen, well dat ass jo och doduerch datts de lo ehm wou mer den Schokla lo kruten, déi haten eis jo do, maja op dem Forum do hunn mer, eh dat kennt dovunner. An ehm jo ech mengen den Austausch ass einfach, ass wichtig, ne. #01:06:07-4#

E An dachs méi wei-, jo sou Klassen wei sie häss de lo net onbedéngt kennegeléiert, wanns de lo net do gewiescht wärs. #01:06:12-7#

F Nee, nee. #01:06:12-7#

E Ne well dann, du weess jo och vielleicht an enger Schoul gëtt et dat nach, mee jo #01:06:18-1#

F An dann hues de nach sou Klassen an du hues nach sou Klassen hei uewen am Norden, mee déi schaffen scho rëm eng Kéier ganz aneschteres. Ne dat ass awer lo -- eh #01:06:25-2#

E Et ass ëmmer Fro vum Opbau an vun der Klass, ne #01:06:26-0#

F An dann, mir sinn jo och déi eenzeg, déi wierklech matt engem aneren Programm schaffen, déi aner schaffen awer alleguerten um MILA, ne. Mir sinn déi eenzeg déi sech ganz vum MILA ofgesot hunn, an och wou den Inspekter näischt gesot huet, den eis gewäerde léist. #01:06:39-1#

I Dat ass den Klick oder? #01:06:41-0#

F Mir schaffen mam Klick jo. Als Basis, als Grondbasis, ne. An dann gëtt den natierlech ausgebaut, well och mam Klick kenns de net weit genuch -- #01:06:55-0#

I Nach iergendeng, eh jo nach iergendeen läscht Wuert? #01:07:01-3#

@---@ #01:07:02-7#

E Mir sinn gespaant op deng Aarbecht @--@ #01:07:05-9#

I Ech och @--@ Ah ech hunn awer nach eng, firwat steet GARI? #01:07:08-5#

F groupe d'apprentissage et de rattrapage intensif. #01:07:19-1#

[Abschluss, Verabschiedung]

D. Interview 4

Datum der Aufnahme: 20.4.2016

Ort der Aufnahme: Diekirch

Dauer der Aufnahme: 50 Minuten

I = Interviewerin

C = Person C, Interviewpartner

Einführung (Erklärungen der Audioaufnahme) #00:00:21-0#

I Ech wollt einfach mol grouss ufänken. Firwat bass de Joffer ginn? #00:00:26-8#

C Ehm ma well dat mer Spaß gemeet huet, fir kennen den Kanner eppes bei ze bréngen an well et net just een Beruff ass, wou een net just um Büro setzt an ehm, well et einfach vill Ofwiesslung dran ass, Vun den Fächer hier oder matt Kanner ze dinn hunn, jo well einfach vill ganz vill Ofwiesslung dran ass an well et flott ass den Kanner eppes ze vermëttelen --- jo #00:00:50-6#

I Ok an seit wéini bass du lo Joffer? #00:00:52-7#

C ohh also ech, dann muss ech lo mol rechnen. Ech mengen et sinn sou 17 Joer, 16, 17. #00:00:58-7#

I Dat heescht sou em 2000? #00:01:00-5#

C Jo ech hunn, oh méi --- ech weess, also ech weess et net, 92 hunn ech Premiere gemaach, dann drei Joer, zwee Joer Bts, an dann drei Joer... joa su 2000. Also et sinn 16, 17 Joer ongeféier #00:01:20-9#

I An wou hues de dann studéiert? #00:01:21-6#

C Zu Eupen, an der Belge #00:01:25-7#

I Wei war dann do sou Studium opgebaut? #00:01:29-1#

C ehm pff. et war eng kleng Schoul, et ass jo däitschsproocheg an eh et sinn, et war vun all Klass war een mol besat. Drei Joer eh éischt, zweet, drëtt Joer fir Spillschoul, éischt, zweet, drëtt fir Primaire ze leieren an eh jo opgebaut ech weess lo net wei. #00:01:48-7#

I Dat heescht et ass sou, du hues een Joer laang Saachen gesinn vun der Primaireschoul? #00:01:53-9#

C ah eh oh méi --- dat weess ech net. Also ech weess nach am drëttten Joer haten mer vun all Grad hate mer eh een Stage ze man. Jo --- jo an dann den Memoire an et ass- oh méi ech weess dat net méi. Tass mir hunn Entwicklungspsychologie gemaach, dat war een Fach. An et war een Fach wou mer ehm Däitsch jo Däitschgrammatik an all dat Dingen do oder Franséisch dann eben an eh --- ech hat

mer och am zweeten Joer an dat war et, waren mer do och puer mol an Klassen einfach just kucken. Do muss ech wierklech schonn, häss de mer dat eng Woch virdrun gesot gehat, dann hätt ech a mengen Memoiren gekroopt, mee fir dat lo sou spontan sou- #00:02:43-4#

I Erënners de dann nach vielleicht op et vill theoretesch war oder op et och vill praktesch? #00:02:48-8#

C ehm also ech hunn ehm ech hunn dovunner profitéiert, dass ech virdrun een Joer ersat hunn, well ech dann, well ech dunn schonn wousst wei den Hues gelaf hunn, virdrun schonn wousst wei, well ech mer besser schonn virstellen wei dat an enger Klass ofleeft, ne. An eh, vill praktesch --- jo dat sinn lo Froen wou ech ehm, well ech hunn och keen gudden Verhalt --- also am drëtten Joer war méi praktesch. Waren eben drei Stagen vun eh ech weess net all Kéiers puer Wochen oder wat. --- #00:03:27-5#

I Weivill Joer waren et dann insgesamt? #00:03:28-3#

C Drei. #00:03:29-5#

I Drei #00:03:30-2#

C Drei #00:03:30-9#

I Dat heescht am läschten Joer ass et méi an Praxis gaang? #00:03:33-2#

C Also wou een wierklech huet missen alles virbereeden, wierklech huet missen Schoul halen do ne, also do hunn mir ehm --- praktesch déi ganzen Zäiten an dem Stage Schoul gehalen, Et ass net wei wann een hei ersetzen geet oder sou oder do ass een dann, oder wann een puer Wochen Stage mëscht, dass een dann zwou, drei Stonnen hält an eh fir de Rescht kuckt een just no. Also do hunn mir wierklech vill, dee ganzen den Stage, den hu mer dann meeschtendeels dann selwer virbereed an dann och déi Stonnen gehal, och wann den Titulaire, den war dann an der Klass oder ass och mol rausgaang, awer do hunn mer wierklech méi bal déi ganzen Zäit dann Schoul gehal, den Unterrecht, jo --- #00:04:23-0#

I Dat heescht wanns de sees Entwicklungspsychologie an sou, dann Franséischgrammaire, dat klengt jo alles schonn extrem theoretesch. #00:04:28-5#

C Jo also dat war, wei lo Däitsch oder Franséisch also dat war jo kenne mer jo alles #00:04:36-9#

I Mee et klengt lo net sou wei wann dir do gesinn hätt, wei dat konkret an der Schoul ëmgesat gëtt, wei engem ee Kand zum Beispill eng Rechnung zwee plus drei beibrenge oder sou #00:04:48-0#

C Mir hunn Rechnen gemaach, wei et dann jo dach wat dann um Programm steet, an wei wei een et hinnen dann och erklärt, wei wei een et ech weess net Tafelrechnungen oder wei dat dann eben an der Schoul riwwer bruecht gëtt. #00:05:03-2#

I Dat heescht war schonn net nëmmen Theorie, do krut der och praktesch Beispiller?
#00:05:05-7#

C Jo, jo --- et ass, jo ohh dat ass schonn alles sou laang hier. Ech well der lo och net egal wat dann zielen --- jo #00:05:19-0#

I Ehh weess de dann nach vielleicht wéinis de déi éischte Kéier eppes vun Differenzeierung héieren hues? #00:05:23-0#

C @oh méi@ ehm --- wat an der Schoul, also während dem Studium selwer, ass dat eigentlech net, war dat lo nach net sou, et ass méi wou een dann opemol selwer Schoul hält, dass opemol differenzéieren, differenzéieren, an eh -- jo, wou ech dann haut nach soen, ech géing mol gären mech hannen dran setzen an kucken wei déi aner dat dann maachen, fir och nach selwer eppes beizeleieren, wei een dat geréiert, well jo wei ech dat lo den Moien gemaach hunn, dat war dann och fir dir e bëssen ze weisen, wei ehm ok wann mer dann mol sie e bëssen sou wurschtlen loosson dann eh -- jo also ech fannen dat immens schwéier, et ass alles schéin a gutt, ee all Kand no sengem Rhythmus oder jiddwereen no sengem Besoin ugepasst, mee fir dat dann an der Praxis ëmzesetzen, wann een leng an der Klass ass, an eh een huet wei een Kand J den dann Hampelmann spillt. Ech hunn lo nach eng roueg Klass, lo do iwwer ass et- jo --- dat --- #00:06:39-3#

I Gouf et dann vielleicht eng Kéier an enger Formatioun oder sou erwähnt?
#00:06:42-3#

C Ehm --- bon ech hunn lo sou, bon et gëtt ëmmer rëm gesot. Mee wierklech sou, et ginn dann och sou Beispiller, wou een dann denkt, jo ass jo schéin a gutt, mee wéisst mer mol wei dat geet. Jo ech hunn e virdrun, wei nach den Punktesystem war, do hunn ech, do huet dat nach programme adapté oder programme réduit geheescht, ne. Dann een den nach net sou gutt war den huet dann adapté, dat war dann un sän Besoin ugepasst, manner Wieder oder méi einfach Sätz oder sou, ne. Dunn hunn ech dat dann och sou gemaach, dunn hat ech dann och zwee verschidden Tester och, ne. Mee dunn, dunn opemol huet et geheescht et gëtt lo keen programme adapté méi an réduit, dat huet dann schonn ze -- wei soll ech soen ze béis geklongen, ne sou wei wann een den wéilt, wei wann dat mannerwäerteg wier, ne, an dann denkt een jo eh an dann? wei ass et dann lo? An eh den Inspekter sot eng Kéier op enger Versammlung et kann net sinn, dass all Kand zur selwechter Zäit den selwechten Test mëscht. Eh jo --- mee den Déngens- ehm jo dat dat, ech denken dann ëmmer, wei lo meng Kanner, oder wann Kanner lo leieren goen, déi eng leieren et matt 12 Méint, déi aner matt 16. Do ass och all Kand no sengem Rhythmus. Do seet och keen du muss matt 12 Méint kennen deng éischt Schrëtt maachen, ne wann dat matt 16 ass dann ass et awer gutt, mee do ass dat och nach ze ze handhaben. Do ass jo keen, dat ass dann och nëmmen een, oder, jo, mee wanns se dann bis an Schoul ginn, dann soll jiddwereen no sengem Rhythmus an no sengem -- jo, do geet dat net méi sou einfach oder jo. #00:08:29-5#

I Ehm wei homogen ass deng Klass iwwerhaapt? Also weivill, vum Alter, Sproochen, Niveauen also sou allgemeng? #00:08:37-7#

C Jo also ehm dann muss ech lo mol iwwerleeën, vum Alter hier, hei ech ginn mol schnell Buch sichen een Moment --- ---- ech hunn dann och Nimm virun mer, dann kann ech besser ---- ---- Also Alter et sinn der drei déi hunn verspill [blättern im Buch] an ehm jo déi aner --- [unverständliches flüstern] boah jo et sinn der drei déi verspillt hunn #00:09:20-8#

I dat heescht alles sechs, siwen, siwen, aacht? #00:09:26-9#

C Jo jo sechs oder siwen, ne. --- ehm jo an vum Niveau hier, also ech géing soen, am Moment gesinn ech lo nach keen den dat an drei Joer géing maachen muss. Och een Kand J den kann an eh wann ech lo kucken wierklech déi gutt --- --- ---- zwee wou ech giff soen, déi also do déi ginn wierklech gutt eenz, an dann déi gutt schaffen --- --- ---- --- fënnef, sechs, also ongeféier Halschent vun deenen wou ech soen déi schaffen awer gutt. An dann jo d' Kand J also heen kann en ass net domm, ne mee jo

I also heen brauch vill Opmierksamkeet?

C jo jo jo also heen muss een hunn, deen heen ëmmer

I seet hei maach dat

C sou do sinn mer, ne

I encadréiert

C jo, jo och doheem. an ehm deen do ass geplënnert, jo wou eng zwou- wou ech lo wou et lo su lues erausschiet dat Schwieregkeeten do sinn, dat ass mol Kand A an Kand D am Däitschen. déi sinn virun allem Däitschen, Kand A ass awer gutt am Rechnen, do gëtt et sech wierklech gutt drun, ne. --- Kand H ass Letzteboier, säin Papp ass Mathésproff, [kurzer Exkurs über eine bekannte Person 10:57 - 11:04] mee hatt ass am Däitschen. bëssen bequem #00:11:06-9#

I Ech hunn gesinn et huet vill opgeschriwwen, et war déi ganzen Zäit hei weis mer weis mer. #00:11:10-3#

C jo also hatt rechnen ech lo net zu deenen ganz uewen. An ech hunn bei him och schonn sou, hatt schreift mi amplaz im, hatt schreift ehm ma amplaz am, bei him muss ech lo mol oppassen net dass hatt sou Dislexie oder sou, ech muss kucken wei oft déi Fehler lo rëm kommen, net dass dat iergendwei sou eppes ass. Jo --- jo an dann wei gesot Kand T, Kand G dat sinn der sou am Däitschen., dat sinn Portugisen wou Eltren och all Franséisch schwätzen an hinnen net am Däitschen. hëllefen kennen. An dat ass ëmmer och eng Hürd, ne wou sie och net, guer net gutt schwätzen. Kand A och, wou eh jo wat zwar gutt Schüler sinn, mee dat ass jo dat mëscht hinnen Schwieregkeeten ne Sprooch, jo #00:11:57-7#

I Wei grouss ass dann lo den Ënnerscheed tëscht engem Kand S an engem Kand T? #00:12:00-5#

C puhh--- --- boah et ass, et ass schwéier soen. Also hatt gëtt, hatt ass wierklech

selbstänneg. Hatt ass eng, wou een giff soen, hätte mer der méi oder hätte mer der lauter, Wei dat mol virun Joren war, oder wei ech hei ugefaangen hunn, hat ech der an enger Klass awer sou sechs, siwen, ne. Wou ech lo soen Kand S an Kand L, déi sinn an Rechnen, Däitsch do funktionéiert dat, déi sinn wierklech, do ass eng lass. Jo an ehm Kand T also heen, heen ass gutt, mee Sprooch. Ech denken wann dat alles op portugisesch géing oflafen, dat géing besser goen, dat gëtt, jo. Kand A ass seng Mamm schwätzt lëtzebuergesch awer Däitsch schwätzen, Däitsch liesen. Sie seet och sie kéint em net hëllefen, well sie selwer net, jo --- dat eh #00:13:04-4#

I jo dat ass dann awer Schued wann et vun Doheem aus fehlt. #00:13:07-0#

C Jo mee wann ech lo kucken wei een Kand L, do schwätzt Mamm franséisch, sie schwätzt gutt franséisch. Den Papp ass, sie sinn gescheet, heen ass an Portugal, mee hatt ass, hatt ass intelligent. Do denken ech mer dat huet dann awer och nach bëssen eppes matt Intelligenz ze dinn. Ech hat och schonn aner portugisesch Kanner, déi waren super gutt. Also et ass net ëmmer fir ze soen, ok Portugisen, ne. Mee dat ass jiddwereen

I individuell

C jo, jo, jo. Also ech géif soen ech hunn, ech bekloen mech net, ne well wann ech kucken wat anerer hunn, och vum Verhalen hier och, also jo --- #00:13:45-6#

I Weivill verschidden Sproochen hues, also wat schwätzen sie alles doheem? Portugisesch, lëtzebuergesch? #00:13:50-0#

C Jo portugisesch, lëtzebuergesch, oh dann hunn ech enk do ass Mamm italienesch mee sie schwätzt awer lëtzebuergesch matt him. Jo ech hunn soss, jo an dann Kand Y ech hunn zwee schwaarzer, déi schwätzen dann cap-verdianesch doheem. ah soss eh jo lëtzebuergesch oder portugisesch. Véier verschidden Sproochen jo, jo ech hunn lo keen Jugoslaw an desser Klass --- jo #00:14:27-8#

I Du hues virun kuerz gesot, matt dem fréier has du den programme adapté dat heescht huet den dat, hues du Gefill gehat dovunner haten Kanner méi gehat och wann sie doduerch e bëssen ofgestempelt ginn sinn? #00:14:41-1#

C boah sie sinn eent ofgestempelt ginn, well och ehm och déi schwaach Kanner, sie mierken awer dass anerer einfach méi fechs méi séier virun kommen an ehm sie mierken dat ob sie lo zu deenen gudden gehéieren an eh an do hat een einfach selwer ok ech maachen et fir den méi einfach a priori an eh jo --- also ech fannen net dass sie sech dovunner méi ofgestempelt fillen, et ass - #00:15:11-0#

I méi dann Eltren? #00:15:11-1#

C Ehm, nee, nee. Also --- et ass eben dass een et haut net méi sou nennen kann an eh jo dat dat an dem Dengen do iergendwei sou --- nichts genaues weiß man nicht . #00:15:24-7#

I Dat heescht wei ass dat haut? Krut de iergendeppes gesot wei der sollt matt Kanner ëmgoen, déi net sou schnell, net sou fex sen? #00:15:31-2#

C Jo jiddwereen no sengem Rhythmus. Mee eh -- jo oder dann eben déi den dat den Programm an zwee Joer net packen, déi hunn Zäit dat an drei Joer ze maachen, ne. Do do kann een dat dann -- net bis dohinner mee déi kann een dann sou zeien.
#00:15:49-2#

I Mee dat gött jo awer och réischt am zweeten Joer gekuckt, dat gött jo net schonn am éischten Schouljoer gekuckt. #00:15:53-0#

C Jo also wei gesot, ech gesinn lo momentan gesinn ech u sech nach keen den dat an drei Joer misst maachen. Beim Kand A sou Däitsch, Kand D fänkt lo un Däitsch schreiwen, mee, mee lo fir leng ze soen just wéinst den, well et net eh nee dofir sinn se nach net schwach genuch. Bei aneren M huet lo do iwwer een, den hätt Spillschoul nach eng Kéier sollen maachen, an do gesäit een schonn relativ frei dat geet matt zwee Joer net duer oder den ass, den mëscht zweet Schouljoer nach eng Kéier, mee fir dass den dann no sengem Rhythmus die eng sinn beim w heen ass nach beim m also dat ehm wei mëscht een dat, wei geréiert een dat? well et muss een matt dem engen schaffen an matt deenen aneren schaffen oder wann dann nach een do ass den den ass nach iergendwou dodertescht jo, dat eh jo dofir hunn se dann déi Teamen, mee eh #00:16:55-7#

I Wat mengs de matt Team? #00:16:56-5#

C ma sie hunn, déi meescht hunn lo, sie schaffen dann, sie hunn zwou Klassen matt all Kéiers 20 Kanner, matt drei Titulaires, ne. Mee ech fannen dat sou, wanns de dann an enger Klass hues, deis de dann permanent roueg halen, an dann ass ëmmer den Wiessel do, deen een Grupp geet dohinner, den aneren dohinner, den aneren dohinner, den den dat Geleefs do. Ech fannen do entsteet ëmmer sou eng Hektik, sou een Gewussels, ne. Jo ech mengen ech sinn do bëssen méi almoudeg dran, dass ech gären meng Schäfercher hätt, an eh #00:17:30-7#

I Dat huet jo näischt matt almoudeg ze dinn, dat ass einfach eng perséinlech Astellung #00:17:36-0#

C Also ech ech fannen méi eng kleng Klass, 12, 13, 14 an dann all Dag eng Stonn Assistance, dat wei mer et mol eng Kéier haten, dann kann een dat geréieren, mee dat ehm matt hirem blöden Comptageon, dann ne déi wëllen dat nach ëmmer méi erofsetzen an jo, dat ass net am Déngscht vun den Kanner, ne. Dat ass just fir Suen anzespueren an eh jo. #00:18:01-7#

I Wei gees dann lo an denger Klass domadder em, wann lo een méi lues ass, matt den Aufgaben virdrun, hunn déi schnell dann einfach nach méi Aufgaben kritt? Wei ginn et do nach aner? #00:18:13-9#

C Jo dann, dann eh dann eh ok du mëss just wei bei den Rechnungen du mëss just déi Rechnungen, dat geet dann lo duer fir den Prinzip verstan ze hunn, an déi aner maachen se alleguerten zum Beispill. Oder wei ech gesot hat matt deenen Zousatzblieder do, ne do dat ass dann bëssen méi anspruchsvoll an eh een Kand S kritt dat hin. jo oder wei ech gesot hat, dass no enger Zäit dann eh dann sammeln ech Blieder an ech verbessern se alleguer an dann wat dann nach net fäerdeg ass,

man se doheem fäerdeg an wou ech dann gesinn, ok dat doten ass och nach ze vill dann ok loossen mer dat op Seit dann man ech dann een Stär dohinner, dann wëssen se dann, dass se dat net maachen müssen. Jo --- --- jo oder wann se wann se lo mol wierklech méi liesen kennen, dann géing ech dann engem Kand S nach eppes méi ze liesen ginn oder oder mol eng Geschicht bei eppes schreiwen oder jo -- -- ---- ---- jo dat ech dann vum Volumen hier reduzéieren oder och vum Vocabulaire hier dat ech dann ehm wei bei engem Kand J soen ok du muss lo net wëssen wei Osterei geschriwwen gëtt, oder -- oder sou Wieder déi dann net sou am Gebrauch sinn, wou ech dann soen ok dat muss de dann net wëssen. Mier geet et duer wanns de dat weess oder beim der die das hunn ech den Moien zum him gesot, du muss lo net der die das dobäi schreiwen, ech sinn schonn frau wanns de Wuert geschriwwen hues, ne sou dat een dann eben. Sou oofweid ok dat muss de lo net onbedéngt jo #00:19:48-7#

I Mee lo also déi Aufgaben um Pabeier, dat ass schonn fir jiddwereen dat nämlecht? Dat ass lo net sou dass de zum Beispill fir d' Kand J oder? #00:19:55-5#

C Jo jo #00:19:57-2#

I Wei zum Beispill lo den Moien bei den Biller, dass de do ënnen heiansdo Wieder schonn ënnen hinner schreifs an dann brauch heen se just nach dohinner ze setzen? #00:20:02-1#

C Jo also dat sou Saachen hunn ech och schonn, dach do kann een och sou, wat dann och relativ séier gemaach ass. wann ech dann gesinn, hei deen gëtt net eenz, dann schreiwen ech séier Wieder dobäi, ne sou Saachen jo --- jo oder --- jo wann ech lo giff, ech man jiddwerengem den selwechten Pak, well fir lo unzufänken ehm ok heen brauch dat Blat net oder déi drei brauchen dat Blat net, déi doten maachen et déi do kréien dat nach dobäi. Also do gëtt een herno net méi eenz, do geet sou vill Zäit drop fir ze kucken wat mëscht ween, an ehm ech man dann léiwer fir jiddwereen den nämmechten Pak wou ech schonn dann am Ufank mer soen ok dat do Blat ass engt dat mëscht net jiddwereen mee sie hunn et dann einfach an --- fir einfach der Einfachheet halber, well ech se och nummeréieren, ne. An wann ech do bei dem engem den huet dann déi zwee, drei Blieder net an den do huet déi drei Blieder jo dann muss ech do schonn rëm, ok dann muss ech do een Stär dobäi man, fir dass se awer déi nämlecht Nummer bäibehalen, ne. Dat ass eh --- jo --- dat ass och eng, fir dat dann ze verwalten an ze organiséieren, dat et awer nach, jo oder sie fänken dann och un wann dann een dat Blat net huet, dann kennt een aneren vun, froen, firwat huet heen dat Blat dann net, ne. An dann ehm dann ass dat wous du virdrun gesot hues, jo mierken- wei has de well méi gesot --- ehm dass sie sech dann diskriminéiert fillen oder well den dat muss man oder den dat net, also dat ass hei, ass dann guer net. Jiddwereen huet dat selwecht an dann herno fir eh --- fir Haus- also wann sie et sollen fäerdeg man, dann ass bei deenen schwéieren Aufgaben, also bëssi méi schwéieren ass dann ee Stär an dann déi déi wëllen déi man dat dann, an déi aner net. Oder ech soen och alt, wann een freet, firwat muss den dat dann net man, dann soen ech jo dat ass nach e bëssen méi schwéier fir heen, mir geet et duer wann en dat kann. Dann ass dat och ok fir déi. #00:21:58-1#

I ok dat heescht dat akzeptéieren sie dann och. #00:22:00-6#

C Jo, jo nee sie, also sie ginn och gutt eenz mateneen. Also do ass, wann ech do iwwer kucken, do sinn sechs Jongen, mengen ech bei fënnef also eh, rabaklapp, dat ass bei deenen heiten, wei ech den Moien sot, ech brauch hinnen just een Pak Blieder dohinner ze leen, dann dann sinn sie de ganzen Moien beschäftigt an si. Jo dat ass eppes wat an desser Klass wierklech gutt funktionéiert, ne. Wou ech mer denken, ech hat et net sou schlecht geroden.

I Mee dat ass jo awer net ëmmer sou?

C nee, nee, nee läscht Joer hat ech eng Klass, do war ech frou, wei ech se lass war, ne. dat sinn dann och, jo an dann nach wann een net well, ne. Also dann ,ne fff. Wei lo Kand A hatt ass schwaach am Däitschen, mee hatt ass wëlleg, hatt gëtt sech gutt drun, ne. Also een Kand J deen kann, mee en wëllt net. Also do matt der intrinseger Motivatioun, wann déi net do ass, also dann. #00:23:03-4#

I Mee dann brauch déi Persoun jo an dem Fall och extrem vill Opmierksamkeet, déi de Rescht net kann kréien. #00:23:07-3#

C Jo, jo, jo, jo, jo an och wann ech mech giff dabei setzen, dann kennt jo awer ëmmer een den dann fäerdeg ass matt senger Aufgab, jo dann muss ech him dat nächst erklären. Jo dann ass heen rëm déi Zäit mëscht heen rëm näischt, ne. Dat ass ehm jo -- #00:23:23-8#

I Huet heen dann keng perséinlech Betreuung déi eng Kéier an der Woch laanscht kennt? #00:23:27-5#

C Nee, nee. Ech hunn ehm et kennt eng fir Kand C well dat ass enkt wat e bëssen eh heiansdo ausflippt an dann eh brëllt et ganz Schoul zesummen. Et war lo schonn schonn eng Zäit laang war et lo roueg, nee mee dann eh. Jo dat ass och vun Doheem wou et, wou et dann och doheem dann net klappt oder och net, jo an hatt huet zwou Stonnen Service d'Accompagnement. An do kennt dann eng Joffer an déi kennt dann, och eng Kéier do ass hatt dann an der Klass, mee do kuckt sie, ass Joffer M déi steet dann meeschtens beim Kand J well Kand C usech eenzgett, ne. An eh déi aner Stonn geet sie dann mam Kand C raus, et ass sou eng déi huet fir Moltherapie huet sie geleiert an dann molen sie an doriwwer, iwwer molen, jo beschwätzen sie dann déi Problemer, déi hatt doheem huet oder su hatt ass perfektionistesesch, leieren och kennen Fehler man an aus den Fehler eppes kennen leieren an draus man. Sou méi dat. Jo an dat, nee fir heen hunn ech lo keng Hëllef. An ech sinn, jo ech ech froen mech ëmmer, wann dann M oder déi aner Joffer vun der Assistance jo wat man ech matt dem, ne. Muss ech den mellen, muss ech -- mee watt, dass ehm jo wann heen net well, ne. Heen kritt och wann ech en géing mellen, Kritt en keen, kréien. ech keen an Klass gesat, den permanent nieft him setzt, ne. #00:24:57-6#

I Mee géingen awer net zwou Stonnen an der Woch einfach awer e bëssen hëllefen? Oder? #00:25:03-2#

C Ffff, jo den Moment sinn ech dann entlaascht, well een no him kuckt, ne. An ech kann dann de Rescht vun der Klass geréieren, ne. Ech hunn och Densdes an Freides kennt jo nach F an Klass an hatt ass dann meeschtens, kuckt hatt nom Kand

J an och plus plus deenen dann déi am Däitschen nach bëssen méi
Schwieregkeeten hunn. Jo den Moment ehm ass dann een den, den no him kuckt,
ne. Dat, mee fir den Rescht jo --- #00:25:42-1#

I Wat fireng Aarten vun Differenzeierung hues de soss nach sou? Also am Material,
Zouwendung? #00:25:51-3#

C Jo oder wei ech den Moien am ehm ehm Test, do hunn dann och wann ech dann
gekuckt hunn, dann ginn ech dann sou Hilfestellungen. Ech soen et zwar ëmmer
haart, also dass fir jiddwereen. Jo jo dat ass do sou Tipps ginn oder --- jo oder wann
sie bei Pult kommen, déi eng déi verstinn et wann ech alles bei der Tafel sou
erklären, déi aner kommen méi oft bei Pult, an dann gëtt dat dann nach eng Kéier
erklärt, ne oder probéiert aneschteres ze erklären oder oder matt ehm Hellefsmaterial
oder. #00:26:28-6#

I Zousatzmaterial hate mer jo och schonn virdrun gesot #00:26:34-0#

C Jo jo jo jo jo oder lo am rechnen war matt der Zehnerüberschreitung. Dat sinn jo
puer Schrëtt, wann dann een Schwieregkeeten huet, dann soen ech zu dem en soll
einfach dat ganzt Blat den éischten Schrëtt man, an dann erklären ech den zweeten
Schrëtt, an dann den drënnen Schrëtt, ne. Datt dat bëssen sou dat Automatiséieren,
virdeischt kennt dat ok, jo -- sou Saachen. #00:27:01-5#

I Mee lo zum Beispill Sozialformen, ass lo net sou #00:27:04-8#

C Sou Gruppenaarbecht oder sou? Jo dass mol een dem aneren hëlleft. Also ech
hunn lo schonn, sou een Kand S setzt nieft dem Kand A, Kand S gëtt eenz Kand A
net sou, datt ech se dann sou setzen. Oder een den wei lo d' Kand G nach
sproochlech Schwieregkeeten huet matt verstoen, och lo bëssen lëtzebuergesch
verstoen, den setzt dann nieft engem Letzeboier, datt en net kann matt dem aneren
portugisesch schwätzen. Also dat ass dann och wou ech probéieren dann sou ze
setzen. An heiansdo man ech dann och, also heiansdo su Gruppenaarbechten, dat
ass dann sou wei -- jo wann dat sech dann ergëtt, dann probéieren ech dann och
déi, déi gutt eenz matt engem den net sou gutt eenz gëtt, ne. #00:27:49-6#

I Dat heescht du probéiers schonn ëmmer sou staark an schwaach ze mëschen?
#00:27:52-5#

C Jo, jo, jo, jo oder sou wei lo d' Kand J den kann jo net leng. Den eh dann setzen
ech dann do een dobäi. #00:28:02-2#

I Den war richtig léif den Moien matt em . #00:28:03-1#

C D' Kand G?

I jo

C Jo heen ass sou een #00:28:06-7#

I Jo sou richtig oh dat hues de lo gutt gemaach , dat hues de lo richtig schéin gesot

an ech souz hei hannen awww. #00:28:11-8#

C Jo dofir hunn ech heen och mol bei d' Kand J gesat, well ech geduecht hunn, heen ass och e bëssen sou een bëssen sou mütterlech. #00:28:17-6#

I jo sou richtig ënnerstëtzen. #00:28:19-1#

C jo jo jo jo heen ass ganz léif d' Kand G mee heen huet, permanent huet heen Froen ze stellen. Andauernd kennt heen iergendeppes froen, an dann huet heen eng Rechnung gemaach an dann kennt heen rëm bei mech fir mer déi ze weisen. Also et ass sou een léiwen Jong, mee heiansdo sou eh Kand G häss de net kinnten drei Rechnungen méi schreiwen eis de komm wiers. Jo, jo do sinn also Jongen hei ass usech keen weichten drennen. Also dat ass wierklech Chance, dat ass do iwwer net sou, ne. Jo #00:28:51-0#

I Eh wou leien fir dech einfach Problemer an Grenzen vun der Differenzeierung? Hate mer jo virdrun schonn kuerz ugeschwat. #00:28:56-5#

C Jo --- jo dat ass eben well een sech net kann a sechs deelen, an dann och ehm ehm --- jo wei een den dann --- net well wann, wann en #00:29:15-1#

I Dat heescht muss och schonn e bëssen eng Initiativ vun den Kanner ausgoen #00:29:17-6#

C Jo jo wou een dann awer permanent muss dohannert sinn an wann en usech dat kéint, sou lo maach dat ech ginn lo kucken wat déi aner man, jo dann mëscht den rëm soss iergendeppes --- jo oder och den den zäitlechen Opwand. Ech ech hunn doheem net méi déi Zäit fir mech Mëttes véier Stonnen dohinner zesetzen fir dann, an dann dat sou ze maan, déi Zäit hunn ech net méi, ne. Dat ass och e bëssen eppes wou och Léierpersonal, dat sinn keng Übermensen, déi hunn och een Privatliwen, déi hunn och doheem Kanner an Haushalt an Pflichten an hei an do, ne. Dass net, ech mierken dat lo, déi Zäiten wou ech nach leng war, do hat eng Kéier ausgerechent weivill Stonnen ech do géing setzen, also am Ganzen, ne. Do war ech op 59 Stonnen komm. An ech kommen lo éierlech gesot net méi op 40 Stonnen, well ech einfach Zäit net méi hunn. Ech géing gären méi. #00:30:11-9#

I Dat heescht ausserhalb vun der Klass nach oder wei?

C also am ganzen, ne

I och matt den Klassenstonnen? #00:30:16-0#

C Jo déi Zäit an der Schoul an déi Zäit, déi ech doheem eben fir Schoul investéiert hunn. Dat war, war wierklech locker iwwer 50 gaang, an dat ass lo zäitlech net méi dran --- jo #00:30:29-9#

I Dat heescht weivill Stonnen an der Woch bass de an der Schoul? #00:30:34-9#

C 23, jo #00:30:39-1#

I Soss nach aner Grenzen? Oder? #00:30:42-6#

C Ehm --- #00:30:45-8#

I Well mer lo wann näischt vun den Kanner kennt, dann ass et schwéier, zäitlechen Problemer, sech selwer an sechs deelen. #00:30:56-4#

C Jo jo, also ehm --- ---- jo et ass einfach well een dat, wei wann een doheem zwee Kanner hët oder, --- jo organisatoresch och --- wei ech lo gesot hunn, wann een Kand goen leiert, do ass et egal op et dat matt 12 oder 16 Méint leiert, ne. dat dat huet, do ass Zäit. Mee hei muss een iergendwei probéieren se awer herno op een Niveau bruecht ze hunn, ne. an dat --- jo --- jo an dann och jo den den den sozialen Hannergrond, do wou se hierkommen, se kommen all, dat ass jo och ehm, den een huet ehm do huet Elteren gescheet, do ass dann och iergendeppes oder Sprooch oder --- jo dat mëscht och schonn eppes aus. Oder et sinn der déi doheem kennen hëllefen also dat --- #00:31:59-9#

I Dat heescht Selbstännegkeet vun den Kanner ass extrem wichteg? #00:32:03-8#

C Jo --- jo jo fir déi déi den Wellen eppes ze leieren, d'Ustrengungsbereedschaft an eh datt der och doheem sen, déi soen hei du muss dat lo man dat ass lo wichteg, sou e bëssen och déi Uleedung doheem, ne datt se och doheem bëssen guidéiert ginn, dann eh jo um selwechten Strang zitt, dass net nëmmen Joffer an der Schoul priedegt, dat do ass wichteg, datt muss der man an doheem pff ass ehm --- ass eh iergendwei ehm --- huelen se dat dann net sou eescht oder sie soen jo ech kann net hëllefen, ne. Jo dann bleiwen mer do stoen. Lo wei een Kand J die die Mamm kann keng, also schwätzt sou schlecht franséisch, mee heen do sinn Hausaufgaben gemaach, wann sie eppes matt ze bréngen hunn, huet een et matbruecht, also dat, dat klappt reibungslos, ne. Wann ech dann vun engem aneren héieren, oui je sais pas faire aider. Ehm

I Kann een sech jo Hëllef. Sichen

C jo, dann eh @--@ jo mir sinn awer hei zu Lëtzebuerg an mir kenn- nach nach gëtt den Unterrecht net op portugisesch ofgehal, ne. Jo dat ass dann eben, wou ech dann soen den Hannergrond, wou een se ofhellt, wann se hei ukommen, dat ass och ganz ënnerschiddlech, ne. An eh jo --- jo oder jo oder och vun der Erziehung hier, wann een hei réischt ufänkt, muss ufänken fir hinnen ze soen hei

I Setz dech mol op däin Stull

C behuel dech, jo. Ehm --- do geet och vill Zäit drop, ne. #00:33:44-3#

I Majo wanns de een Kand mol réischt erzeihen muss, dat geet jo och net vun haut op muer. #00:33:47-0#

C jo, jo an an wann sie wann een matt sechs, siwen Joer ried ufänkt Kanner ze winnen dann ass et méi schwierig wei wann se dat vun klengen un leieren, Moien an Äddi ze soen an dat ass esou jo --- jo --- #00:34:03-8#

I Eh du hues jo bestëmmt och schonn vum Wocheplang héieren? Wat häls du dovunner, wat sinn? #00:34:10-8#

C Muss de Kollegin froen, dat mëscht Wocheplang. Jo ech ehm ---

I hues de guddes héieren hues de schlechtes héieren?

C Jo also bei him geet dat gutt, ne. Sie hunn dann ehm hatt bereet dat dann am Ufank ehm iwwert den Weekend fir an dann eh do stinn och d´Hausaufgaben dran, also hatt brauch och net all Dag Hausaufgaben opzeschreiwen an ze kontrolléieren, ne. An wou sie dann, ne jo Däitschaufgaben kréien, Rechenaufgaben an dann och iergendeppes fakultativen, ne. Also bei him geet dat gutt, ech hunn bislo--- ech bereeden vun Dag zu Dag fir, ech kucken wou sinn se ukomm, wou sinn mer an dann fueren mer um nächsten Dag virun, ne. jo ech hunn lo nach net eh, ech hunn lo nach net sou domatt beschäftegt. #00:34:57-1#

I Mee normalerweis wat ech bislo héieren hunn, ass dass den Wocheplang ëmmer am beschten am Team funktionéiert. Mëscht hatt dat dann alles leng oder? #00:35:03-9#

C Jo hatt mëscht et matt senger Klass #00:35:05-9#

I Just leng matt der Klass? #00:35:06-4#

C Jo, jo. Ma jo et ass eng gutt Saach fir leieren selbstänneg e bëssen méi ze schaffen, ne sou sech ze leieren ze organiséieren jo. #00:35:19-0#

I Wat hues de dann soss nach sou fir oder Nodeeler héieren? Wat zielt hatt sou? wat ass däin Androck? #00:35:25-0#

C Bon also ech fannen, hatt mëscht dat gutt, ne. Ech hunn och schonn eh, ech hat et hatt schonn eng Kéier gefrot, wei et dat mëscht. Hatt huet dann eng Lescht wou et all Blat oder all Aufgab, wann dann een dat gemaach huet, mëscht et dann e Kräiz fir dat dann ofzehaken an eh. Hatt huet, huet et lo all Dag Wocheplang, oder? ech weess et lo net. Freides vielleicht, ech weess et net op et Freides lo näischt huet --- jo wat dann net fäerdeg ass, dat mussen se dann iwwert de Weekend fäerdeg man, ne --- jo --- jo bon ech ech hunn dat nach net gemaach, dann muss ech rëm sou eng ganz Sammlung su zesummestellen an --- jo. #00:36:09-5#

I Mee ech mengen wann een dat sou am Team mëscht, dann kann een sech jo geigenseiteg hëllefen an ënnerstëtzen. Ech mengen virun allem am Ufank, dann. Et ass jo och een éischt Schouljoer oder? maja do kann een sech jo bestëmmt och entgéint kommen an dann jo hei wat hues du dat éischt Joer gemaach, wei war dat an sou? #00:36:23-5#

C Jo jo jo mee et ass wei gesot, wann ech heemkommen, dann fänkt meng zweet Schicht un. Ech hunn jo et ass sou. Ech hunn net méi sou déi Zäit fir mech sou laang, fir mech stonnelaang dohinner ze setzen fir dat dann sou auszetüfelen. #00:36:40-1#

I Huet hatt dann vill méi Zäitopwand oder? #00:36:42-6#

C Hat huet, hatt mëscht dat schonn jorelaang, hatt huet do säin System an ehm jo. An ech, ech hunn de System matt deenen Blieder do, déi dann sou zesummegepëtz sinn. Dat ass och zu engem, su een Thema gëtt sou zesummegefaasst, am Rechnen an am Däitschen an ehm jo dat ass -- ass vielleicht och e bëssen sou Richtung Wocheplang, datt wann zum Schluss vun, oh ech man lo net zum Schluss vun der Woch, dat hänkt vum Pak of, datt dann iergendwann dat muss de gemaach hunn an dat do maach dir fäerdeg. Leeft sou gesinn och e bëssen op Wocheplang eraus, ne. Well et sinn och fakultativ Saachen dobäi, ne. Hatt huet dann och nach sou eng Geschicht, an ech man matt Geschichten, wann ech lo dat man ech dann sou tëschenduerch, ne. Dann dann liesen mer eng Geschicht an dann man mer Froen driwwer. Ech man lo sou een Schnellheft wou mer dann all déi die Liestexter drasammen, ne datt jo. --- #00:37:46-7#

I Gett et soss iergendeppes wats de géings gären eng Kéier ausprobéieren wëllen? Also och fir diff- also wat Differenzéierung ugeet? #00:37:55-9#

C --- ---- --- jo wann een zu zwee wier, datt een dat dann ehm, do kéint ee sech dann e bëssen aneschteres organiséieren. Datt een vielleicht, dat ass jo dann een Team, dann misst een dann rëm zu zwou Klassen plus een Titulaire, nach een Titulaire dobäi sinn, ne an dann dann dann kann een drei Gruppen maachen, ne. Mee wann een zu zwee wier, dat kéint een well zwou Gruppen maachen. An ech denken wei an enger Klass, wei bei mir giff dat usech och duergoen. also ech misst lo net onbedéngt drei Gruppen maachen. Een een déi ganz gutt, jo dat wieren der zwee, zwee drei, an dann een, een Mettlen an een ganz schwaachen. Jo oder et misst een jo, an wann een et am Team misst man, dann hätt een dann déi drei Gruppen, ne. Dann hätt een och genuch Kanner zesummen. Ech géif soen, dass dann am mëttleren

I dat wäert grouss sinn

C datt dat déi gréissten Grupp wier jo. An deen den déi ganz schwaachen Grupp huet, heen jo pfff ok dann schafft een méi einfach, ne mee dat sinn der dann oft och nach déi dann vum Verhalen hier och nach sou jo net ganz brav sinn, ne an dann hätt een och nach domadder ze kämpfen an wann déi dann och nach all beieneen an enger Klass setzen an niefteneen, also @---@ jo dann eh jo --- #00:39:20-8#

I Dat heescht eng Kéier sou Teamteaching eng Kéier ausprobéieren #00:39:24-3#

C Also net matt 20 Kanner pro Klass

I nee mee matt sou 12

C 12, 14 an wann een dann all Dag jo dat ass wei ech soen, all Dag eng Stonn Assistance, dann kuckt een, dann kann een ehm jo well am rechnen, also dat ass iwwerschaubar, dat geet, dann mëscht den een eben e bëssen manner, dat geet. Also do jo do kann een et vereinfachen ouni riesen Opwand an ouni dass do mussen drei Leit an der Klass rondremspringen, ne. Dat dat geet dat ass iwwerschaubar. Mee et ass méi am Däitschen, well do schwätzen ass, liesen, schreiwen, dat ass een

decken Pak, en. An do wann een do zu zwee wier, dat kéint e bëssen sou, déi eng méi einfach Saachen an déi aner e bëssen méi anspruchsvoll Saach oder dann eben den normalen Dingen, ne. Datt wier, datt giff ech also, giff ech als Differenzéierung ugesinn, also wat och eh machbar ass, ne. #00:40:25-5#

I Mee du sos och virdrun du géing gären mol nach heiansdo su an eng aner Klass kucken goen, wei déi dat maachen. Ass dat hei net meigleg, oder? #00:40:32-9#

C Pff bon dach, also --- jo et huet een selwer genuch Stonnen an fir dann nach eh --- fir dann nach an eng aner Klass setzen ze goen, jo --- déi Zäit géif een, géing een dann verbessern, also ech. Et ass och sou, jo matt deenen Formatiounen, dat ass dann och et gesäit dann och net genuch an déi Klassen ran, Wann een dann sou eng Formatioun géing man, do misst dann wierklech sou wei, wann se dat géingen weisen, wei dat funktionéiert, ne. Also dat dat fannen ech ëmmer interessant, wann se wierklech weisen, wann een dat kann kucken wei dat geet

I konkret Beispiller

C jo oder wei dat wierklech ofleeft, mee fir lo hei ze soen, ech kommen mol bei dech kucken, weis du differenzéier dann, dat ass ëmmer sou, dann fillt den sech och vielleicht schonn sou eugh kontrolléiert, oder, ne -- jo -- déi hunn dann hiren System, do ass et dann och ëmmer bëssen sou wei wann een do knäipen geet. #00:41:28-4#

I Jo mee ech mengen am meeschten leiart een jo vun eneen.

C Jo, jo

I an sou sou een Lehreraustausch denken ech kann engem jo vill bréngen, oder? #00:41:37-2#

C Jo, also mir mir schwätzen och ënnerteneen, matt den wei mam M oder mam B oder mir tauschen eis och aus, ne. Mee et ass, mir stoussen awer mengen ech iwwerall op den nämmelechten Problem, datt mer eis net kennen an sechs deelen. An dann och wann sie net wëllen Kanner, dann oder net einfach nach wei d' Kand C do einfach nach net op dem Stand sinn, ne dann jo -- ech war alt beim M do hat ech alt Assistance een Joer, an do souz ech dann, dat war interessant. Do gesäit een dann-och hiren Stil fir ehm oder hier Manéier fir eppes bäizebréngen, also dat dat fannen ech ëmmer interessant. #00:42:22-7#

I Ech mengen et geet en jo dann net dohinner fir den ze kritiséieren, also ech mengen et geet en jo dann dohinner fir selwer eppes ze leieren. #00:42:27-5#

C jo jo jo jo. --- jo mee et ass eben déi Zäit wou een dann frei huet, dann eh verbessert een oder et mëscht een Kopien. jo #00:42:42-9#

I Ehm jo wells de nach iergendeppes soen? Leit der nach iergendeppes um Häerz? #00:42:47-4#

C Oh méi. Ehm --- jo ech. Wat ass Binnendifferenzierung an Differenzéierung, heescht dat lo Binnendifferenzierung oder? Oder ass do lo nach een Ënnerscheid

oder? #00:43:04-2#

I Ben Differenzierung ass einfach deen groussen Oberbegriff, an dann hues de eben nach innere also binnen an äußere Differenzierung. Binnen ass eben dat wat konkret an der Klass geschitt, eben sou verschidden Materialien, verschidden Niveauen an sou weider an sou fort. An äußere ass einfach dat wat vun der Schoul kennt zum Beispill, dass Niveauen an eng Klass gesat ginn, also et gëtt probéiert bëssen méi homogen

C ah wei Teamteaching oder?

I jo halt einfach oder all den nämmlechten den ähnlechen Alter hunn, dass eben vun baussen probéiert gëtt eng Homogenisatioun hierzustellen

C ahhh ok

I dat ass sou vun äußeren an innerer ass an der Klass. #00:43:37-6#

C Ahh ok, jo dat ass dann déi äußere Differenzierung déi geet dann, giff dann praktesch an déi Richtung tendéieren, dass dat dann homogen gëtt, ne homogen Klassen, datt dann opemol keng Differenzierung méi gebraucht gëtt. #00:43:54-2#

I Also et gëtt jo keng homogen Klass. An dogeint schafft halt d'innere Differenzierung, also dass de dann kanns iergendwei déi Heterogeniteit kanns opfänken. #00:44:02-6#

C Jo jo an dat jo --- an dat ass déi grouss Erausforderung #00:44:12-2#

I [Erzählt über Themenwahl] #00:44:39-9#

C Ech weess net obs du dat kanns, do war mol eng Kéier den huet Lehrer hat die Aufgabe, do sinn Schüler, et soll een se bei der beschter Laun iwwert siwen Bierger an deen een fiert dohinner an den aneren dohinner, an se sollen awer um selwechten Dingen ënnen ukommen, ne. An dat ass eugh, jo also sou ass et --- wann een eh et ass sou an wann een dat liest, dat mengt een jo dat ass jo net machbar, dat ass ach eng Saach vun der Onméiglecheet. #00:45:10-2#

I Tass, also wou ech am Moment den Problem gesinn, ass dass du de kanns de Kanner gerecht kanns, wells ginn, mee muss och no dir selwer kucken. Wat passt fir dech selwer

C jo jo

I wei lo zum Beispill mam Wocheplang, et ginn Jofferen an Schoulmeeschteren die kennen super domadder ëmgoen, dat ass perfekt fir sie, mee et ginn der awer och déi kréien dat vun uewen diktéiert an einfach net dat ass näischt fir sie. #00:45:30-4#

C Jo jo datt ass eben den Beruff, dat ass dat flott dorunner. Also et huet wahrscheinlech all Schoulmeeschter, all Léierin säin eegenen Stil, an dat och fir Fro firwat hunn ech den Beruff ergraff, et kann een selwer. Et ass een eben e bëssen

selwer Chef an et kann een kucken vu wat een iwwerzeegt ass wou een seet jo hei dat sou well ech et man, well dat fannen ech richtig oder wichtig, an eh jo an wann een dann sou opgezwongen kritt wei lo Diktat, opemol ass Diktat verpönt, ne. Et fäert een dat Wuert Diktat nach an den Mond ze huelen. Oder an dann ne heiansdo een Diktat ass awer net schlecht. Dann weess een wou een drun ass bei den Kanner. An eh jo wou een dann eben ëmmer bëssen méi sou matt der Schoulreform oder matt ehm matt dem Bilan do, bemol denkt eh wann een ehm och matt dem Bilan, wann een eppes maachen muss wou een net dovunner iwwerzeegt ass, an dat heiten ass sou een Beruff, et ass net wei op engem Büro Comptabilitéit, jo do gëtt et keng, dat mëscht een ne dat rechent een, dat gëtt sou ausgefëllt oder sou verschéckt oder hei oder do Also dat ass einfach also jo. Dofir fannen ech den Beruff och sou flott well en immens villsäiteg ass, ne. #00:46:50-4#

I An et huet een eng grouss Verantwortung och

C jo jo jo

I Dat dierf een nie vergiessen. Well ech mengen Kanner ginn awer immens geprägt vun dem, den virdrun an der Klass steet. #00:47:01-7#

C jo jo jo wann een an wann een kuckt, also jiddwereen war an der Schoul an jiddwereen weess de matt ze schwätzen, well jiddwereen weess wei en déi Zäit selwer an der Schoul war an dann eh Bomien, Tattaen Giedelen an eh jo

I Jiddwereen weess et besser

C jiddwereen weess, war selwer do an jiddwereen schöpft aus senger Erfahrung, och ech, ne. ech soen och mir hunn déi Zäit, wei och lo dat Diktat oder sou, mir hunn dann dat Diktat gemaach an net mir liewen nach, ne @oder@. An mir sinn net méi domm gin. jo jo oder jo well een och selwer jo et kann een och net méi alles iwwerhuelen wei et virdrun war, et ginn jo keng Pouten méi ausgedeelt oder do soen ech, dat war, wann een sou muss Schoul halen, dat ass jo och keng. Dat heescht jo net dass een Schoul halen kann, ne. Wann een seet wanns du net brav bass, dann ginn et Pouten, dat ass jo net --- dat ass jo net den richtigen Wee.--- jo #00:47:58-9#

I Ech mengen nei Saachen sinn gutt an och wichtig an ech mengen et soll en sech selwer jo och weiderentwéckelen, mee et muss een awer och e bëssen realistesch bleiwen. #00:48:06-0#

C Jo, jo also dat eh wei sot, ohne Fleiß kein Preis, also dat war virdrun sou an dat ass sou. Dat ass am Sport sou oder an der Musik also wann een do net do muss een och trainéieren. déi eng hunn vielleicht een bessert Händchen dofir, an dat geet dann e bëssen méi einfach, mee se müssen awer, ne. Oder et muss jo och net jiddwereen een Profimuseker ginn, mee wann een gären zu engem Resultat kennt, dann muss een eppes dofir maachen. An sou ass dat hei och. An dat ass fannen ech wei, wei déi al soen, et geet hinnen ze gutt, ne. An dat ass, dat ass esou. Et geet hinnen ze gutt oder se hunn och einfach zevill Meiglegkeeten Wat se haut alles kennen maachen, oder wat et haut alles gëtt, ne. Also dat ass iergendwann zevill, ne. Wann sie sie gesinn an eh jo. #00:49:02-1#

I Ass secher net einfach. #00:49:02-1#

C Jo jo jo et ass mee wann et einfach wier dann wier et langweileg #00:49:07-7#

[Interview abgebrochen, da die Kinder die Klasse betreten]

E. Interview 5

Datum der Aufnahme: 21.4.2016

Ort der Aufnahme: Esch-Alzette

Dauer der Aufnahme: 50 Minuten

I = Interviewerin

D = Person D, Interviewpartner

Funktioniert das Aufnahmegerät? #00:00:15-2#

I Eh ech wollt einfach mol ganz global ufänken: Wisou bass du Joffer ginn?

#00:00:17-2#

D Ma ech sinn virbelaascht vun der Famill, dat heescht meng Eltren sinn Enseignant gewiescht, meng Tatta, meng aner Tatta mäin Monni, an dass iergendwéi sou automatesch ech ginn dat lo. An well ech matt Kanner och immens gär geschafft hunn, eh jo. Et huet zwar ëmmer geheescht du mëss dat net. Du gees op d'Uni, du mëss eppes aneschters wei mier. Ech sinn dat awer ginn #00:00:42-3#

I Leit an den Genen #00:00:44-0#

D Et ass ëmmer nëmmen Schoul doheem gewiescht. Dofir ech weess et net. Et huet mech ëmmer faszinéiert als Kand sou. weess de Joffer do, matt de Kanner ze spillen an sou. #00:00:55-8#

I An seit wéini bass de Joffer #00:00:57-3#

D Ehhh ech mengen dat ass lo mäin 19. Joer. #00:01:03-3#

I Wou hues de studéiert? #00:01:05-8#

D op dem Iserp zu Walfer, déi Zäit war dat nach net uni.lu #00:01:09-9#

I weess de nach wei Studium deemools opgebaut war? #00:01:13-2#

D Ma et war eben dräi Joer an eh dat éischt Joer waren mer zesummen alleguerten, Spillschoul an den Primaire an am zweeten Joer wars de getrennt, do has de Primaire fir sech an Spillschoul fir sech an eh jo dann has de do alles dat wous de ënnerriichten solls an dono hues de dann sou Pädagogik bëssen geleiert, du hues deng Stonn missen halen du hues --- jo #00:01:41-8#

I weess de vielleicht nach sou den Verglach Theorie Praxis? Matt Prozentsaz? #00:01:45-9#

D Mir sinn regelméisseg an Stagen gaangen, ne. Wei lo Prozentsaz weess ech net. Mee all sou vill Wochen sinn mir an den Stage gaang fir eng oder zwou Wochen, mengen ech. An entweder alleng oder zu puer, mee et war ëmmer een Wiessel tëschent Stage an lo geet et rëm an Schoul. weess de Esch ech ginn rëm an Schoul

an dann hues de am drëtten Joer och missen sou Stonnen halen virun enger Kamera oder Examenstonnen halen an ehm jo. #00:02:13-4#

I War dat dann genuch Virbereedung op den Beruff? #00:02:15-9#

D jo, jo also well Schoul déi war, wanns de déi éischt Woch an der Schoul wars hues de gesot hei ech ginn heem ech kommen net méi rëm. Wanns de bis den éischten Stage gemaach hues, dann wousst de dass de op der richteger Platz bass. Du hues dat einfach déi dräi Joer Schoul duerchgestaanen -- wells de weess dono kennt dat wats de wells maachen. #00:02:34-7#

I jo, ok. Wéini, also weess de vielleicht nach wéinis du déi éischte Kéier vun Differenzeierung geschwat ginn ass? #00:02:39-6#

D --- --- --- ech mengen dat wor wou ech well geschafft hunn, ech weess et awer net méi. Lo lo dat ass schonn sou laang hier -- #00:02:53-0#

I An enger Formatioun dann oder einfach hei? #00:02:55-8#

D Nee ech mengen einfach sou hei am eh dann muss Differenz-, entweder war et just zum Schluss vum vum vum Iserp oder am Ufank, well ech weess et war den nämmlechten Inspekter, der musst differenzéieren an eh jo. #00:03:10-5#

I An wosst du dann do wat heen genee domadder mengt oder? #00:03:14-0#

D Du hues ëmmer versicht dech iergendwéi duerchzewurschtlen an eh no an no, eh matt méi. Erfahrung ehh matt méi. Bicher, deis du och mol nach méi. keefs fir méi. Aarbechtsblieder ze hunn an matt Kollegen an dann vue que datt mer lo den Appui hunn, den gëtt och vill Ideen. Au fur et a mesure huet sech dat entwéckelt, mee vun engem Moment op den aneren wars de uhh. Mee iwwert Joren hier hues de geleiert, weis de keins verschidden matt den Kanner schaffen. #00:03:42-1#

I Dat heescht éischter sou een learning by doing? #00:03:43-7#

D jo jo #00:03:44-6#

I Dat heescht dir kritt lo keen theoreteschen an methodeschen Input? #00:03:47-8#

D ehh wahrscheinlech bestinn sou Formatiounen, mee -- ech weess net sou Formatiounen zitts de net ëmmer sou vill do raus, ne. Ech fannen ëmmer doduerch dass de matt den Kollegen schwätzt, hei wei mëss du et, an lo schaffen mer am Team zesummen an datt mer lo déi Appuis Stonnen hunn, du schwätz méi. mateneen an dann -- ahjo déi Idee, ahjo dat hätt ech och nach kéinten maachen, weess de, weis de sees learning by doing dat ass eigentlech dat, wou ech am meeschten erausgezunn hunn. An lo huet gesot hei deen een, hei kuck ech hunn een flott Buch fonnt, dat kenne mer nach man, an dann mëss de dat- hei dat passt beieneen, dat kenne mer do uwenden eh -- #00:04:25-3#

I Dat heescht et ass wierklech een hëllefen ënnerteneen an net vun baussen? #00:04:29-6#

D Also Meiglegkeeten bestinn bestëmmt vun baussen, ne. Mee sou ënnerteneen iergendwéi -- geet dat mol méi. Ass dat ëmmer wierklech sou **richteg** praxisno. Dat anert ass ëmmer sou schwéier ëmzesetzen. #00:04:43-8#

I Dat theoretescht fir an Praxis ëmzesetzen.? #00:04:45-8#

D Jo an du kriss och nie sou eng genau Formatioun, hei man nehme, weess du sou een Rezept, dat **kriss** de jo **nie**. Et ass ëmmer sou bla bla bla bla bla bla bla an lo zéi dir dat raus wats de wells. Wanns de dat awer selwer sees, hei ech hat lo deen Schüler, den hat lo do den Problem, ech hunn dat lo sou an sou gemaach. Dann klappt dat bei dem aneren Schüler vielleicht och, oder wandels et e bëssen em. Oder du setzt dech dann doheem dohinner, an dann wei kann ech dat lo nach anescht maachen fir datt et bei dem Schüler och lo klappt. Weess de och selwer mol heiansdo dech, du kriss vill Input an dann sortéiers de dat an dann --- #00:05:17-6#

I Eh wei heterogen ass Klass, also vum Niveau, Sproochen, Alter? #00:05:22-6#

D Also Alter ass, do hues de ëmmer die puer Allongementer do, do ass lo net vill Altersënnerscheed, do ass dann een Joer eben. Awer vum Niveau hier, iwwer déi läscht Joren hues de ëmmer gemierkt --- eh tass lo net vill Mett do. Et ass entweder **ganz** schwaach oder ganz gutt och net, oder gutt. Awer sou eng Mett lo net. An du hues ëmmer méi Kanner wous de, du baus ëmmer méi of. Sou wei bei eis hei lo, hunn ech Erfahrung gemeet -- ehh -- ech -- reduzéieren éischer, wei datt ech lo soen ech bauen op an ech versichen nach méi bäizebréngen. Well vun der Populatioun déi mer hunn, ne ass dat net meigleg. #00:06:06-6#

I An wat fir eng Sproochen schwätzen sie doheem? #00:06:10-6#

D Sie, oh wat hunn mer, portugisesch, kap-verdianesch, lëtzebuergesch, däitsch, algeresch, wat hunn mer dann nach --- franséisch --- oh ganz vill @--@ #00:06:26-3#

I Ben sechs an denger Klass ass net schlecht --- eh wei huet sech iwwerhaupt däin Unterricht sou weiderentwéckelt, wanns de sees du baus lo ëmmer méi of oder? #00:06:40-3#

D Dat ass, wei soll ech lo soen, dat ass ganz eescht . Also ech hat, also mäin Bouf, den ass lo am drëtten Schouljoer, an den war d' läscht Joer dann bei Kolleginnen an der Klass, mir waren net dat nämlecht Team, mee sie waren eben een Team fir sech. Jo dann bréngt deen Heem an dann schafft däin Gehir. Kuck mol wat déi, wann ech kucken, ech, dann méss de däin Programm och rëm anescht, ahjo dat do hätt ech och nach kéinten man. An dann opemol, bass de vun dem wats de initiallement virun 19 Joer ugefaangen hues, du entfern dech ëmmer méi, an och doduerch datt et net méi leeft, tass de dat net méi tel quel kanns maachen, änners de dat einfach ëmmer em. Sou méi Grondkär ass nach ëmmer den selwechten, meng Prinzipien an meng -- dat wat ech hinnen well vermëttelen, dat ass nach ëmmer selwecht. Awer lo zum Beispill rechnen wou ech dann sot hunn ech keen Buch méi, well iwwert Joren waren vill verschidden Bicher an dat läscht Buch wat mer lo kritt hunn, et war net méi unzewenden tel quel matt den Kanner. Et war vill ze schwéier, an et war vill ze vill och op enger Seit. Zum Beispill am rechnen has de fir d' éischt- eh bei hinnen war

alles zesummen. Dat heescht Zehnerüberschreitung eh an och net Überschreitung war alles op engem Blat, jo. Meng Kanner hunn lo geleiert virdeischt mol ouni Überschreitung an dann déi doten Rechnung an dann déi doten an dann déi do. An beim Zahlenbuch war alles matenaner, et war ze komplex, sie sinn net méi eenz ginn. An dunn hunn ech gesot sou lo Schluss. An well mengem Bouf seng Joffer d'läscht Joer dat huet och sou Dossieren gehat an dunn hunn ech geduecht, dat ass eng cool Idee. An dunn hunn ech dat ëmgeännert. Am Däitschen sinn ech beim MILA lo hänken bliwwen. Awer iwwert Joren verfäiners de dat. weess de déi Aufgab war schonn, dann keefs de rëm een neit Buch wous de iergendwou gesinn hues, dann baus de déi Aufgab an, mee de Kär ass ëmmer nach den selwechten bliwwen. Eben just d'Aarbechtsblieder änneren mol vun Joer zu Joer oder du kriss mol eppes vun enger Kollegin, hei kuck ech hunn een flotten Classeur, dann hellst de dat, eh. Well soss ass et jo och langweilig, wanns de ëmmer dat selwecht mëschs. An och Prüfungen, déi adaptéiers de dann och em. An doduerch dass och verschidden Kanner, wanns de differenzéiert schafft, kréien se och differenzéiert Prüfungen.
#00:08:35-0#

I Dat heescht sie kréien och wierklech ënnerschiddlech? #00:08:36-9#

D Ahjo, soss huet et jo keen Wäert. Also ech hunn eh lo am Rechnen hunn ech zwee Kanner, die déi doen sech ganz schwéier. Die hunn guer keen Zuelenbegrëff, mathematesch déi hunn guer keen Sënn dofir. Denen man ech ganz einfach nëmmen plus minus Rechnungen. An dann eben matt hiren, matt hiren Steng oder matt hiren Fangeren oder wat och ëmmer als Hëllefsmaterial. An déi kréien dann och just dat, wat sie gemeet hunn. Während déi aner dann, mir hunn dann Ergänzungsaufgaben gemeet, dat kennen meng aner zwee Meedercher net. Déi kréien dat dann och net. weess de sou, souuu dat wat se man, dat kréien sie an der Prüfung. Oder mäin léiwte Kand G den ech aus, vun Korsika hunn. Do sinn verschidden Saachen am Däitschen, op eng Fro ze Äntweren, eh dat kann en jo net, en kann jo mol keen uerdentlechen däitschen Saz maachen, dann loosse ech dat an der Prüfung wech. Sou -- du muss dat adaptéieren, well adaptéieren soss et huet jo keen Wäert, dat Kand huet dat jo net gesinn, firwat muss et dat dann an der Prüfung man, dat bréngt et jo net. #00:09:27-1#

I Mee hunn sie dat dann och lo net am Cours gesinn, oder? #00:09:28-4#

D Nee, dann gesinn sie dat am Cours och net. Dat heescht dann schafft de dann, am Rechnen schaffen ech dann zweespureg, wann ech gesinn bei deenen zwee Meedercher dat geet net, mir hunn d'Ergänzungen gemeet, et geet net. Maja dann wandelen ech eh, mir haten lo däi Zahlenmauer, mir haten Rechendreiecker, wann dat matt Ergänzungen komm ass, jo dann hunn sie tel quel haten sie iwwerall hier Zuelen an sie hunn nëmmen ausgerechent, däi eng hunn dann ergänzt an bei hinnen hunn ech et dann matt Tipex weggemeet an ech hunn hinnen Zuelen drageschriwwen an sie schaffen dann just domadder. oder lo wann am Däitschen ehm, well se jo dann däi eng am Appui sinn, während, man mir däi Zäit eppes anescht wat deejéinegen, dat ass d' Kand G den kann, den übt dann säin Diktat, während mir een Text man oder Froen man. Dann leeft dat gutt, well soss setzt heen do an dann eh. Oder du gëss him dann eng aner Aufgab awer am Plaz mee dann ass en och net roueg genuch fir sech dorobber kennen ze konzentréieren, wanns du däin Cours häls. Et ass ëmmer sou --- jo @mir arrangéieren eis ëmmer sou@sou@

an dat ass och ëmmer vun Dag zu Dag, ech plangen dat zwar och ëmmer wat ech dann maachen, mee et sinn awer och su Deeg oder Stonnen, wous de mierks hei dat do geet lo net, nee du mëss lo dat, du mëss lo dat, du gees lo matt dem matt duer eh jo #00:10:38-4#

I ëmmer grad Verfassung kucken. #00:10:39-9#

D jo jo dat och dat souwisou och. #00:10:43-0#

I Wei huelen Schüler dat dann op? Mierken sie dat oder? #00:10:47-6#

D Ech man guer keen Tamtam doraus. #00:10:49-7#

I Dat ass einfach sou #00:10:51-4#

D Jo. Sie mengen , am Rechnen sie mengen sie géingen all dat nämlecht man. Ech weess net op hinnen dat sou opfällt. #00:10:57-2#

I Dat heescht et ass nach nie een komm, Joffer wisou muss oder wisou muss ech lo an den Cours d'Appui, wisou? #00:11:02-3#

D Nee et ass einfach fir hiert bescht. Sie stellen sech mol guer net-, sie ginn souguer **gären**, sie sinn béis wann sie net däerfen goen. Sie sinn, ginn gären do matt, et ass lo net --- also et gëtt och nie gesot Cours d'Appui ass fir déi, déi nach Hëllef brauchen. Sie ginn einfach gär matt, bei der neier Joffer do matt. An déi eng däerfen dann ëmmer matgoen, déi aner nee du brauchst dat lo net, komm bleiwe do bei mir, du du [nicht verstanden] . Ech mengen datt dat, wanns de méi heisch gees, do mengen ech do iwwerleeën se schonn aneschtens. An dann nach ass den Appui bei eis net ëmmer sou, dass dat den Appui ass fir déi schwach. Dann ginn se och oft gruppenmeissech an den Appui geschéckt dann ginn och déi schwach- eh déi staark an den Appui geschéckt, fir déi dann weider ze pushen. An Joffer hält déi Schwach fir hinnen dat dann nach eng Kéier ze erklären. weess de et ass net ëmmer nëmmen Appui nëmmen fir déi schwach. Et ass demnoweis du domadder ëmgees. Ech kéint och lo soen, hei ech ginn dem, ech ginn S lo déi gutt an ech halen déi Schwach an ech schaffen matt deenen. Dann ginn déi Gutt weider gepusht, an déi schwach déi bleiwen dann bei mir an dann maachen mir dat nach eng Kéier. #00:12:07-4#

I Wat geschitt dann méi oft? Éischter dass déi schwach awer geschéckt oder och déi staark? #00:12:12-5#

D Ohh fff, dat hänkt ganz vun der Organisatioun of, weis du och an dengem Teams wells schaffen. Also ech ginn meeschtens ëmmer déi, wou ech weess doheem leeft net vill, ginn ech déi matt. Déi kréien lo nach eng Kéier. eng Widderhuelung virun der Prüfung oder eh déi déi Staark halen ech dann einfach bei mer. Ech man et dann meeschtens sou. Mee dat hänkt ganz vun dengem Team of, weis de dän Konzept opgebaut hues. Bislo hate mer ëmmer, du hues dän Appui dat sinn sou vill Stonnen dat ass fir dech an dann ginn deng Kanner. An déi nächst Stonnen ginn déi Kanner. An lo wou mer am Team schaffen zesummen, hat ech der jo gesot, hues de een groussen Pool eben wous de déi Appui Stonnen hues, hei brauchst de en am

rechnen, nee am rechnen brauch eng keng méi, dann kanns du meng mathuelen. Kréien mir dann sechs Stonnen, an meng déi brauchen dann keng, weess de sou. Dat hänkt ëmmer vun der Philosophie of deis de hues oder der momentaner Situatioun, weis de däin Appui opdeels. Mir kucken ëmmer fir all sechs Wochen, all Vakanz fir ze kucken wei ass den Stand, ween brauch lo am rechnen méi Stonnen, ween brauch lo am Däitschen méi Stonnen, ween brauch lo guer keng, dann kriss du meng. Dat ass nie fix selwecht, ne #00:13:15-9#

I Jo ass dach flott, wann en do ugepasst gëtt. #00:13:17-8#

D Jo dat ass, nee dat dat bréngt ëmmer am meeschten. #00:13:23-1#

I Gett et soss nach iergendeng Art wous de differenzéiers? #00:13:25-5#

D --- ma ech hat och schonn Joren do, ehh loosse mer soen, wann ech lo een Buchstaw ufänken lo vum Däitschen, dann kréien se hier Vokabelslescht an déi Vokabelen mussen se kennen, wëssen wat et heescht, dat heescht sie mussen et kennen bei Biller schreiwen an sie mussen kennen Wuert u sech richtig schreiwen, et gebrauchen fir an een Saz. Jo dann eh hat ech verschidden Kanner, déi waren iwwerfuert wann bei den Kon-, bis Konsonanten-Verdopplung komm sinn, sinn déi ewechgefuer. Sie konnten just lautgetreu schreiwen. Maja dann hunn ech gesot ok, mir hunn déi selwecht Vokabelen, ech picken dir déi zéng eraus oder déi sechs raus, deis du **muss** beherrschen. Déi muss du beherrschen, wei déi aner matt den Biller, matt den Säzbauen, matt an Lückentexter asetzen, just déi muss du kennen, déi aner mussen se dann all. Dann hunn ech sou differenzéiert. Och just dann am Appui ass dann och just dann op déi Wieder geschafft ginn. Eh wat hunn ech nach gemeet, jo dann am rechnen, wei ech der erkläert hat, sie kréien, déi, wei soll ech lo soen. Wei lo déi zwee déi ech hunn, wou dann Ergänzung guer net meigleg ass, jo dann maachen déi dat net, dann kucken mer datt mer déi op plus a minus, Überschreitung, Unterschreitung, datt mer déi dann prett hunn an zwee Joer, fir herno dann bis den Juli dann op honnert ze erweideren, fir datt mer déi dann prett hunn. Eh wat hunn ech nach gemeet --- oh et sinn nach vill Saachen, déi mer lo wahrscheinlech net @afaalen@. #00:14:58-6#

I Wei ass et dann zum Beispill matt der Zäit? Hunn sie ëmmer déi nämlecht Zäit oder? #00:15:01-3#

D Oh déi eng hunn ëmmer méi Zäit wei déi aner. Du weess den éischten ass fäerdeg, dann huet den läschten den Bläistëft nach net aus der Schachtel. Dat gëss de ëmmer, dat gesäis de, dat fills de. Mee du sees awer nie, sou fir jiddwereen ass lo Schluss. #00:15:13-1#

I Nee wat maachen dann zum Beispill, wann den éischten ofgëtt, wat geschitt dann? #00:15:17-0#

D Maja dann eh ech hat bislo ëmmer, sie hunn een Molheft gehat bislo, an dann hunn se sech dann esou beschäftigt. Dann hunn ech et och oft ëmgeännert, hei kuck du kanns aus der Bibliothék een Buch huelen. Lo méttlerweil sinn ech um Wocheplang, dat heescht ech hunn, sie hunn zwou, dräi Wochen Zäit fir eng bestëmmten Matière ze maachen, am Rechnen an am Däitschen. An dat ass ëmmer

dat wat mer am Moment behandeln als zousätzlech Wiederhuelungsübung. Am Däitschen. wei am Rechnen oder och emol eppes vun virdrun, fir mol rëm eng Kéier opzefrëschen. An dann huelen sie hiren Classeur, datt ass den mauven Classeur wou ech den ganzen Moien geschwat hunn -- an dann schaffen sie ried virun an wann dann de läschten fäerdeg ass an ech hunn dat verbessert dann leen mer rëm alles wech an dann schaffen mer virun. Sou dass den Cours eigentlech doduerch net gesteiert gëtt. Well sie ëmmer am gaangen sinn, well mat dem gemools ass mer dono opgefall sie sie --- sie hunn der een Heft vollgemoolt an zwou Stonnen, ne. Oder sie souzen do an sie hunn Luucht ausgekuckt an sie hunn gesteiert. #00:16:15-6#

I Mee et sinn jo awer och oft die nämlecht déi méi lues sinn, huelen ech mol un? #00:16:20-3#

D jo #00:16:20-5#

I An wéini maachen sie den Wocheplang? #00:16:24-0#

D Oh dann reduzéieren mer deen och. Redut- also eh oder sie müssen dann eben e bëssen méi doheem schaffen. Oder du reduzéiers den dann och, dass de sees hei komm dann sträichen mer déi an déi Säiten wech. Mee meeschtens geet, geet et awer op. Doduerch dass die éischt dann schonn no annerhallwer Woch fäerdeg sinn, hunn déi aner jo dann nach eng Woch oder nach e puer Deeg méi Zäit. Sie sinn mëttlerweil gewinnt, dass dann müssen Hausaufgaben [Wort nicht verstanden] matt heem huelen. Well et sinn jo net all Dag tonnen vill Aufgaben, well dat hänkt jo och ëmmer dovunner of, wats de grad den Dag gemeet hues, obs de lo méi oder manner Hausaufgaben hues, an dann man- déi Schlaw déi sinn lo schonn am gaang matt heem ze huelen an do lo schonn opzeschaffen, an dat ass rëm eng Widderhuelung, also dat ass näischt ganz neits, dass näischt aneschteres wei dat wat mir, wou mir lo bei dem Buchstaw sinn, dann ass et och den Buchstaw wou se Widderhuelungsaufgaben maachen, am Rechnen och --- #00:17:16-0#

I Interessant dat mam Wocheplang #00:17:18-5#

D Maja ech weess och net, dat war lo am drëtten am véierten fënneft sechst hunn se dat ëmmer gemeet. An lo wou ass mäin Bouf am drëtten, an heen huet ëmmer den Wocheplang matt heembruecht, cool ok wei mëss de dat am éischten Schouljoer? Well se do jo nach näischt kennen. An dunn ëmmer an der Eltereversammlung, hmmm dat erklärt mer dat, déi man ëmmer do sou Widderhuelungsaufgaben an dunn hunn ech an mengen Bicher geholl, déi ech bislo kaf hat, hei dat do. An wei et dunn fäerdeg war, hat ech een Wocheplang. An dunn hues de dat einfach mol an Klass geheit an gesot hei kuck wei sech dat lo entwéckelt. An mëttlerweil sinn ech op gutt zwou, zwou Wochen plus minus, oh heiansdo bëssen méi, well heiansdo ass et méi an wanns de ses hei lo hunn mer nach dräi Wochen bis Vakanz, dann zeien mer dat einfach, dann fänken mer virun der Vakanz, lo net nach fir eng Woch eppes neits un, weess de sou. Sou huet sech dat och verselbst-, ganz oft verselbstännegt sech dat, du hues guer net am Kapp datts de dat wells man an dann hues de et awer. Also bei mir ass dat ganz oft sou. Sou wei wann ech mer sou gezielt eppes an den Kapp setzen, nee, dann kennt einfach sou. An iergendwann eng Kéier hues de dat sou, oh kanns du dat och. weess de sou sou, bass ganz erstaunt wei dat sech dann eh

doduerch dass de dann och wei gesot den Kontakt matt deenen aneren, matt den Kollegen hues, och mol driwwer. Wat war lo nach een aneren déi ass vum fënneft, sechst an den huet lo een zweet, mëss du een Wocheplang, ech hunn dat am sechsten och gemaach, mee wei man ech dat? Hei kuck, sou hunn ech et versicht, ah ma dat ass jo nei, weess de sou dass de och den Kontakt och matt deenen driwwer sichts, hëlleft der dat och do do, du änners et dann em op däint. #00:18:49-3#

I Jo dat heescht den Kollegen Austausch ass schonn extrem wichteg

D jo jo jo

I an den gëtt och hei extrem vill ugewannt? #00:18:58-3#

D Also vue que dass de innerhalb vum vum Cycle treffs de dech jo sou oft an den Consultatiounen, dass de dann och vill mateneen an Gespréich kenns, hei wei mëss du dat, wei mëss du dat. An virun 8 hues de dann och ëmmer deng Klipp wous de dann do setz an schwätz an dat fënnt sech wanns de matt den Leit e bëssen schwätz ne, jo et ergëtt sech einfach sou. Dann fält een Wuert, a wei mëss du dat dann? maja sou, ahhh jo, weess de et brauch, du brauchst oft nëmmen sou een klengen, eng Klenggeheet an dann denkt dat am Kapp virun an bemol dann hues de nach iergendeppes do fonnt. #00:19:33-4#

I Et ass een risegen groussen Wellen zu Weiderentwécklung, dat bewonneren ech richtig #00:19:37-6#

D Dat dat dat, wei soll ech lo soen, am Ufank, wei ech am Ufank ugefaang hunn matt schaffen, do bass de stur, ech muss dat lo maachen, weess de mëss stur déi Buch do fäerdeg an däin Buch do fäerdeg. An wanns de méi Joren hues dann gëss de méi labber, dann weess de am Endeffekt muss dat erreecht sinn. Am Ufank hues de jo keng Ahnung. Wei weit muss ech am éischten Schouljoer sinn., wat erwaard sie am zweeten. An dono kucks de dat ëmmer matt méi, op eng méi grouss Distanz, an dann gëss de méi frei. An dann geet dat bei mir och besser fir dat ëmzewandelen, fir mol een anert Buch, nach op iergendengem Internetsite an woahh oder et kennt nach eng Kollegin oh ech hunn hei een Internetsite fonnt hei kuck mol fir Mathé, kuck mol do, do fënns du och nach eppes. An dann ses de dat aalt loossen ech wech, ech huelen dat neit dobäi, weess de sou. Oder du -- jo bouche à l'oreil, weess de su su. #00:20:26-7#

I Ech fannen dat super @--@ Gesäis de iergendwou Problemer oder Grenzen vun der Differenzeierung? #00:20:35-9#

D --- --- #00:20:40-9#

I Also et gëtt jo gesot et soll een all Kand gerecht ginn, mee an der Realitéit? #00:20:49-0#

D Jo mir versichen dat ëmmer. Bis lo fannen ech, sou wei mir bislo gefuer ginn, geet dat awer. #00:20:57-5#

I Anerer hunn zum Beispill gesot, et ass einfach den Zeitfaktor, lo wann se jiddwerengem seng Aufgaben missten ginn, op sengem Niveau op senger Längt, sou #00:21:07-7#

D Sou wie eng Menüskaart. nee also ech kucken schonn ëmmer. e bëssen sou am graffen do do filters deng Kanner raus, an du hues der ëmmer. déi méi schwach an méi staark sinn, mee wierklech déi sech ganz, ganz schwéier matt verschiddenen Saachen doen, **déi** filters de dann raus an bei **deen**en kucks de dass de deenen gerecht gëss. An bei den- du hues am Alldag och ëmmer. gutt, schwach an schlecht, die ganz gutt bon dann dann gëss. de mol eppes méi an Mett déi schwëmmt dann matt an déi ganz schlecht, schwach do fixéiers de dech dann méi drop. Du kanns net jiddwerengem eenzelnen. #00:21:42-0#

I Och vun allem wann een ganz leng an der Klass ass. #00:21:43-6#

D ohhh jo. Also ech muss soen, wou wei lo haut matt dem Appui do hat ech jo souvill Leit déi dann komm sinn, dat ass jo natierlech méi agreabel. Wells du weess den mësch doheem doudsécher keen Diktat, ma dann mësch den en dann déi Stonn an der Schoul. Sou dat ass dann ganz vill Aarbecht ofgeholl, wanns de alleng bass, ass et oft #00:22:02-6#

I Seit wéini gëtt et dann den Appui do? #00:22:09-1#

D --- ech mengen seitdem do déi Reform war, vun do un. #00:22:17-0#

I Déi Kompetenzenreform #00:22:18-4#

D jo #00:22:19-5#

I @---@ Wei ass dat dann iwwerhaupt, zum Beispill gëschter an der Schoul Kompetenzen schéin a gutt mee hatt huet net Muecht méi, zum Beispill an enger Prüfung fir déi Staark dann nach Zousatzaufgaben, do konnt et soen maja wann der déi nach maacht kritt der plus eent oder an enger Prüfung wann se sech net konzentréieren oder wann se iergendwou ofkucken konns de soen, hei du kriss lo minus eent du hues ofgekuckt. Sou dat bestrofen, belounen, wei funktionéiert dat hei? Gett et dat nach? Wei gouf et dat fréier? #00:22:50-5#

D Ma fréier war et eben sou, dass de matt dengem Punkten wars, an dat wat erauskomm ass, hues de an Zensur agedroen. An haut ass dat sou du hues Zensuren déi sinn oft, also déi Bilanen wei dat lo heescht., déi Kompetenzen deis de do muss bewäerten, du muss virdeischt mol oft selwer verstoen, wat soll dat. Och wanns de dat op aner Sproochen iwwersat kriss, dass der oft awer och net kloer. Du versichs dat dann ze dréinen, dass et op iergendeppes passt, wats de wells bewäerten. --- et ass vill Aarbecht oft, et geet och oft, sie soen zwar ëmmer et geet keng Zäit verluer, mee du hells der awer Zäit hells der dann awer, wei lo matt menger Billergeschicht ehhe, dann géif ech -- normalerweise wann ech Billergeschicht hunn dann loossen ech se ëmmer mol schwätzen et sinn awer och Billergeschichten wou ech dann méin Classeur dobäi hunn an oh kuck wei schwätzt den lo, wei huet den lo geschwat oder wei huet den sech lo debrouilléiert oder huet den lo geschwat. oder wann mer liesen een Text, wei fléissend liest den. -- an fréier hues de der dat einfach

ugekuckt an dann hues de een zwee dréi véier een bis zwee an lo matt deenen Kräizercher, dat ass #00:23:53-6#

I Dat heescht et ass och eng Méiaarbescht fir dech? #00:23:55-2#

D --- jooo, du du hues duerno däin System fonnt. Ech hunn lo mäin System fonnt ech hunn meng Kompetenzen an mengem Classeur an dann eh eh kucken ech Kanner, ass et dann sinn se gutt ass et gréng, ass et lala ass et orange an anerwäerts ass et dann rout an dann hunn ech meng Pinktelcher an dann wann ech den Bilan schreiwen gesinn ech dann weivill Kompetenze sinn rout, orange, gréng an doropshin soen ech Kaas weider oder zwou Kaasen weider oder Punkt sie bleiwen stoen. Freier hues de einfach deng Nummeren rageschriwwen an dann hues de dat ausgerechent dann hues de dat dohinner gemeet. Mee dat ass awer méi schwéier fir hinnen gerecht ze ginn. Fir genau ze soen hei den do ass lo sou, den kritt lo eng Kaas méi, den ass lo sou, den kritt awer keng Kaas méi eh dat ass méi schwéier, fannen ech fir hinnen richtig gerecht ze ginn. An wann ech den aneren Dag nach eng Kéier géing ausfëllen -- wieren se rëm ganz anescht. Außer bei deenen gudden, wou alles gréng ass, ass ëmmer alles gréng. Mee et ass oft sou déi Mett déi sou, wanns de et den aneren Dag géings man, wieren se aneschteres. Mee bei den Punkten war dat net sou? #00:24:56-3#

I Jo du jo alt manner Ënnerscheeder, also mann Differenzmeiglegkeeten? Du hues jo dann dräi Kategorien oder? #00:25:03-6#

D eh jo du hues, et ass ganz vill . #00:25:05-9#

I Nee ech mengen lo vun dat do kann en, dat do kann en nach net, dat do muss en nach leieren, ech weess net méi wei dat benout gött, mee #00:25:14-0#

D Am Bilan oder während enger Prüfung? #00:25:15-4#

I Am Bilan #00:25:16-6#

D Jo am Bilan hues de sou vill Këschten bis datt se bei dem Sockel sinn, an dann gött et och nach Niveau avancé mee dat ass och jiddwerengem individuell zum Beispill ech kucken wann et vill gréng Luuchten ginn., wann ech mäin Bilan schreiwen an mengem Classeur dann ginn. ech hinnen zwou Këschten oder iwwert Joren dann och mol entwéckelt. An wann et dann vill orange ginn., ginn. ech hinnen nëmmen eng, well se jo awer e bëssen een Progrès gemeet hunn, an wann et dann rout ass, dann kréiem se een Punkt, well se dann net weider, mee den Kolleg mëscht dat vielleicht aneschteres, déi gesäit dat, den spiert dat vielleicht aneschteres, weess de et ass alles sou subjektiv, dass esou -- #00:25:49-1#

I Dat heescht et kann een am fong guer net méi ënnerteneen vergläichen. Punkten waren Punkten an dat heiten ass lo oh ech mengen den heiten huet dat awer lo gutt gemaach, den kennt weider #00:25:56-1#

D Oh ech kann et net soen, wischi waschi #00:25:58-8#

I Dat heescht et ass méi schwéier och den Kanner gerecht ze ginn.? #00:26:03-3#

D Jo jo, sou am Verglach zu zu deenen aneren. #00:26:13-5#

I Ehm ok. Gett et iergendeppes wats de géings gären eng Kéier ausprobéieren? Wat lo zum differenzéierten Ënnerriicht ugeet? #00:26:23-9#

D --- -- nee, ech weess lo näischt, nee. #00:26:32-4#

I Gëschzt zum Beispill hate mer Beispill ehm dass een eng Klass, also Teamteaching mëscht, dass een eben méi kanns bei een eenzelnen goen, oder #00:26:41-6#

D wanns de zu dräi Enseignanten bass fir zwou Klassen. Dat kenne mir net maachen, mir kréiem keen Personal, dorunner géif et schonn alleng scheiteren. Mir mir mir schaffen eh wei soll ech lo soen, mir hunn mir deelen, mir hunn ee groussen Grupp Kanner, zwee éischt Schouljoer an een zweet an do versichen mer su opzedeelen su Gruppen ze maachen, fir dann matt hinnen ze schaffen. Mee iergendeppes am Sënn vun, nö, nö. #00:27:09-9#

I Ehm géings du eigentlech gären eng Kéier su eng konkret Weiterbildung maachen, wann et lo iwwert Differenzeierung ass, wann awer lo net nëmmen theoretesch kritt, mee wou dann och zum Beispill een géing an Klass kommen an soen géif hei. #00:27:25-6#

D Ahjo, jo secher. Mee bei deenen meeschten Formatiounen ass et ëmmer, du frees dech fir dohinner, du hues der et gezielt erausgesicht an dann setz de do --- an dann weess de awer mol net wats de domadder solls ufänken. Mee et sinn e puer Saachen deis de alt mol kanns huelen, mee sou richteg hei tak tak tak dat weess de maach lo dat, du hues lo den Tipp fir ze differenzéieren, weess de sou. Sou eng Formatioun hunn ech nach net fonnt. #00:27:50-8#

I Mee well ech weess lo zu Beefort hunn se den Wocheplang opgebaut an do sinn der awer ëmmer zwee jorelaang matt an Klass komm an hunn gehollef virzebereeden an do goufen. #00:28:00-1#

D ahjo wanns de dann eng eng eng eng gutt Ënnerstëtzung kriss, wou och praktesch alles gutt uwendbar ass eh jo. Wanns de dann wierklech eng eng eng Kapp a Schwanz huet, wous de dann gutt Saachen gesot an net sou bla bla, wann dat géing existéieren. #00:28:26-1#

I Wells de nach iergendeppes lass ginn, nach iergendeppes soen, leit der nach iergendeppes um Häerz? #00:28:30-7#

D Mee wat schued ass, du hues sou vill gutt Ideen fir matt den Kanner kéinten an der Klass ze man, mee du bass ëmmer zäitlech begrenzt. Du hues ëmmer den Drock hannendrun. #00:28:41-8#

I An wat firengem Sënn zäitlech? #00:28:43-0#

D Maja du weess, eh bon mir kréien ëmmer gesot et gëtt keen Programm bon mee ech muss awer um Enn vu mengem zwee zweeten Cycle meng Buschtawen all

gesinn hunn, fir dass ech se kann an den drëtten Cycle schécken. Jo dann gesinn ech ech hunn nach dat an dat ze maachen. Du bass ëmmer Drock, geet et lo ob, ech hunn lo nach sou vill Wochen Schoul, packen ech dat? Währenddems de, a wanns de den Drock net häss, ech sinn lo beim d, Dinosaurier, keins dat super opbauen, ech man een ganzen Dengen iwver Dinosaurier wou Kanner nosichen wou mer dat virstellen mee et ass net meigleg, et ass Zäit. Soss kommen ech net bei den sch mäin läschten Buchstaw an wat man ech dann? Nächst Joer fänken ech schonn matt Retard un an am zweeten Schouljoer kommen ech iwverhaupt net méi weider. weess de well se och ëmmer méi schwaach ginn, braucht de méi Widderhuelungen, braucht de méi Zäit. an dann kenns de oft su flott Saachen, deis de keins ausbauen kenns de guer net méi, well wanns de déi lo wierklech sou géings maachen, richtig flott, ech fäerten dass ech dann net géing um Enn vun deenen zwee Joer fäerdeg ginn. #00:29:42-3#

I Ass et dann ëmmer knapp oder? #00:29:44-9#

D Jo. Also beim MILA fannen ech et dann ganz knapp. #00:29:48-0#

I Weivill Buschtawen? #00:29:51-3#

D ehhe et ass, wei soll ech lo soen zum Schluss kommen souwisou den x den y den ch s, déi kommen déi sinn net méi sou ganz wichteg. Mee ech kréien déi nie sou intensiv duerchgeholl, obwuel ech wierklech schaffen, schaffen, schaffen ech bastelen an sangen an lëtzebueresch. Et kennt sou zäitweis rëm, wann ech mierken hei lo sinn mer midd, wech lo bastelen mer oder lo sangen mer oder fir Mammendag gött gebastelt. Mee awer sou sou, nee et ass su schwéier, et ass sou schued. Wells de oft géings soen hei kuck lo kéint ech dat do ranner abauen, nee komm maach léiwer een Diktat, well dat ass méi wichteg, well sie kennen Wieder nach net schreiwen, weess de sou. Wann se awer lo, ech mengen dat hänkt awer och vun der Populatioun of. Wanns de iergendwéi, ech mengen méi Richtung Staat gees, wous de méi Letzteboier an der Klass hues -- do ass dat méi einfach déi hunn dann net, déi brauchen den villen Training net vum Däitschen, weess de den Orale ehm mëndlech eh Billergeschichten man. Déi kennen dat jo dann vill besser. #00:30:53-9#

I Weivill Letzteboier sinn dann denger Klass? #00:30:56-0#

D net vill. ech weess net op et een richtigen ass --- vielleicht nach een Kand M weess ech mol --- an dann nach d´ Kand Z zwee, obwuel dem Kand M säin Papp Eistraicher ass, dat kanns de jo dann och net soen, ech mengen zwee maximum dräi --- jo jo jo. Méi hues de der net. Also braucht de enorm vill Zäit fir iwverhaupt mol an dat Däitscht eranzekommen am September am éischten Schouljoer. All zwee Joer hunn mer am éischten Schouljoer rëm eng Erausforderung. Well sie kennen **näischt**, näischt näischt näischt näischt. An dann fänks de un mam Vocabulaire, dann hues de vill Vocabulaire, an dann fänks de un domadder ze schaffen, dann vill Verben ze leieren, datt mer mol een Saz kréien. Du hues jo gesinn, wann verschidder, d Kand L den wollt sou vill zielen an en krut Kéier net fir dat alles op Däitsch erauszubringen, dann muss de dat matt hinnen sortéieren an dat brauch immens vill Zäit. Währenddems wanns de Letzteboier, wanns de Kand M an Z héieren hues, jo dat war jo vill méi einfach, do ass dat jo schonn bal richtig erauskomm, mee dann braucht de manner Billergeschichten, dann braucht de

manner Zäit., dann brauchts de manner Aufgaben fir Sätz ze maachen oder och fir Verständnis, jo dann kanns de méi der aner Saachen maachen, dat hänkt ëmmer vun der- well ech fannen ëmmer nach eh liesen, schreiwen, richtig schreiwen, fannen ech nach ëmmer ganz wichteg och wann den Computer dat herno verbessert.
#00:32:24-9#

I Jo mee wanns de een Saz net richtig bauen kann, dat verbessert och keen Computer #00:32:27-7#

D Jo voilà oder och Orthographie, ech halen nach ëmmer vill dorop fir Diktater ze maachen, weess de fir dat richtig ze schreiwen, an eh -- jo dann muss de dat och üben, an wann doheem net vill matgeschafft gëtt, geet dat och net, weess de dann muss ech jo rëm méi Zäit investéieren, well ech weess, bon maison relais ënnerstëtzt eis, dat ass dorops hin, also maison relais ass eppes ganz flottes, well sie matt den Kanner Hausaufgaben maachen -- well doheem ech hat een Joer do war bal meng ganz Klass an der maison relais an Freides hunn sie keng Hausaufgaben gemeet jo dann wousst ech Méindes dass eugh datt ech vun vun vun do vun souvill Kanner eng ganz Partie hat, déi näischt gemeet hunn, jo dann schafft de dat an der Schoul rëm op. An dann gëss de deng Zäit och rëm fort. Dat ass och e bëssen schued.
#00:33:14-0#

I Wei oft an der Woch ass dann maison relais? #00:33:15-6#

D Dat hänkt vun den Kanner of, gell. Du hues Kanner, ech mengen ech hunn der zwee déi wierklech all Dag vun Moies bis Owes vum wou Dier opgeet bis datt Dier zougespaart gëtt an der maison relais sinn. Sou eh ech verstinn och Leit mussen schaffen goen, mee #00:33:32-4#

I Mee zum Beispill fir die Elteren déi och selwer iwwerhaapt keen Däitsch kennen, ass dat jo awer vun Virdeel? #00:33:37-9#

D Voila do ass eent wou ech hunn, d' Kand G Fra huet Moyenen och net fir sech een Appui eng Nohëllef ze organiséieren. Do haten mer hier eng fonnt déi war net sou deier, et ass awer nach net dran, dass déi Fra dat kann bezuelen. Do hunn ech hier den Tipp ginn, sot ech den Papp schafft an sie sicht eng Aarbecht, dann kenns de och méi einfach ran, wei wanns de sees ech sinn. doheem -- sot ech hei verkaaft et sou, well sie maachen matt den Kanner Hausaufgaben. eh #00:34:08-7#

I An dat ass jo wichteg #00:34:08-9#

D jo an oft schaffen sie, déi aner Seit déi Elteren déi schaffen dann do net sou matt. Wei Kand C de Moien, jo meng Mamm huet gesot et war lo Zäit fir an Bett @weess de sou@ ehh an wat hues de bis dohinner gemeet? #00:34:23-5#

I Et war gutt Wieder, dobaussen gespillt. #00:34:24-9#

D jo voila. Sou ech konnt meng Hausaufgaben net maachen, ech war fort. Jo wéini wars de dann fort. Jo en Sonnden. An wou wars de en Freiden an en Samschden? weess de sou ehh -- dat ass den ech hunn hinnen, soss hunn Elteren awer méi matgeschafft, waren méi interesséiert. Ech hat lo een wat am éischten

Bilansgespräch, den ass guer net eenzgin, wosst mol net wat een Bichelchen war. Sot ech em ma Monsieur dat ass den Lien tèscht iech an mier datt ech iech doran schreiwen, wat äert Kand misst als Hausaufgab maachen. --- Sie ënnerschreiwen dat och oft an liesen et mol net. Also déi Populatioun, ech soen ëmmer wanns de Elteren gesinn hues, dat éischt Eenzelgespräch, dann verstees de alles. Dann kanns de dem Kand och keen Déngens draus maachen, well dann ech gemierkt hunn, well Kand un sech sinn déi wéinegst déi leng eenz ginn, déi wëssen ech muss dat lo man. An jo wanns de dann Elteren gesinn hues, dann weess de jo hei komm. #00:35:26-8#

I Huet sech dann vill geännert an deenen läschten Joren? #00:35:28-4#

D Jo #00:35:29-4#

I Dat heescht dass Kanner manner Opmierksamkeet doheem kréien, oder? #00:35:33-7#

D Schoul. Schoul. #00:35:37-5#

I Schoul manner Opmierksamkeet? #00:35:37-9#

D Jo #00:35:39-5#

I Dat heescht leieren an schaffen doheem #00:35:41-0#

D jo. Lo komm lo heem et ass lo Zäit fir Zuessen an dann muss de an Bett. Du verstees da och, weess de dann hues de eng Mamm déi bis fënnef Auer schafft, die bis sechs Auer schafft, déi geet heem, déi mëscht hiert iessen, hiren Stot eh dann kommen Kanner aus dem maison relais, jo an dann ass et 8 Auer, an wat mëss de dann. #00:36:01-4#

I Jo mee ech mengen wanns se aus der maison relais kommen, dann hunn se jo dann trotzdem hier Hausaufgaben well gemaach. #00:36:04-8#

D Jo, jo, mee et ass awer och net ëmmer sou. An dann verschiddener déi schieben och ëmmer Schold op maison relais. Jo mee sie soten awer et war fäerdeg, jo mee et ass awer net fäerdeg Madame, jo mee maison relais sot awer, jo mee maison relais brauch keng Hausaufgaben ze maachen, well an hirem Denger steet dat net dran, dat heescht sie man eis déi Faveur, sie man dat matt den Kanner, mee sie müssen dat guer net man. An maison relais, Elteren hunn nie schold. Sie schieben dat ëmmer -- an weess de an vue que datt sie och ëmmer méi Appui kréien, wisou soll ech dat dann lo matt hinnen maachen, an de Weekend schonn guer net. An dann sinn se sou erstaunt, Joffer ech hat doheem geübt, wann ech dann soen dat do war super, jo ech hat och doheem geübt. Jo an wisou mëss de dat net ëmmer? --- #00:36:52-2#

I Mee et ass halt eben méi einfach matt den Kanner ze spillen, wei hinnen eppes bäizebréngen #00:36:55-3#

D Ech muss soen et ass net agreabel, wanns de all Dag Hausaufgaben muss matt hinnen maachen. Ech schwätzen aus Erfahrung, dann hues de all Dag Streit. An lo

hunn mir nach Schoulzäiten, dat heescht ech sinn nach den ganzen Densden, den ganzen Donneschden, dat heescht ech sinn matt mengem Kand doheem. Mee aner Leit, wei mäss de et. Du verstees et och, mee et geet awer net. weess de du verstees och dass Fra dann midd ass. Jo mee iergendwéi muss de et jo och maachen, et ass net sou evident. #00:37:22-0#

I Ech kennen nämlech och eng beruffstäteg Joffer an sie seet och also sie huet lo een véier Joren alen, an een sech Joer aalt Kand an sie seet och virdrun hat ech vill méi Zäit fir virzebereeden gehat, lo sinn ech bis 10 Auer sinn ech am Haushalt an sinn ech matt den Kanner amgaang. An dann muss ech nach zwou dräi Stonnen virbereeden. Et muss een wierklech selwer wëllen. #00:37:42-0#

D Jo wëllen, voila. An dat jo mee et sinn awer och vill Eltren déi et net kennen, déi kennen et einfach net. Déi verstinn dat net, do ass Schoul net wichtig well sie et och net haten. Also ech hunn eng portugisesch Mamm, also déi ass herrlech déi seet ëmmer eh sie müssen leieren, et muss eppes aus hinnen ginn, an ech këmmen mäin Mamm den fënnt ëmmer dat ass net sou wichtig, mee ech fannen awer an wei man ech dat dann? Déi souz bei mir am September beim éischten Eltrengespreich an déi sot, sou dier schreift mir lo dat an dat an Bichelchen, wat well dir lo do? Ma an dunn hunn ech hier erklärt där maach dat do sou an dier maacht dat do sou an dat Kand dat ass tiptopp. An déi mëscht dat och. Et ass mol eng Kéier een Dag net sou gutt, well sie schafft verschidden Zäiten ëmmer, mee ehm du kanns wanns du wells. Et sinn der och déi dann soen, och ech verstinn dat net. weess de hei, -- oder hu dir dann och schonn dat Buch gekuckt, wat ech iech ginn hunn matt den Vokabelen wou en seng säin Vocabulaire kann erweideren. Jo sou heiansdo huelen ech dat dann raus – ehe [verneinend] #00:38:49-4#

I Et ass grad sou wichtig dass Eltren matschaffen, well ech mengen hei an der Schoul differenzéieren ass schéin a gutt mee weis du virdrun gesot hues, du kanns net jiddwerengem säin. #00:38:59-5#

D Nee zumols mëscht et dech och rosen. Kanner sinn net sou domm, wei se sie, also wei et wei et wanns de Hefter oder Zensuren kucks. Sie sinn net sou domm, mee, mee du misst matt hinnen schaffen, well du kann vill raushuelen aus hinnen. Ech sinn iwwerzeegt mam Kand G wanns de dem doheem an du géings regelméisseg matt dem Kand sou all Dag, weis de et matt dengen eegenen Kanner mäss schaffen, wier den net sou schwaach. Et wär wahrscheinlech och keng mega Lumière mee sou schwaach wei verschidden Kanner sinn, sinn se net. Se hunn eben den Pech, datt se doheem näischt hunn. An dat fannen ech sou schued. #00:39:36-7#

I Well iergendwou sinn der jo awer d´Hänn gebonnen, also als Joffer sou. #00:39:41-2#

D Jo. @--@ #00:39:44-0#

I Dat ass traureg. #00:39:45-1#

D Jo. Well dann hues de sou vill Allongementer an dann gëtt gesot jo wisou hu där souvill Allongementer? weess de @--@ #00:39:54-3#

I an dann kritt een selwer nach Schold #00:39:55-7#

D jo #00:39:56-5#

I Obwuel een net #00:39:56-7#

D Indirekt jo. An dann ass rëm déi Zäit déi mer net hunn, fir dann nach eng Kéier deen Buchstaw oder den Vocabulaire kennen opzeschaffen. Du mëss et jo schonn, ses jo schonn dem Appui, heiansdo ass et och wanns du puer Minutten hues, hei komm mier lesen nach eng Kéier oder komm mir üben die Vokabelen nach eng Kéier. Sou hunn ech och emol schonn differenzéiert. Ah voilà, lo ass mer nach eppes agefall. Zum Beispill am Rechnen bei den Sachaufgaben, do ass ëmmer Horror, well se et net verstinn d'Ausländer, dann hunn ech och verschidden, oder sie kennen et net lesen dann huet et jo keen Wäert ze soen, eh alleng eh meng zwee Meedercher, meng zwee Kanner déi net gutt kennen lesen, jo wei wells de dann Sachaufgab be-eh maachen, dann lesen ech hinnen se fir, an sie sichen mir dann Äntwerten.
#00:40:43-1#

I Op däitsch oder op lëtzebuergesch oder iwwersetz de et? #00:40:45-0#

D nee also deelweis lesen ech hinnen et och Däitsch fir. Beim Kand G den am Däitschen jo net sou gutt ass, lesen ech him se dann op Franséisch. Ah maja Joffer dat ass déi Rechnung an den Saz an dann geet et. weess de sou differ- eh dat war rëm een Dingen wou ech dann differenzéieren. Well do leit et jo dann net un, et kann jo dann net un der Sprooch scheitern. #00:41:06-1#

I Jo virun allem am rechnen . #00:41:08-2#

D Well wann ech dem Kand G soen drei Eier liegen auf dem Tisch ein Ei fällt runter, dat kuckt heen mech, wat well hatt lo vun mier, wann ech him dat dann awer lo op franséisch. iwwersetzen, seet heen mir direkt Rechnung an sou an sou vill bleiwen der dann nach. An beim Saz hunn mer dann einfach den Trick wei heen dat dann och tipptopp op Blat kritt. Dat war nach eppes, @du wärs gesinn et wäerten mer nach e puer Saachen afalen@ #00:41:32-9#

I Du kann mer och ëmmer gären nach eng Email schécken, wann dir nach eppes afält. Ech weess et ass net sou einfach lo sou spontan. #00:41:40-3#

D Jo heiansdo fënns de dat dann net sou wanns de dat dann muss. #00:41:48-3#

[Geschenk wird ausgeteilt, Abschlussdankeschön] #00:42:29-5#

D Well Theorie ass ëmmer schéin a gutt, mee #00:42:30-7#

